

11.
JULI
2025

# Gemengebuet

#LIEWENZUESCH

esch


- ☑ **= Jo**
- ☒ **= Nee**
- **= Enthalen**
- **= Procuratioun**

11.
JULI
2025

Gemengebuet

esch

Voir les votes par conseiller →



**Transkriptioun Gemengerot Esch-Uelzecht**

**11. Juli 2025**

*Réunion à huis clos*

**1.1. Question de personnel; décision**

**1.2. Office social; question de personnel; avis**

*Réunion publique*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Escherinnen an Escher, déi eis vläicht grad iwwer déi verschidde Medie grad suivéieren, ech begréissen Iech dann haut an dëser Sëtzung, der leschter virun der Summervakanz.

Entschëllegt ass d'Madamm Braz, d'Procuratioun ass ofgi fir den Här Faltz.

Par rapport zum Ordre du jour ass et esou, dass e Méindeg den Här Conseiller Baum fir déi Lénk e Punkt eraginn huet, fir op den Ordre du jour bäizesetzen iwwer Elementer aus dem Rapport Violence 2024. De Schäfferot proposéiert, de Punkt hannert de Punkt 5 op d'Dagesuerdnung dann ze huelen.

Wann et soss keng Wuertmeldunge méi gëtt zu der Dagesuerdnung, da kéinte mer ufänken. An da fänke mer u mat dem Punkt 2.1 an 2.2, de Contrat de réservation fir d'Rout Lëns.

**2. Rout Lëns: contrats de réservation des résidences seniors et étudiants; décision**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech approprïéiere mer dann elo ganz schnell hei e Slogan vun enger anerer Partei, déi zënter e puer Deeg an de Soziale Medie plakatéiert gëtt. Nämlech dass bezuelbar wunne méiglech ass.

Dëst awer net onbedéngt de Choix vun der enger Partei, wou dat méiglech mécht, mee et ass, mengen ech, villméi opgrond vu Projeten, déi eng Gemeng, onofhängeg vu Faarf, sech entweeder traut oder eeben net traut.

An et war mat ganz vill Houfer, wou mir an der leschter Mandatsperiod annoncéiere konnten, dass de joerzéngtelaange Stëllstand op der Lentille Terres Rouges endlech en Enn géing kréien.

An et ass haut mat net manner Houfer, wou mir e weidere Schrëtt a Richtung vun der urbanistescher Entwécklung vun enger neier Friche a Richtung méi bezuelbare Wunnraum an eiser Stad wëllen a kënne goen. Dat andeems mer haut zwee Contrats de réservation stëmmen, déi, wann Dir mer et erlaabt, ech alle béid zesumme géing presentéieren.

Ech géing ufänke mat engem kuerze Réckbléck – wann de Slide kënnt – iwwer déi urbanischtesch Entwécklung vum Quartier an deene leschte Joren.

Den 30. Abrëll 2021 huet eng Majoritéit am Gemengerot de PAP Rout Lëns hei ugeholl. Ee Joer méi spéit, den 30. September 2022, gouf dunn d'Convention d'exécution vum PAP dës Kéier unanime am Gemengerot ugeholl.

Heiranner gouf d'Gestioun vun arbordabele Logementer festgehalen, déi 30 % vun alle

Wunnenge sollen ausmaachen. An notamment och, dass d'Stad Esch ënner verschiddene Konditiounen dës Logementer géing fir hiren eegene Parc locatif kafen.

Den 29. November 2023 hu mir den éischte Contrat de réservation fir de Lot 29A op der Rouder Lëns gestëmmt, an de 5. Juli 2024, am Gemengerot genau virun engem Joer, gouf dunn och den definitiven Akt heifir op dëser Plaz gestëmmt. En Akt iwwer 31,8 Milliounen Euro, deen et erméiglecht huet, de Bau vun 43 Sozialwunnenge ze lancéieren.

Déi Contrats de réservation, déi mir haut stëmmen, sinn an der Form hier quasi identesch zu deem, wou mer virun engem Joer uanime gestëmmt hunn. Awer da mat Bezuch op déi verschidde Residenzen, déi mer haut presentéieren, anescht sinn.

Am Joer 2024 huet d'Stad Esch zesumme mat IKO Etüde lancéiert fir déi béid Loten, déi haut solle stëmmen, fir déi ze definéieren a fir hei éischt Iddien, Pläng auszeschaffen.

Déi Elementer, déi zwou Residenze sinn am Lot 2. De Lot 2 beinhalt ënner anerem en ënnerierdesche Parking op zwou Etagen, eis zukünfteg zwou Residenzen, eng Privatresidenz mat 90 Wunnengen an och nach véier Geschäftslokaler.

Fir d'Studenteresidenz gouf en Architekt vun IKO beoptraagt, fir d'Senioreresidenz gouf e Concours lancéiert, u wellchem d'Schäffen Zwally a Sehovic deelgeholl hunn.

Alleguerten d'Elementer vum Lot 2 befanne sech am Moment nach op enger Parcelle; mir sinn awer nëmmen zu 41 % duerno Proprietär vun där Parcelle.

Doweinst wäerte mer dee Moment, wou mer d'Verkafsakte stëmmen, och nach e Morcellement virhuelen, well mer net an eng Kopproprietéit wëllen als Stad Esch falen. Mir wëllen op d'mannst d'Majoritéit hunn, wann Decisioune geholl ginn, respektiv 100 % vun eise Parcellen an eisem Besëtz hunn.

Zum Parking ass ze soen, dass dëse mutualiséiert ass. Dat heescht, mir wäerten als Stad Esch keng Parkplaz do kafen oder lounen. Déi sinn net do fir de Verkaf u sech. Mee alleguerten déi Parkplaze kënne just iwwer länger Durée gelount ginn.

Dat heescht, och eis Locatairen herno kënnen, wa si dat wëllen, iwwer entweeder eng länger Durée vun 20, 25 Joer oder och kuerzfristeg Duréeën dann eng Parkplaz do lounen. D'Modalitéiten heifir sinn am Dossier annexéiert.

Ech wéilt och nach eng Kéier op dat ekologescht Konzept vum Lot 2 agoen. Et wäert kee Gasuschloss sinn, d'Hëtzt gëtt iwwer Wärmepompelen oder Geothermie assuréiert, 50 % vun der Fläch vum Daach gëtt mat Photovoltaik ekipéiert.

A fir d'Waasser do ass e Pilotprojet vum Retraitement vum Growaasser, dee wäert installéiert ginn. Eppes wat innovativ an nei ass a wat eis elo schonn am Viraus zwee Labelen accordéiert. Op der enger Säit de „Carbon Footprint Neutral" an op der anerer Säit de Label „Well building".

Da presentéieren ech als éischt d'Residenz fir d'Studenten. Dat ass e Projet, dee vun den Architekten „Atelier WOA" a „Vincent Laverne" entwéckelt gouf. Dat sinn och déi, déi aner Projeten, och am Lot 2, eeben déi Privatresidenz vun den 90 Wunnengen, entwéckelt hunn, sou dass sech dat anenee iwwergeet herno, urbanistesch vum Bléck hier. Dës Residenz ëmfaasst 145 Studentenzëmmeren, dat op enger Surface vu 5.800 m$^2$ a se wäert siwen Etagen herno hunn.

Um Rez-de-chaussée wäert e Geschäftslokal entstoen – a well mer och hei net wëllen an eng Koproprietéit falen, wäerte mir zu engem spéidere Moment dem Gemengerot proposéieren, dass mir och dat Lokal als Stad Esch da géinge kafen. Dat heescht awer net, dass dat onbedéngt herno dann e Geschäft gëtt.

Am Moment si mer och amgaangen, ze kucken, ob mer net aner Saachen, zum Beispill e Service oder Bürosfläche kéinten an dat Lokal installéieren.

Merci, Här Baum, dass Dir d'Dier zoumaacht.

De Projet wäert virun allem aus Holz gebaut ginn. A fir d'Realisatioun, fir do méi schnell virunzekommen, do schaffe mer mat engem System vum Pré-fabriqué. En anere positiven Effet ass, dass doduerch och eisen Emprunt vum CO2 erofgeet. D'Realisatioun vun dësem Projet soll nom aktualiséierte Stand eng 34 Milliounen Euro kaschten.

Hei ass nach e Slide vun der Studenteresidenz. Et ass eng Salle polyvalente, en Espace jeu, e Co-Working-Space an eng Buanderie virgesinn.

D'Studioe fir ee Student hunn eng Surface vun 21 m$^2$, déi fir zwee Studenten hunn eng Surface vu 35 m$^2$. All Zëmmer huet seng Toilette a säi Buedzëmmer, d'Kichen an d'Stuff gi gedeelt. Och d'Terrasse gi gedeelt, déi kënnen eeben da villsäiteg genotzt ginn.

Et ass och esou, dass een elo kéint natierlech a Fro stellen, gëtt et net genuch Surfacë fir d'Kichen, gëtt et net genuch Surfacë fir d'Stuffen. Mir hunn eis do wierklech gehalen un d'Virgaben, déi mer vum Ministère du Logement kréien, fir eeben och beschtméiglech herno d'Remboursementer matfinanzéiert ze kréien.

Fir dass awer de Sputt tëschent deem, wat mir als Gemeng herno bezuelen, an deem, woufir mer herno Subside kréien, net ze grouss gëtt. An dat doten ass eeben dann de Plang, sou wéi e virgi gëtt. Et ass nach net genau, mee et ass beschtméiglech.

An da komme mer bei d'Seniorereresidenz. Obwuel et eigentlech falsch ass, just vu Seniorereresidenz ze schwätzen. Et sinn 110 Logementer hei geplangt, awer 45 dovunner wäerten och fir „tout public" sinn.

A vun deene 45 wäerten nach eng Kéier fënnef sinn, wou kënnen ënnerschiddlech genotzt ginn. Dat heescht, déi souwuel fir Seniore wéi och fir Tout-publice benotzt ginn. Dat ass einfach dann en aneren Amenagement, wann et ëm PMR-Reegele geet. Buedzëmmer musse rollstullaccessibel sinn, alles platt a sou weider.

Dëse Concours huet de Büro „Jim Clemes" gewonnen. 110 Logementer wäerten op siwen Etagen an e bësse méi wéi 11.000 m$^2$ verdeelt ginn. De Coût fir dëse Projet chiffréiert sech aktuell op 63 Milliounen Euro.

D'Wunnenge fir eng Persoun wäerten tëschent 52 a 60 m$^2$ grouss sinn. Déi fir méi Persoune mat zwou Kummere wäerten tëscht 78 an 88 m$^2$ grouss sinn.

All Logement huet en Ofstellzëmmer. Se hunn net e Keller, mee se hunn awer e Raum, wou se kënne wéi e Keller notzen. An et wäert och e Bausseraum jiddereen hunn. Eng Terrass oder, wéi Der hei gesitt, eeben déi verdeckt ass. Et ass kee Balcon u sech, mee d'Terrasse wäerten awer assuréiert sinn.

An hei chiffréiert sech de Coût fir eis als Stad Esch op 63 Milliounen Euro.

Wéi scho gesot, stëmme mer dann haut d'Contrats de réservation fir dës zwou nei Residenze fir zesummen 255 Logementer a fir en Invest vu 97 Milliounen Euro.

Dës Kontrakter, déi mer haut stëmmen, dat sinn eigentlech Dokumenter, déi eng ganz Rëtsch Prezisiounen enthalen an och Konditioune beinhalten, mat deene mer dann herno d'Kafakte preparéiere kënnen, déi mer dann zu engem spéidere Moment hei kënne stëmmen.

Ech ginn Iech verschidde Beispiller vu verschiddene Klauselen, déi drastinn.

Zum Beispill sinn eebe Clauses suspensives dran, dass mer ënner verschiddene Konditiounen de Kafakt net maachen, zum Beispill wa sech d'Froe vum Morcellement net gekläert wieren. Anerer si Modalitéiten, déi mat der Revision de prix ze dinn hunn, anerer sinn Elementer, wou Detailer zu der Facturatioun drastinn.

De Start vun de Konstruktiounen ass fir Mëtt 2026 geplangt, dat heescht, d'nächst Joer. A verschidden technesch Detailer sinn och nach dran opgezielt.

Mer stëmmen haut nach net d'Convention d'aide à la pierre mam Ministère. Do ass et esou, dass de Ministère déi dote Projete kennt. Eigentlech och scho länger kennt, an ëmmer erëm et Diskussioune gouf an ëmmer erëm berechent gouf, wéi mer et kéinten upassen, fir beschtméiglech Ënnerstëtzung vum Ministère zeréckzekréien.

Mir wëssen och, dass grad Gesetzesupassungen an der Maach sinn. Wat mer mam Ministère awer elo gekläert hunn, dat ass, dass an dësem Fall eeben déi favorabel Situatioun genotzt gëtt fir d'Subsiden, déi mer herno kréie kënnen. Sou dass mer net onbedéngt d'Neierungen ofwaarden, mee awer dovunner ausginn, dass mer tatsächlech Subside kréien, déi un dat géingen erukommen, wat mer vun Neierunge géinge kréien.

Wat awer elo net heescht, dass mer d'Gesetz géingen iergendwéi iwwergoen, mee wat einfach bedeit, dass och déi Neierungen am Gesetz, déi kommen, net fir alleguerten d'Gemenge gläich favorabel sinn. An deen Ecart bei eis souwisou net sou vill géing ausmaachen. Warscheinlech.

Voilà, dat war elo d'Presentatioun mat engem laangen Exercice vun der Presentatioun. An ech froen dann, ob et Wuertmeldungen heizou gëtt oder Froen heizou gëtt?

Den Här Pulli huet d'Wuert.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Merci fir d'Presentatioun. Merci och, dass eis Logementscampagne op nationalem Niveau och e Succès ass, dass se souguer an Ärem Algorithmus ze fannen ass.

Ech hu just zwou méi konkreet Froen. Dir hutt elo vun de Subside geschwat, dass dat geännert hätt. Wéi vill Prozent Subside kréie mer dann hei als Gemeng? Dat ass déi éischt Fro.

An awéifern sinn déi Subsiden dann – sinn déi gedeckelt oder wéi ass dat ze verstoen dee Moment? Dat heescht, et ware just déi zwou Froen, wou ech stelle wollt. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Pulli.

Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

255 ëffentlech Wunnenge gi kreéiert, an dofir kënne mir dem Schäfferot eigentlech just felicitéieren. Dat als Grondprinzipp virausgesat.

Et gëtt ganz dacks ëmmer erëm geschwat, datt och d'Gemenge missten hir Verantwortung iwwerhuelen. D'Stad Esch huet an der Vergaangenheet ganz dacks hir Verantwortung iwwerholl, wat ëffentleche Wunnengsbau ugeet.

Phasen, wou ganz vill gebaut an acqueréiert ginn ass, a Phasen, wou et manner war. Mee hei ass erëm eng Phas, wou vill geschitt, wou mer de Stock un ëffentleche Wunnenge weesentlech erweideren. An dat kann een net anescht soen, wéi datt dat positiv ass.

Ech hunn dozou effektiv och e puer Froen. Eng hat den Här Pulli schonn opgeworf, wat Der elo zum Schluss e bësse gesot hutt vun de Subsiden. Wann Der do vläicht nach eng Kéier kéint drop agoen.

Da bei der Senioreresidenz, déi 110 Wunnengen, wou Der da 40 bis 45 Tout public ass. Sollen dat dann am Moment, an der Previsioun och Wunnenge ginn, déi no de soziale Krittäre vun der Escher Gemeng vergi ginn? Oder wéi sinn do am Moment d'iwwerleeunge respektiv d'Planungen?

Bedauerlech ass, an dat hate mer jo och schonn, Dir hutt et och selwer gesot, Här Buergermeeschter, wat notamment an där Studenteresidenz, datt de Ministère do awer op eemol komesch intervenéiert ass, wat gemeinsam Raimlechkeeten ugeet, déi, mengen ech, ganz wichteg sinn an enger Studenteresidenz.

Dat heescht, d'Fro, déi Der och effektiv opgeworf hutt, vun de Kichen, Stuffen, Gemeinschaftsraim, datt et net nëmmen e Leeër ass, wou d'Leit kënnen iwwernuechten, mee datt dat och mat Liewe gefëllt gëtt. An dofir brauch een eeben och entspriechend Gemeinschaftsraim.

Da wéilt ech nach froen, dat ass eng Fro, déi de ganze Projet an och de ganz PAP betrëfft. Ech ka mech drun erënneren, datt virun e puer Joer ugekënnegt ginn ass, datt gekuckt gëtt, fir de ganze Quartier mat Geothermie ze versuergen.

Dir hutt elo gesot, Geothermie respektiv Wärmepompele wieren am Gespréich. An do wéilt ech weiderfuerend och vläicht froen, wann Der dem Schäffe Sehovic dat kéint weidersoen.

Et si jo Buerunge gemaach ginn, Testbuerungen. Zimmlech um ganzen Territoire vun Esch wat Geothermie ugeet. An dat ass eng Fro, déi immens wichteg ass fir d'Zukunft vun Esch. Net nëmme vun den zwou Frichen, mee och vum Zentrum insgesamt.

Wësst Der, wat do erauskomm ass bei deene Proufbuerungen? Wat d'Potenzial vu Geothermie zu Esch ass? An natierlech, ob en vue vun deenen zwou ze erschléissende Frichen.

Dëst gesot, mengen ech, kann een lech am Fong just felicitéieren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Schmit hat och nach d'Wuert gefrot. Här Schmit, Dir hutt d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci villmools, Här Buergermeeschter.

De Projet gesäit jo am Fong geholl ganz schéin aus. Et ass geduecht ginn u Studenten, un déi Jonk, an och déi aner Säit un déi Eeler. Wat jo zwou ganz wichteg Saache sinn an eiser Gesellschaft, fir den Zesummenhalt am Fong geholl den intergenerationellen Zesummenhalt ze garantéieren. Dat begréisse mir also och ausschléisslech hei.

Natierlech hunn ech wéi ëmmer e klenge Bedenke mat de Finanzen. Dat heescht, et ass gesot ginn, datt mer vum Staat natierlech Subside wäerte kréien. Mee Dir hutt an de Raum gestallt, datt dat net onbedéngt sécher elo ass, wéi vill Prozent datt dat wäerte sinn. An datt souguer Gesetzer an der Maach sinn, déi wou vläicht kéinten d'Endresultat impaktéieren.

Do wollt ech am Fong geholl nach e bësse méi genau froen. Wat ass de Mindesttaux, wou mer eis sécher sinn? Dat wär mol eng Fro. A kann dat nach méi goen? Huet dat éischter d'Tendenz, laut Ärer Aschätzung, datt mer do, solle mer soen, e Mindesttaux kréien, an nach vläicht méi? Oder de Contraire? Dat heescht, datt Der dovunner ausgitt, mir misste sou vill kréien, mee et kéint awer nach manner sinn.

Ech mengen, wann Der mam Ministère a Kontakt sidd, wäert Der warscheinlech e bëssen au courant sinn, a wellch Richtung dat tendéiert. An dat wär et trotzdeem fir de Budget ganz wichteg ze wëssen. Well dat si jo awer Größenordnungen, wou och fir eng Stad wéi Esch schnell kann an d'Geld schloen. An dofir wollt ech nach e puer Prezisiounen dozou kréien. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wann et soss keng Wuertmeldunge ginn, dann äntwere mer op d'Froen.

Déi éischt Projeten, wou mer virleien haten, do ware mer bei engem Subsidentaux, wou iergendwou bei 62 läit. No Upassunge si mer elo sécher, dass mer op +/- 67 % wäerte landen, wat mer zeréckkréien. A mir ginn dovun aus, dass mer hei och nach e Charactère innovateur vum Site awer erakréien. A wann deem Rechnung gedroe gëtt, da kéinte mer och iwwer 70, méi no bei 75 % ukommen.

Wat dat tatsächlech ausmécht, dat ass dee Moment, wou mer d'Konventioun dann hei kënne mam Ministère presentéieren. Mee mir sinn éischter tëschent 70, Richtung 75 ënnerwee wéi bei deenen éischten Zuelen, déi genannt goufen.

Ech wëll och do wierklech d'Reaktivitéit vum Ministère ervirhiewen, wou et e gudden Echange gouf, wou wierklech op der dernière ligne droite d'Informatioune gefloss sinn a wou mer eis dann och entscheet hunn, dass mer och, wa mer d'Convention d'aide à la pierre nach net hunn, trotzdeem awer haut kéinte schonn dës Kontrakter hei stëmmen.

Déi sozial Krittäre, déi wäerten applizéiert ginn. Jo, och fir dës Wunnengen hei. Dat ass einfach de Krittär, deen domadder verbonnen ass, och wa mer d'Subside kréie vum Ministère. Dat heescht, déi wäerten och an de REMNA mat eragoen. An da wäerten och d'Senioreresidenzen op de soziale Krittäre vum REMNA, do de Choix mat getraff ginn.

Jo, iwwer d'Gemeinschaftraim, där sinn der do. D'Gemeinschaftsraim sinn do fir d'Studenten. D'Taille ass einfach méi zeréckgaangen, wéi dat urspréngl ech geduecht war.

Dat ass dann e Choix, deen ee mat iwwerhuele muss. Wéi wäit een op Subside kuckt, ob een d'Berechnung matkuckt, a wéi wäit een op d'Taille matkuckt.

Ech wëll awer soen, dass trotzdeem eng ganz Rëtsch Partie-communnen och um Rez-de-chaussée fir d'Studenten do sinn an dass sécherlech d'Logik oder de Wonsch vun eis do ass, fir dass, ausser just Kachen an ausser just an der Stuff zesummen ze sëtzen, Aktivitéite vu Studenten um Site méiglech si wäerten herno. Soss kann, mengen ech, de Site guer net funktionéieren.

Wéi herno d'Studentewunnenge bedriwwe ginn, dat ass och mat enger Erausfuerderung fir eis verbonnen. A la fois ass d'Uni Demandeur, fir méi grouss Blocken u Logementer ze kréien, fir selwer eng Gerance do ze maachen.

Awer étant donné dass mir hei elo d'Subsiden heifir kréien, mir am Projet mat dra sinn, bedeit dat eigentlech och fir eis, dass mir selwer als Stad Esch herno d'Gestioun vun de Studentewunnenge musse matdroen.

Wat awer och do positiv ass mam Changement vum Gesetz, bis elo war net virgesinn, dass mer do zum Beispill géinge finanziell eppes zeréckkréie fir d'Gestioun vun de Studentewunnengen. Dat huet sech awer elo verännert. Notamment fir all Studentewunneng géinge mer, mengen ech, elo 340 € pro Mount kréie fir d'Gestiounskäschten.

An dann d'Geothermie, do géing ech d'Wuert weiderginn un de Kolleeg Sehovic.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och Här Baum fir d'Fro.

Wat d'Geothermie ugeet an d'Potenzial dovunner zu Esch, a méi spezifesch op eise Frichen, sinn effektiv éischt Analyse gemaach ginn ënnert dem Lead vum Energieministère a vum Travaux-publics-Ministère.

D'Resultater vun den éischten Analyse sinn an deem Sënn villverspriechend, dass et eng berechtegt Hoffnung ka ginn, dass mer genuch Wärmepotenzial am Buedem hätten, fir de Site ze wiermen, an eventuell doriwwer eraus nach en Iwwerschoss ze hunn, mat deem een dann och nach kéint weiderschaffen, voir och weider Deeler vun der Stad kéint hëtzen.

Dat wat elo muss gemaach ginn, ass eng richteg Probebuerung um Site. An do ass mäi Kenntnisstand, dass do am Moment d'Etude d'impacte environnementale gemaach gëtt, déi d'Prekonditoun ass, fir déi dote Probebuerung ze maachen.

Dat dote geschitt alles, wéi gesot, ënnert dem Lead vun den zwee Ministèren, déi ech erwäänt hunn. An enker Concertatioun mat eis.

A soubal mer do da méi Resultater hunn, da si mer natierlech ganz frou, fir och hei am Gemengerot nach eng Kéier doriwwer ze schwätzen, well et e wichege Projet ass. An effektiv wat de Chauffage urbain ugeet, eng ganz pertinent Fro ass am Endeffekt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic.

Da kéinte mer ofstëmmen. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 3. Budget participatif „Ensemble pour une ville plus solidaire“; présentation et décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt 3. Dat ass de Budget participatif. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech presentéieren lech dann haut de Projet vum Budget participatif fir d'Stad Esch; ënnert dem Motto «Ensemble pour une ville plus solidaire - Zesumme fir eng méi solidaresch Stad».

Dëst ass e wichtegt an neit Instrument an eiser lokaler Demokratie, dat et den Awunner erméiglecht, direkt an d'Decisioune fir hir Stad anzewierken, mat engem kloer definéierte Budget an engem transparente Prozess.

Dësen neie Budget participatif ass e konkreete Beispill vun eiser politescher Wëllensbekënntnis, d'Participatioun vun alle Biergerinnen a Bierger ze stäerken, onofhängeg vun Nationalitéit oder Hierkonft.

Fir déi éischt Editioun hu mir eng Budgetslimitt vun 250.000 € festgeluecht, déi komplett an d'Realisatioun vun engem Projet investéiert gëtt, déi vun de Bierger selwer agereecht an ausgewielt gëtt. D'Prozessstruktur ass transparent a gutt definéiert, an et gëtt séchergestallt, datt d'Biergerinnen a Bierger zu all Zäitpunkt involvéiert sinn.

Déi verschidde Phase fänken u mat engem Appel à projets. Jiddereen, deen zu Esch lieft an iwwer 14 Joer al ass, ka seng Iddien an Proposen aginn, wéi dem Wuel vun der Gemeinschaft déngen an eng sozial Dimensioun hunn. Duerno analyséieren eis technesch an administrativ Servicer dës Proposen, fir ze kucken, ob se machbar sinn an de Krittären entsprechen, déi festgluecht gi sinn.

Hei kënnt eng wichteg Etapp am Prozess, d'Grille d'évaluation, déi eng transparent, objektiv a gerecht Bewäertung vun all Projet garantéiert. Dës Grille ass méi wéi nëmmen e Kontrolldokument – si ass e Symbol vun eiser Verflichtung zu Objektivitéit an Transparenz.

- Si kontrolléiert Punkt fir Punkt:
- ob de Projet an de Reegelen an den Delaisen deposéiert gouf;
- ob de Projet duerch en autoriséierte Porteur getruede gëtt (awer jiddereen iwwer 14 Joer, deen zu Esch wunnt);
- ob de Projet op Escher Terrain ëmgesat gëtt a fir déi ganz Gemeinschaft gëeegent ass;
- ob den Zil vum Projet e sozialen Impakt huet a fir d'Allgemengheet profitéiert;
- ob hien technesch a finanziell ëmsetzbar ass an an eis Kompetenzen als Gemeng fält;
- ob hien net lukrativ ass an demokratesch Wäerter respektéiert;
- an zum Schluss, ob de Projet realistesch budgetéiert gouf.

Nëmmen déi Projeten, déi op all dës Froe mat engem Jo äntweren, ginn als valabel ugesinn an der Bevëlkerung zur Ofstëmmung virgeluecht.

No dëser Analys kënnt eng Phas vu Kommunikatioun a Mobiliséierung, wou d'Projeten dem Public presentéiert ginn, fir d'Awunner ze motivéieren, sech ze informéieren an ze wielen.

D'Ofstëmmung selwer gëtt einfach an zougänglech organiséiert: online a physesch Vottbüroen, mat engem System, dee Sécherheet a Vertraue garantéiert.

D'Resultater ginn an engem offizielle Kader annoncéiert, an d'Realisatioun vum ausgewielte Projet fänkt direkt un, begleet vun enger konsequenter Kommunikatioun iwwert de Fortschrëtt, fir d'Transparenz bis zum Schluss sécherzestellen.

Mee firwat maachen mir dat genau? Wat entscheet eis Approche vun aneren?

Eis Gemeng wëll mat dësem Budget participatif e staarkt Zeeche setzen: Mir gleewen un d'Fäegkeet vun eise Bierger, fir innovativ, relevant a sozial wichteg Projeten ze proposéieren.

Mir wëllen net nëmmen en dekorative Participatiounsprozess ubidden, mee eng déifgräifend Kultur vun Zesummenaarbecht an demokrateschem Engagement opbauen.

Wat eis besonnesch ënnerscheet, ass:

- eise kloer definéierte Fokus op sozial Kohesioun an Inklusioun,
- eis Oppenheet fir all Awunner ab 14 Joer, egal wéi eng Nationalitéit,
- e strenge Prozess vu Selektioun a Qualitéitskontroll duerch déi detailléiert Grille d'évaluation
- an eng Erwaardung vu konkreeten a nohaltege Resultater, déi den Ënnerstëtzt vun de vulnerabelsten an d'Beförderung vum Zesummeliewen an eiser Stad zum Zil hunn.

Dëse Budget participatif wäert dozou bäidroen, d'Zesummenhalt an eiser Stad ze stäerken. Hien erlaabt et de Bierger, net nëmme konkreet Virschléi ze maachen, mee och selwer matzeentscheeden, wéi d'Liewensqualitéit an hire Quartiere verbessert ka ginn.

Dëst ass eng wichteg Méiglechkeet fir all Awunner; och déi, déi net ëmmer vill Geleeënheet hunn, hir Stëmm geltend ze maachen, fir sech aktiv an d'Gestaltung vun hirer Stad anzebréngen an esou gemeinsam eng Stad ze schaffen, wou jidderee seng Plaz huet.

Ech si frou op dëse Projet, well en den Dialog tëschent dem Bierger a senger Gemeng nei definéiert. Vun engem Top-Down-Modell zu enger richteger Kollaboratioun, wou d'Awunner selwer Prioritéite setzen an och Verantwortung iwwerhuelen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech invitéieren Iech all, dëse Budget participatif als eng Chance fir eis demokratesch Kultur an eiser Stad ze verdéiwen, Vertrauen ze stäerken a konkreet Projete fir eng méi gerecht an inklusiv Stad ëmzesetzen. Ech soen Iech Merci.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Cavaleiro. Da maache mer d'Diskussioun op.

Den Här Pulli huet d'Wuert.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Merci fir d'Presentatioun vun dësem participative Budget, dee mer och ënnerstëtzen.

Ech wollt just vun der Geleegenheet profitéieren, fir e puer Wuert ze soen, well ech eigentlech dat an der Budgetsried och gefuerdert hat. Ech weess elo net, ob dat consideréiert ginn ass oder net.

Mee ech hat do de Verglach gemaach mat der Stad Diddeleng, déi scho sou e participative Budget huet, wou 100.000 € am Budget sti fir esou Projeten.

A mir gi souguer als Stad Esch méi wäit. Mir schreiwen 250.000 € dran, wat jo eng gutt Saach ass. Well ech och, wéi Dir scho gesot hutt, der Meenung sinn, dass mer déi grouss Defien, wou mer an der Gesellschaft hunn, nëmme kënnen upake wierklech mat der Ënnerstëtzung vun de Bierger a Biergerinnen dee Moment.

Ech hu just nach eng Fro – ech mengen, dat hunn ech net ganz verstanen. Wann déi Projeten elo eragereecht ginn – Dir hutt gesot, d'Servicer géifen déi analyséieren. Dat heescht, jee nodeem wat fir e Beräich et ass, decidéiert dann de Service, ob dee Projet zur Ofstëmmung kënnt. Ass dat sou, wéi dat dann dee Moment funktionéiert?

Well ech hunn elo net gesinn, do gëtt kee Kommitee geschaf, oder et ass elo net, dass de Schäfferot dat decidéiert. Wien hëlt dann do déi final Decisioun, ob deen dann zur Ofstëmmung kënnt fir d'Leit oder net? Dat ass meng Fro, wou ech wollt stellen.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Pulli.

Da ginn ech d'Wuert un den Här Ramdedovic.

**M. Dejvid Ramdedovic (CSV)**

Merci fir de Wuert.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Demokratie gëtt net op den Owend vun de Wielen op. Si lieft net nëmmen an dem Walbüro, mee an eise Quartieren, an eise Schoulen, an eise Parken. Iwwerall do, wou Dir, de Bierger, Är Iddien an Initiative matbréngt, fir eise Stad vir ze bréngen.

Et ass un eis Gewielter, Iech nozelauschteren, Iech Dieren opzemaachen, Vertrauen an Är Iddien an Energie an Är Kreativitéit ze hunn.

Dat hu mir hei ugefaangen, genee wéi aner Gemengen am Land an an Europa. Mam participative Budget.

Diddeleng war schonn 2022 Pionéier an et goufe konkreet Projete realiséiert dank der Participatioun vun der Awunner. Wéi Beispill Babbel-Bank, wéi méi Zusammenheet, e Fitnessparcours, fir zusamme fit ze bleiwen, méi gesond Iesse fir eise Kanner, eng Ëmweltcampagne a Léisung fir de Kompost.

Dat ass Demokratie. Dir gitt Iddien; an zusamme maache mir se real.

Aner Gemengen zéien no; wéi zum Beispill, Déifferdeng, Ettelbréck, Mamer, Bartreng. Iwwerall maache Bierger mat an iwwerhuele Verantwortung a Responsabilitéit. An och ausserhalb eise Grenze ginn aner Stied viraus.

Cascais, no bei Lissabon, mécht scho 15 % vun Investitioune Budgete mat Projete vun den Awunner. Lissabon, Helsinki, Paräis, Budapest, Köln, Wien gi mat guddem Beispill vir.

Ech soen Iech mat voller Iwwerzeegung: Eise Stad braucht Iech an Är Iddien. Esch-Uelzecht brauch Är Energie. All Projet, och wann en nach kleng ass, ass e Schratt, fir eis Stad weiderzeentwéckelen.

Ech invitéieren Iech all, matzemaachen an Äre Projet virzestellen. Zusammen hale mir d'Demokratie lieweg, zusamme loosse mir eis Stad wuessen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Ramdedovic. Dann ass d'Wuert um Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Knaff.

Budget participatif, 250.000 €. Ech mengen, dat kann ee begréissen. Dat ass e flotten, demokratesche Prozess.

Wat mir awer hei e bësse feelt, dat ass Realpolitik. Vu que wou mer sou eng grouss Zomm hunn, déi 250.000 €, riskéiere mer ganz séier am Marché public, an engem Kader ze sinn, wou mer mussen offen ausschreiwen.

A fir mech ass et och net realistesch, dass déi Projeten, déi erakommen – an dat solle se och guer net sinn, well et géif traureg fannen, wann elo Ingenieuren an Architekte sech hei géife mellen. Ech mengen, et geet jo drëms, dass Leit vum Vollek sech mellen.

Dass déi Projete kënnen telquel geholl ginn an dorauser eng Sousmissioun respektiv e Plang oder engem Entrepreneur oder wiem och ëmmer gi ginn, fir dat ëmzesetzen.

Dofir froen ech mech bei deem ganze Prozess hei, awéifern ass am Fong déi Transformatioun vun där Iddi aus dem Vollek bis zu der Méiglechkeet, fir eng Sousmissioun auszeschreiwen, respektiv wier et d'Méiglechkeet, wann et sollt ënnert engem gewëssen Taux sinn, engem Entrepreneur, engem Installateur oder wien och ëmmer dat soll installéieren an et dohinner bauen, wéi do de Prozess ass.

A virun allem, wien dat bezilt. Oder ob dat an deenen 250.000 € do mat consideréiert ass. Well dat géif déi Zomm awer jo elo mol massiv a Fro stellen, wa vun deenen 250.000 € eventuell nach mussen 150.000 € Bureaux d'études dobäikommen.

Dofir, ech wär frou, wann ech hei géif wëssen, oder eventuell wann de Service vun der Escher Gemeng virgesinn ass, fir dat doten esou ëmzesetzen. Mee dat ass net onbedéngt kloer, wien dat soll sinn. Dat kann den Architekteservice sinn, dat kann den Espaces verts sinn, dat ka vläicht den Déifbau sinn.

Dofir wär ech frou, ob do och eng Iddi ass, wéi de Prozess ass vun deem Moment, wou mer wëssen, wéi e Projet dass mer sollen ëmsetzen, bis zum Moment, wou den éischte Bagger, déi éischt Schëpp oder wat och ëmmer virgesinn ass, wéi dat finanziell an dësem Kader budgetiséiert ass.

Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Faltz.

Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Ech mengen, de Sujet vum Budget participatif ass een, deen, zumindest sou laang ech iwwerleeë kann, ëmmer erëm an den Diskussiounen hei am Gemengerot opkomm ass. Ech mengen, datt vill Membere vum Gemengerot ëmmer derfir waren, fir e Budget participatif anzeféieren.

An d'Fro, an dat ass eng vun den zentralen, ass ëmmer erëm déi gewiescht, wéi kann een dat maachen. An et gi vill Beispiller am Ausland vu sougenannte Budget-participatiffen, déi een, mengen ech, op dee Fall kopéiere sollt.

Budget-participatiffen, déi dozou notzen, datt d'Leit déi bescht Spueriddie proposéieren, an et quasi eng Spuerpolitik vun enger Majoritéit domat indirekt sollen ënnerstëtzen.

Dat geschitt hei net. An dat begréisse mer och.

Ech muss soen, datt ech de Projet, och wéi en ausgeriicht ass, wierklech interessant fannen. Ech fannen et och gutt, datt mer op deen dote Wee ginn, datt mer och bereet sinn, Suen zur Verfügung ze stellen.

Ech sinn och iwwer déi Aart a Weis, wéi mat deenen Timelinen, wéi Leit Projete kënnen eraginn, averstanen. Och mat der Aart a Weis, obwuel dat warscheinlech eng grouss logistesch Erausfuerderung gëtt, wéi dann herno votéiert ka ginn iwwer déi eenzel Projeten. Dat schéngt mer wierklech ganz interessant ze sinn.

An och datt ee sech wierklech seet, komm, mer probéieren dat do emol. Mir versichen, Erfarungswäerter ze fanne mat deem Budget participatif, a verstäerken domadder och d'Gefill vun de Leit, Deel vun dëser Stad ze sinn, Deel vun deem Quartier ze sinn, an deem se liewen, a sech selwer och kënne mat anzebréngen.

Dofir, ech muss lech soen, ech fannen dat do e gudde Projet an e fënnt och meng Ënnerstëtzung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, de Budget particpatif, do huet een am Fong geholl och schonn hei am Land a verschiddene Gemenge jo Erfarungswäerter. An obschonn ech ëmmer, solle mer soen, a priori net onbedéngt ëmmer dozou tendéieren no Iwwerleeungen an och, nodeem ech mat verschiddene Leit och geschwat hu vun anere Gemengen, wou dat leeft, denken ech, datt mer dat solle versichen och hei zu Esch. A kucken, wéi dat am Fong geholl sech wäert deklinéieren.

Et ass jo am Prinzipp gutt, wann een de Bierger kann dozou beweegen, mat seng eege Stad ze gestalten. Also loosse mer eis emol op dat Abenteuer an.

Just, dobäi hätt ech awer vläicht eng oder zwou Remarken. Et ass scho gesot ginn och an de Kommissioune vun aner Leit. Mee do ass nach eng kleng Fro, wou sech stellt, wann am Fong geholl elo zum Beispill e Budget accordéiert gëtt, ob dat nëmmen ASBLe sinn oder zum Beispill Privatpersounen.

Anscheinend war virgesinn, datt och Privatpersoune kéinten do Assujetti sinn, fir Fongen zur Verfügung gestallt ze kréien. Dann ass et éischtens e Problem. Natierlech wär dat jo warscheinlech esou, ech mengen, dat ass schonn ugedeit ginn, datt do keng Suen ausgehännegt ginn, mee datt da Rechnungen am Fong geholl, un d'Gemeng am Fong geholl weiderginn. An datt d'Gemeng déi am Fong geholl dann analyséiert a kuckt, ob déi zum Projekt passen an déi dann bezilt.

Sou ass et mol, wéi ech dat verstanen hunn. Ech hoffen, datt Dir dat hei nach eng Kéier kënnt confirméieren, fir am Fong geholl schonn domat auszeschléissen schonn am Virfeld, datt iergend en Abus do kéint passéieren. Well et sech jo awer ëm relativ, solle mer soen, kräfteg Zommen handele kann.

A part de Volet vun der Responsabilitéit géif ech och mengen, datt ASBLen, also datt Privatpersounen do … ech weess net, ob dat eng Iddi ass, fir déi trotzdeem do, solle mer soen … ech géif de Wee vun den ASBLen am Fong geholl méi sécher fannen. Mee Dir kënnt mer vläicht e puer Erklärungen dozou ginn, ob dat esou virgesinn ass.

Wéi gesot, ech war net deen Eenzegen hei, deen do eng kleng Remark zu deem Sujet hat. An ech schléisse mech am Fong geholl där Meenung och un.

Jo, wat ech dann nach wollt – eng kleng Saach, nach eng lescht Saach, déi wou onkloer ass. De Projet soll, mengen ech, zwee Joer lafen, an no zwee Joer soll deen dann am Fong geholl vun deene Leit, wou jo da Benevolle sinn, wann ee wëll, vu que datt mer dat jo och wëlle fërderen, am Fong geholl weidergefouert ginn. Dat heescht, autonom.

Do gesinn ech awer, um Pabeier gesäit dat gutt aus, mee wann een den Zoustand vum Benevolat am Land kennt a weess, datt deen éischter ëmmer d'Tendenz huet, erofzegoen, well d'Leit eeben net méi gär eppes fir näischt maachen hautesdaags. Da gesinn ech awer warscheinlech d'Gemeng trotzdeem nach duerno an der Flicht, an der Realitéit, fir déi Projete weider ze ënnerstëtzen, och iwwer déi zwee Joer eraus.

Wou et jo geduecht ass am Fong geholl, datt dat soll no zwee Joer gestoppt ginn. Op jiddefalls säitens vun der Gemeng.

An do misst ee vläicht e bëssen trotzdeem en Touch Realismus, solle mer soen, mat awerfen. Well warscheinlech wäert do en Deel vun deene Käschten och no deenen zwee Joer un der Gemeng hänke bleiwen.

Wat net onbedéngt e Problem ass, mee wat ee kann awer iergendwéi virgesinn am Projet, esou datt ee sech do méi éierlech mécht an net Saachen am Fong geholl versprécht oder dohischreift, wou souwisou duerno net anzehale sinn.

Jo, dat war just déi zwou Remarke vu menger Säit. Wéi gesot, mir sinn och do mat derfir, vu que datt mer mengen, datt een der Saach muss eng Chance ginn, a wann dat gutt ugepak gëtt, da kann dat och e ganz gutt positiivt Bild fir Esch maachen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

Dann huet den Här Cavaleiro d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci fir Är Bemierkungen an och fir Ären Zoustëmmung an dësem Projet.

Här Baum, Dir hutt ganz Recht. Et ass genau déi Astellung, wou mer hunn. An et ass genau déi Iwwerleeung, wou mer gemaach hunn.

Mir wëllen d'sozial Kohesioun an d'Inklusioun fërderen. Dat iwwer natierlech esou e participative Projet, wou eis Bierger sech kënnen engagéieren an do natierlech och matwierken.

Ech wëll dem Här Schmit soen, datt mer hei kloer net an enger Situatioun si vun … ech mengen, et ass ganz transparent dat Ganzt. Mir sinn hei net an enger Situatioun, wou mer iergendengem oder iergendenger ASBL, iergende Veräi géinge Sue ginn.

Jiddwereen, ob dat elo eng eenzel Persoun, e Gruppement vu Persounen – eng Associatioun ass jo e Gruppement vu

Persounen – ka säi Projet presentéieren. An dann ass et un deem Gremium, un deene Professionellen aus de Servicer och ze evaluéieren, ob de Projet Kapp a Fouss huet. Ob dee finanziell ka realiséiert ginn, ob deen technesch ka realiséiert ginn. An eng vun deene Prämisse ass kloer déi, datt de Projet muss herno an engem Budgetsjoer och ka realiséiert ginn.

Dofir, Här Faltz, do kann ech lech scho garantéieren, datt mer net an enger Situatioun sinn, wou mer herno e PAG mussen ëmänneren oder datt mer iergendwellch Architekten, Ingenieure mussen engagéieren, fir esou e Projet ze engagéieren.

Et soll eppes sinn, wat u sech liicht direkt kann ëmgesat ginn a wou tatsächlech net iwwer dee Wee muss realiséiert ginn.

Déi Kandidature kënne ganz verschidde sinn. Déi kënnen natierlech materiell, vun enger Infrastruktur sinn, déi kënnen awer och e Projet sinn an engem Gedanke vun engem Service, dee proposéiert gëtt un de Bierger.

An tatsächlech soll d'Durabilitéit vum Projet och erhale sinn. Ech mengen, ab deem Moment, wou de Projet presentéiert gëtt, gëtt kloer evaluéiert, ob d'Durabilitéit och garantéiert ass. Dat ass natierlech och eng Prämiss.

Zu der Fro vum Här Pulli, d'Servicer, déi concernéiert sinn. Ech mengen, et gëtt gekuckt op Basis vun dem Projet, dee presentéiert gëtt, gëtt gekuckt, wéi e Service méi concernéiert ass, wäerten déi en Avis formuléieren, ob dat, wat proposéiert gëtt, och wierklech realisabel ass, ëmsetzbar. An deementspriechend och durabel bleift. Dofir sinn déi och do.

An dann ass natierlech och wichteg, datt konkreet déi eenzel Elementer vun der Grille d'évaluation agehale ginn, fir datt de Projet och herno kann zeréckbehale ginn. Dat ass u sech de But engersäits vun der Grille, an och gläichzäiteg vum Avis vun deene jeeweilege Servicer.

Ech mengen, dat sinn d'Elementer, déi ech hei nach wollt ginn.

Vläicht just nach als Informatioun. Mir sinn och elo schonn amgaangen, ze kucken, fir eng Plattform herno och en place kënnen ze setzen. Eng elektronesch Plattform, déi herno dee ganze Prozess och erméiglecht vun der Kommunikatioun bis herno och bei d'Presentatioun vun deenen eenzele Projeten, déi zeréckbehale ginn. Awer och déi, déi presentéiert goufen.

Déi, déi eventuell net zeréckbehale ginn, kréien awer och eng Erklärung, firwat se net zeréckehale gi sinn. An da gëtt och de ganze Prozess vun der Ofstëmmung online gemaach op där doter Plattform.

Dat do ass eng weider Méiglechkeet am Kader vun eiser Participation citoyenne, fir de Bierger d'Méiglechkeet ze ginn, fir hir Meenung kënnen ze soen a respektiv matzegestalten.

Déi Plattform kënnt dann eventuell herno och nach weider benotzt ginn am Kader vun DemocracyNext, am Beräich vun eiser Assemblée citoyenne.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ⊜ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Faltz, wëllt Dir d'Abstentioun begrënnen?

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Natierlech maachen ech dat.

Här Cavaleiro, ech hunn Iech gefrot, ob an deem Kader do vun deenen 250.000 € Marchés publics musse gräifen. Da schwätzt Dir mir vu PAG, wat d'Planungsinstrument ass vun den Urbanisten. Marché-publice sinn d'Finanzen.

Ech stellen e bëssen Är Kompetenzen hei a Fro, dass Dir net wësst, vu wat dass Der schwätzt.

D'Marchés publics gräifen ab 70.000 € HTVA. Do schwätze mer vun 250.000 €. Eng Zuel also, déi méi grouss ass wéi 70.000 €. Also d'Chancen, dass kënnen déi 70.000 € iwwerschratt ginn, sinn einegermoosse grouss.

Dat heescht, déi Äntwert, déi Dir mer gitt, ass net nëmmen deplacéiert, se ass och nach falsch.

An den Déngen ass net, das sech soen – a meng Abstentioun ass nämlech eng Jo-Abstentioun an dësem Fall – well ech dee Projet gutt fannen. Mee ech fannen awer, dass d'Responsabilitéit vun engem Schäffen, deen en plus aus de Finanze kënnt, awer trotzdeem herno weess, wéi en dat do soll bezuelen. Respektiv wéi de Projet soll herno um Pabeier ausgesinn, fir dass en ëmgesat ka ginn.

Ech fannen, dat ass eng Grondviraussetzung an eng Grondkompetenz, fir hei wëlle Schäffen zu Esch ze sinn.

An ech hunn näischt vun engem PAG gesot. Null. En plus wär et dann eventuell souguer just e PAP.

Ech fannen de Projet trotzdeem gutt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

An natierlech respektéiere mer d'Reegele vum Marché public. Wann de Projet bis do steet an en dann ëmzesetzen ass. Mee dat ass och näischt, wat à l'avance definéiert gëtt, wann een net weess, wat fir e Projet ëmgesat gëtt.

### 4.1. Contrat de soutien financier avec l'association FerroForum ASBL ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir komme bei déi nächst Punkten. De 4.1, dat ass de Contrat mat FerroForum. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech wëll awer vläicht e klengen Historique maache vun all deene Konventiounen, déi mer eigentlech bei eis um Escher Terrain hunn, wat d'Industriekultur ubelaangt.

An engem Moment, wou mer d'Konventioun gemaach hu mat der Entente Mine Cockerill. An déi zweet, déi mer haut ze stëmmen hunn, dat ass e Contrat de soutien financier, dee mer zesumme mat dem FerroForum maachen.

Ech mengen, ech hunn oft gesot a widderholl, dass d'Industriekultur eis um Häerz läit, a mir wëllen op de Wee goen, fir an där Linn ze bleiwen, wou mer jiddweree betruechten ee wéi deen aneren. A sou gutt wéi et geet, se um Niveau vun hiren Aktivitéiten ze ënnerstëtzen, wa mer et dann als néideg empfannen.

Mam FerroForum ware mer e bësse méi laang ënnerwee. Ech mengen, Dir gesitt, dass dëse Kontrakt relativ spéit ënnerschriwwe gëtt, mee dat huet awer och seng Ursaach gehat. Well mir waren e puermol zesummen, wou mir als Escher Gemeng eis Meenung gesot hunn zu den Ausriichtungen, déi mer wëllen an der Industriekultur huelen.

A si hunn dat och schlussendlech elo agesinn. An du si mer dann zu deem Resultat komm, dat Der hei virleien hutt zu deem neie Kontrakt.

Ech wëll awer e bëssen agoen op dat, wat elo changéiert huet par rapport zu deem alen. Do ass en Artikel 3.1.2, de Montant ass nach ëmmer de selwechte wéi deen, dee se déi Jore virdru kritt hunn.

Mir si just op de Wee gaangen, fir eng Erneierung ze maachen, wat d'Konventioun ubelaangt an der Durée. Mir hätte gär, dass mer eis all Joer gesinn, dass mer alljoers iwwer déi Changementer an Upassunge schwätzen. Et ass méi einfach, wann ee sech dann alljoers gesäit an dann déi hei Konventioun do nach eng Kéier diskutéiert.

Dir musst bedenken, dass de FerroForum – an do si mer eis och eens – eppes ass, wat sech ganz séier entwéckelt. An do wëlle mer dann och reegelméisseg kucken, wéi si am Moment dru sinn a wou si och hikomme wëllen.

Am Moment ass et och esou, dass dräi Leit bei hinnen engagéiert sinn. Déi sinn an enger hallwer Tâche. A mir hunn awer och gesot, dass mer déi Astellungspolitik wëllen am A behalen, well déi Sue vun eis jo och benotzt ginn, fir kënne Leit anzestellen, awer ouni en Afloss op hir Decisioun ze huelen.

Ech mengen, dat ass ganz kloer. Dat wëlle mer net. Si bleiwen nach ëmmer autonom an hiren Decisiounen. Mir wëlle just wëssen, wa si een astellen, a wat fir engem Beräich dass dat soll sinn.

Am Artikel 3.2.6, ech mengen, do ass et esou, dass dat, wat net virdrun de Fall war, elo awer zwee Mol am Joer eng Reunioun stattfënnt tëschent Esch an dem FerroForum. An dat ass éischter eng technesch Reunioun; wou mer gesot hunn, mir wëlle keng politesch Vertrieder dran hunn. Wat fir eis och wichteg ass, ass eng Obligatioun, wou si e Rapport musse maachen, dass och jiddweree sech herno erëmfënnt, opgrond vun deenen zwou Reuniounen, déi mer dann zesummen hunn.

Dann ass am Artikel 5, do proposéiere mir de Veräiner aktiv Ënnerstëtzung bei der Inventuriséierung an och bei der Numeriséierung. Ech mengen, den Departement vum Patrimoine historique et industriel ass jo eng Struktur, déi eigentlech och d'Veräiner als Consultant solle gesinn a froen. An déi och zur Säit stinn am Fall, wou se dat brauchen.

Ech mengen, mir hu professionellt Material op der Escher Gemeng, mir hunn d'Personal, fir de Volet vum Archivage ze iwwerhuelen. Fotoen an enger héijer Opléisung kënne mer scannen.

Ech mengen, et si vill Veräiner – an dat gesi mer allkéiers erëm –, déi net d'Moyenen hunn, fir déi Konservatioun vun den Archiven anstänneg ze garantéieren. An hei ass et dann och un der Gemeng, fir hinnen hei ënner d'Äerm ze gräifen.

Hei proposéiere mer dann och an deem Kader, well dat juristesch och muss ofgekläert sinn, e Contrat de dépôt oder Contrat de donation. An dat ass natierlech ëmmer erëm op fräiwëllleger Basis. Mir huele kengem eppes ewech, si behalen dat. Et gëtt just bei eis deposéiert. A wa si et brauchen, an och fir hiren eegene Gebrauch, da kréie si dat natierlech och erëm zeréck.

An dann ass den Artikel 8, dee changéiert huet. Dat heescht, do gi mer op de Wee, fir zu hinnen ze soen, am Fall, wou eng Kéier e Problem entsteet, dass de FerroForum sech géif opléisen, bei enger Dissolutioun, da wéilte mer net, dass alles géif einfach verhökert ginn, oder a privat Hänn sollt kommen.

Ech mengen, Beispiller ginn et, wou dann op eemol Saachen zerstéiert goufen. Mir sinn do der Meenung, wann dat eng Kéier sollt virkommen, da solle se mat eis doriwwer schwätzen, wat fir Objeten dass dat kënne sinn, wat fir Dokumenter, wat fir Fotoen. Well mir wären dann Demandeur, fir dann op de Wee ze goen, fir dat ze halen.

An ech mengen, dat sinn alleguer déi Changementer, déi ech elo wollt erkläre par rapport zu deem anere Kontrakt, dee soss ëmmer gemaach gouf.

Voilà, elo nach zu der Kommissioun. Ech mengen, dat ass eng Fro, déi am Raum stoung.

Ech muss soen, dass mer relativ spéit hiren Accord kritt hunn. Et war en unanimen Accord, dee mer kritt hunn déi lescht Woch. An doropshin – mir hate just ee Punkt um Ordre du jour gehat, an do ass dann ausnamweis gefrot ginn un d'Membere vun der Kommissioun, fir hiren Avis ofzeginn.

Dat hu se och alleguerte gemaach. Mat der Bemierkung – natierlech huelen ech déi och un –, dass an Zukunft, wann esou eppes ass, mer sollen eng Kommissioun aberuffen; ob et ee Punkt ass oder e puer. Dat wäerte mer dann och maachen.

A wéi gesot, mir hunn do Unanimitéit op d'mannst kritt vun deenen, déi geäntwert hunn. An dofir, mengen ech, géif ech lech och bieden, fir deem Contrat de soutien financier fir de FerroForum zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen heizou?

Den Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Zwally, fir d'Presentatioun vum Dossier.

Bis gëschter Owend 19 Auer war ech der Meenung, das sech haut de Muere géing froen, fir de Punkt eventuell vum Ordre du jour ze huelen, well d'Kommissioun net

konnt zesummekommen an ech et net ganz glécklech fannen, dass mer do iwwer E-Mail sollen en Echange hunn. Wann do Froe sinn, ass et schwiereg.

Ech muss awer soen, datt ech et ganz gentil fonnt hunn a ganz professionell fonnt hunn, dass de President vun der Kommissioun en E-Mail gemaach huet, fir sech ze entschëllegen, fir dat ze erklären.

A well mer och wëssen, déi Leit, déi an der Kommissioun virdru waren, wéi schwéier déi heite Konventioun war, iwwerhaapt op e gemeinsamen Nenner ze bréngen.

An awer hunn ech e puer Saachen, wou ech ganz gär an der Kommission driwwer geschwat hätt. Da profitéieren ech, fir et haut ze soen.

Dat eent ass, Dir hutt et gesot, et sinn dräi Leit hallefzäit agestallt. Dat heescht, wa mer elo an der Konventioun fuerderen, dass mer e Bilan, e Budget solle kréien, mengen ech, wär et och gutt gewiescht, wa mer deen elo schonn deemno wéi dobäi gehat hätten, fir ze gesinn, wou déi 55.000 € dann agesat ginn. Ob et notamment dofir ass, dass Personalkäschten do sollen iwwerholl ginn, oder ob et ass, fir Material fir Manifestatiounen ze organiséieren. Wéi och ëmmer.

Déi aner Saach ass, wéi et bei deenen anere Konventiounen – oder mir fannen et, wéi bei deenen anere Konventiounen, ganz wichteg a richteg, dass d'Stad Esch op der enger Säit den Archivage garantéiere kann, an am Fall, wou et se eng Kéier net méi gëtt, dass mir dann de Patrimoine kréien.

D'Fro, déi sech stellt, ass, wou sti mer do. Hu mer scho Saache vun hinne kritt, wou mer hunn. Komme mer do gutt virun?

Den anere Punkt, dee fir eis wichteg ass – an Dir hutt do d'Jalone gesat, Här Zwally. An ech soe bewosst net d'Majoritéit, mee Dir.

Här Zwally, Dir hutt d'Jalone fir d'Industriekultur hei zu Esch gesat. Dir hutt Iech dofir agesat, an dat war Ären Dadda, ass Ären Dadda. An do sinn ech ganz bei Iech, dass et wichteg ass, dass mer do weiderfueren, dass mer dat behalen an dass mer de Kader setzen, wou mir wëllen higoen.

Mee d'Fro, déi mir eis stellen, ass, gëtt et och schonn eng Planung, wou de FerroForum wëll higoen an Zukunft. Wat sinn hir kuerz- a mëttelfristeg Ziler, wou se wëllen hikommen?

Et ass wichteg, dass mir de Kader als Stad Esch setzen, wou mer wëllen higoen. Mir mussen hinnen awer och d'Fräiheet loossen, sech an deem Kader ze beweegen, an dass mir net ze vill d'Reegele virginn, wou mer do sollen hikommen.

Dann hat Der gesot, dass an der Konventioun festgehale ginn ass, dass reegelméisseg Concertatioune sinn, wou net d'Politik dobäi ass; wat mer ganz begréissen. An do hate mer an der Kommissioun, wou Dir och selwer do waart, fir d'Konventioun. Mir hu jo driwwer geschwat. Dass et wichteg ass, dass et d'Servicer sinn, déi dohinner ginn an zesumme mat de Leit vu FerroForum diskutéieren. Wat koum do eraus? Ginn et schonn éischt Pisten, déi ausgeduecht gi sinn? Vläicht kënnt Der eis jo méi Informatiounen doriwwer ginn.

Alles an allem, wéi gesot, d'Aart a Weis, wéi et gaangen ass, war, wann een d'Situatioun kennt, net glécklech, mee mir huelen dat mat. Mir wäerten dat hei matdroen. Mir wäerten dat och an Zukunft ënnerstëtzen.

A mir hoffen och, dass de FerroForum weiderliewe kann, wann iergendwann eng Kéier d'Metzeschmelz bis komplett

exploitéiert ass, dass déi dann nach ëmmer d'Méiglechkeet hunn, do hir Aktivitéite weiderféieren ze kënnen. Well et wichteg ass, dass mer och déi Generatiounen duerno sensibiliséieren a forméieren an deem, wou de Patrimoine vun der Stad Esch hierkënnt. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck.

Den Här Baum an duerno den Här Schmit.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Als Lénk ënnerstëtze mer déi heite Konventioun. Mer mengen, datt FerroForum eng exzellent Aarbecht mécht op deem Site, wou se sinn. Eng Aarbecht, déi eng ganz Bandbreet vun Dimensiounen huet. Souwuel wat historesch Opaarbechtung ugeet, wéi awer d'Praktiken haut Leit weiderzeginn. Also eng edukativ ganz grouss Valeur, déi si insgesamt op deem Site do maachen.

Duerfir ënnerstëtze mir dës Konventioun. A mir kënnen, vu datt mer dat jo awer schonn eng Kéier hei am Gemengerot haten, just soen: Was lange währt, wird endlich gut.

An an der Hoffnung, datt eventuell d'nächst Joer déi Saachen och éischter iwwer d'Bün kënne goen, gi mer eis Zoustëmmung heizou.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Jo, och mengersäits wéi gesot, FerroForum, d'Erhale vun eiser am Fong geholl kollektiver Memoire ass eng wichteg Saach. Ënnerstëtze mir och voll.

Wéi gesot, et war hei eng laang Gebuert, mee ass elo zu engem Ofschloss hei komm, wat och ganz gutt ass.

De wichtege Punkt, wou ech hei wëll soulignéieren, ass, et ass och, mengen ech, scho gesot ginn, ass, dass am Fong geholl déi Archiven, wann eppes géif mat FerroForum geschéien, mat der ASBL, datt trotzdeem nach d'Gemeng do Proprietär ass. An dat ass e ganz wichtege Punkt. Deen ass jo hei assuréiert ginn.

An dat ass am Fong geholl, datt net, solle mer soen, duerch vläicht eng Zersplitterung do eppes kéint verluer goen, wat wierklech de Patrimoine vun eis allen ass. An dat ass hei wichteg, datt dat am Fong geholl garantéiert ass, datt dat net sou ass.

Also wéi gesot, gudde Projet. A jo, ech hoffen, datt mer nach vill Spaass domat wäerten hunn. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci alle Riedner.

Ech géif da fir d'éischt agoen op dat, wat den Här Funck elo gesot huet. Jo, effektiv de Bilan kënnt Der nokréien. Eise Service ass nach e

bësse jonk – ech sinn zwar méi al doranner, hu méi Erfarung. Mee Dir kritt deen op jidde Fall no. Deen ass och do. Dat wäerte mer dann an Zukunft och ëmmer esou maachen.

Mir hunn eis net fir näischt, mengen ech, aschreiwe gelooss, dass mer eemol am Joer dat heiten op de Leescht huelen. Ech mengen, dat ass och wichteg fir eis. A mir kréien en Abléck. Och si selwer hunn elo verstanen, wéi wichteg dat ass. An et gëtt eis ëmmer d'Méiglechkeet, fir Rektifikatiounen ze maachen op dem ganze Wee, dee mer wëlle goen.

Dir hutt gefrot, wéi et mat hirem Archivage ass. Ech mengen, si ware selwer um Wee a sinn nach ëmmer um Wee, fir en eegenen Archivage ze maachen. An do hu mer se drop opmierksam gemaach, wat dat alles heescht a wat domadder verbonnen ass. Wat fir Invester musse gemaach ginn. Wéi een dat alles kann organiséieren. Dat muss jo juristesch ofgestäerkt sinn. An et muss een och déi richteg Mesuren huelen.

Am Moment hu mer nach näischt vun hinne kritt. Et ass net esou. Si sinn awer bereet, fir en Deel vun hirer Sammlung dann eriwwerzeginn.

Ech bleiwen dobäi an ech soen hinnen dat och allkéiers, déi Leit, déi bei eis kommen: Si bleiwe Proprietär, mir scanne se an a mir deposéiere se. Mir hale se just an den Archivagen. Ech mengen, dat ass dat, wat elo verstanen ass. An dofir wäert dat och deementsprechend behandelt ginn.

Zu de Planungen, wou si hiwëllen. Mir sinn an engem reegelméissege Kontakt tëschent Schëfflenger Gemeng an Escher Gemeng mat hinnen, fir ze kucken, wat hir Virstellunge sinn um Site vun der Metzeschmelz.

An ech si jo ferventen Unhänger, fir ze soen, wann ech gär d'Industriekultur, an domadder verbonnen d'Ausriichtung vun enger Schmelz oder Siderurgie wëll ausweisen, da brauch ech déi eenzel Elementer, déi eng wichteg Struktur duerstellen. Dat sinn Héichiewen, dat si Stolwierker, dat ass e Walzwierk. An domadder verbonnen, haaptsächlech wat d'Handwierk ubelaangt. An den Atelier central ass esou eng wichteg Struktur.

Et muss een awer wëssen, dass et verschidden Dimensiounen an esou Strukture ginn. Wann een den Atelier central hëlt, dat war ëmmer en Deel, deen eigentlech alles gemaach huet, wat déi kleng Ateliere ronderëm an enger Schmelz net konnte maachen.

An deen zentralen Atelier do, dee wier natierlech och an enger gudder Ausriichtung, mee an deem Zoustand, wou en haut ass, muss ee sech iwwerleeën, wien iwwerhëlt de Käschtepunkt, wat wëlle mer gär dora maachen a wien ënnerstëtzt déi ganz Saach.

An ech mengen, d'Gemengen hunn net déi Moyenen, am Moment op jidde Fall, fir ze soen, mir gesinn dat an enger Logik, wou mer kënne gemeinsam hei am Süden dat opbauen, wou den Atelier central dat kéint weisen a wou en och säi Meerwäert, seng Valeur ajoutée. Hu mer am Moment awer nach net.

An ech mengen, dat ass hinnen och bewosst an dat ass hinnen och gesot ginn. Si wëssen dat, dass den Atelier central fir eis an där Hisiicht am Moment, an och an Zukunft warscheinlech, keng Diskussioun wäert sinn.

Doriwwer eraus mengen ech – dat ass eeben dat, wat ech gutt fannen an dëser Diskussioun. Dat ass, dass mer elo mol fir eis als Gemeng op engem Wee sinn. An herno kënne mer Entwécklunge maachen.

Well mir bleiwen net dobäi stoen. Et si jo nach Gebaier, déi bei eis um Gebitt stinn. Ech huelen do d'Lentille Terres Rouges mat deene fënnef, déi elo ausgewise sinn. Et sinn och nach anerer op der Metzeschmelz.

A fir eis ass et wichteg, wann nei Associatioune kommen, dass se wëssen, d'Escher Gemeng ass mat dobäi. Si hunn en Departement vun der Industriekultur an déi hëllefen Iech an allen Ausrichtungen, déi dir gär wëllt op eisem Territoire maachen.

Also wéi gesot, deem gesot, soen ech Iech dann awer Merci fir déi positiv Approchen, déi Der hutt. Ech mengen dann och den Här Baum. An an deem Sënn, weider esou.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 4.2. Convention avec la „Biergerinitiativ Esch-Hiehl"; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Konventioun mat der Biergerinitiativ Hiehl. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech mengen, wat elo d'Konventioun mat der Biergerinitiativ Esch-Hiehl ubelaangt, wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, dass mir am Kader vun dem Depot vu Barbuerg op de Wee gaange waren, fir déi statesch Elementer, déi net méi sou a Form waren – de Bunker respektiv och den aneren Deel vun der Agglomierung –, ofzerappen.

Mir hunn dat misse maachen, mir hunn dat och gemaach. A gläichzäiteg si mer natierlech och an der Planung, fir den Depot ze vergréisseren.

Do si mer natierlech nach ëmmer a Projeten. A gegeebenenfalls, wa mer eng Kéier sou wäit sinn an eng definitiv Decisioun geholl hunn, da wäerte mer och heihi kommen, fir ze soen, wat mer wëllen um Depot Barbuerg allgemeng maachen.

An dat huet natierlech dozou gefouert, dass d'Biergerinitiativ huet missen hir Lokalitéite raumen. A gläichzäiteg natierlech och deen Deel, wou mer elo haut de Gaart maachen, de Verkéiersgaart, deen dann amgaangen ass, fäerdeg ze ginn a wou mer nach déi eng oder aner Infrastruktur mussen dropsetzen. Dass si hu misse vun hirem Plateau Barbuerg erofgoen.

Mir hunn deemools Alternative mat hinne fonnt. Déi éischt Alternativ war, fir eng Kompensatioun ze ginn um Niveau vu Containeren, déi mer am Ellergronn bei d'Jeunesse-Trainingsterraine gestallt hunn. Dat si Containere vun der Escher Gemeng, déi si kënnen notzen.

A mir hunn awer missen op de Wee goen, fir dat alles ofzesécheren um Niveau vun den Assurancen, an och mat hinne klären, wat se kënnen dramaachen, wat se net kënnen dramaachen. A wéi eigentlech

eis Gegeebenheete sinn, wa mer esou Lokalitéiten eigentlech verlounen.

Déi zweet war déi, an dat war déi Fro, déi si och gestallt hunn, fir kënnen hir Sëtzungen am Wäschbuer ze maachen. Bon, de Wäschbuer kenne mer alleguerten. Dat ass e laange Wee, deen deen hanneru sech huet. A si maachen elo hir Kommiteessëtzungen doranner. An dat hu mer natierlech opgedeelt; Dir fannt dat jo erëm an Ärem Dossier.

Dat heescht engersäits, wat d'Containeren ubelaangt, déi kënne si gebrauchen. Si kënnen déi och zur Verfügung stelle fir Festivitéiten. Net eleng fir si, mee och fir anerer. Dat selwecht hate si och virdrun um Plateau Barbuerg, well do konnte si da Sue generéieren, déi hinnen zeguttkomm sinn.

Dat kënne si da weider maachen; well dat huet dann och misse reglementéiert ginn.

An déi zweet ass, wéi gesot, d'Dispositiounen, wat de Wäschbuer ubelaangt. Déi sinn dann och hei doranner verankert.

A wat d'Konventioun ubelaangt, do bleiwe mer an der selwechter Logik vun engem Joer. An Dir kennt do alleguer déi Gegeebenheeten, déi drastinn. A wat d'Chargen ubelaangt, do sinn si och domadder d'accord. Dat sinn natierlech d'Consommatiounschargen, déi si selwer mussen iwwerhuelen.

An dann ass natierlech de Montant – an do ware mer natierlech gutt mat hinnen. Do hu mer gesot, si missten eis da 50 € d'Joer fir déi zwou Locatioune ginn. Ech mengen, dat ass e soziale Präis, deen an deem Fall och si net gestéiert huet.

Mir hu mat der Biergerinitiativ iwwer dës Konventioun geschwat. Si sinn domadder d'accord, dass dat doten esou ka gemaach ginn. A wéi gesot, ech bleiwen do an der Logik, wat d'Konventiounen ubelaangt, déi mer mat de Bierger an Associatiounen hunn. Et sollt eemol am Joer heihi kommen an et soll een Adaptatioune maachen, am Fall wou dat ass.

Ech kommen nach eng Kéier op déi Konventioun mat der Entente Mine Cockerill. Déi ass eemol gemaach ginn, an déi war sechs, siwe Joer laang gutt. An dat huet hinne 25.000 € an deene sechs Joer just erabruecht. Entre-temps kréie se 25.000 € pro Joer.

Ech mengen, dat sinn eeben déi kleng Rektifikatiounen an och déi nei Elementer, déi mer da kënnen asetzen, fir de Bierger an och den Associatiounen entgéintzekommen.

Voilà, dofir géif ech lech dann och bieden, fir dëser Konventioun mat der Biergerinitiativ zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 4.3. Convention avec le LISER relative à l' 'Observatoire social'; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

D'Konventioun mam LISER. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Dann hu mer hei eng weider Konventioun. Ech stellen Iech dann haut d'Konventioun vir, déi d'Kontinuitéit vum Observatoire social vun eiser Stad fir d'Joer 2025 assuréiert.

Dësen Observatoire, dee mir zënter 2019 zesumme mam LISER opgebaut hunn, huet sech zu engem wichtegen Instrument entwéckelt, fir d'sozial Situatioun an eiser Stad besser ze verstoen an ze begleeden. Mir schwätzen hei net vun enger einfacher Statistikübung, mee vun engem dynamesche System vu sozialen Indicateuren, déi eis hëlleft, déi reell Bedierfnesser vun eise Bierger ze erkennen a konkreet Handlungsstrategien ze entwéckelen.

Fir d'Joer 2025 ass virgesinn, dës Aarbecht nach méi déifgräifend ze maachen, mat engem besonnesche Fokus op d'Analys vun Ongläichheeten no Geschlecht an op d'Inklusioun vu sexuelle Minoritéiten. Doduerch wëlle mir net nëmme global Trends verfollegen, mee och Säit u Säit mat eisen Awunner schaffen, fir déi sozial Kohesioun an eiser Stad ze stäerken.

An eisem Modell vum Observatoire social gi mir all zwee Joer op zwou verschidde Weeër vir. Eng Kéier gi sämtlech sozial Indicateuren an Donnéeën iwwert d'sozial Situatioun am Allgemengen analyséiert, wärend dass an dem anere Joer e spezifeschen Thema am Fokus steet.

Sou war et zum Beispill de Fall, mam Thema vun der Aarbecht an am leschte Rapport, deen d'Situatioun vun eelere Leit a Persoune mat spezifesche Besoinen an eiser Gemeng ënnersicht huet. Dëse Rapport gouf den 30. Januar 2025 an de Kader vun den Assises sociales an der Kulturfabrik virgestallt, wou zesumme mat den Acteure vum soziale Secteur an den Awunner vill wichteg Propositioune fir eng méi inklusiv Stad ausgeschafft goufen.

D'Konventioun mam LISER garantéiert eis professional Qualitéit an Neutralitéit an dëse sensibelen Analysen. Si definéiert prezis d'Modalitéiten an d'Liewensdauer vun dëser Kollaboratioun, déi vum 2. Mee 2025 bis den 30. Abrëll 2026 leeft. De Gesamtbetrag vun der Prestatioun ass op maximal 115.207 € HTVA festgeluecht. An de Paiement geschitt no Ofschloss vum Rapport.

Besonnesch wichteg ass och, dass dës Konventioun de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën no de strengste Reegelen garantéiert, am Respekt vum RGPD a mat héije Sécherheetsnormen, esou wéi se an den Annexen detailléiert sinn.

Duerch dëse Projet positionéiert sech d'Stad Esch als e Virreider an der sozialer Observatioun a Politikgestaltung, well mir eis Entscheedungen op Basis vu prezisen a pertinenten Donnéeën treffen.

Et geet eis drëms, eng sozial gerecht, oppen a resilient Stad ze bauen, wou jidderee säi Plaz fënnt, onofhängeg vu Geschlecht, Alter, Hierkonft oder sozialem Hannergrond.

Ech invitéieren Iech alleguer, dës Konventioun matzestëmmen, als Zeeche vun eiser gemeinsamer Ambitioun fir eng informéiert a responsabel Sozialpolitik an eiser Stad. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen heizou? Dat ass net de Fall. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **André Zwally**

## 4.4. Convention avec l'Office social d'Esch-sur-Alzette; avenant; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Avenant fir d'Konventioun mam Office social. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Hei geet et ëm en Avenant zu der Konventioun tëschent der Stad Esch an dem Office social Esch.

Den Hannergrond fir dësen Avenant ass d'Demissioun vun enger Mataarbechterin, déi bishier fir den Accueil an der Maison sociale zoustänneg war, souwéi de geplangten Demenagement vun aner kommunale Servicer aus der Maison sociale.

Ech wëll hei och erklären, dass eise Service Logement geschwë wäert an aner Raimlechkeete plënneren, am Kader vun der Restrukturéierung vun engem neie Service Logement vun der Stad.

Gläichzäiteg wäert och d'Ekipp vun der Coordinatioun sociale op laang Siicht an aner Büroen zéien – dat hoffe mer. Esou wäert d'Maison sociale an Zukunft exklusiv vum Office social vun Esch genotzt ginn, nieft dem Service vum ARIS, deen och do present bleift.

An dësem Kontext huet dëse Schäfferot mam Office social ofgemaach, dass den Office social ab elo selwer d'Organisatioun vum Accueil iwwerhëlt an dat néidegt Personal selwer astellt.

D'Stad iwwerhëlt d'Personalkäschte vun dëse Mataarbechter, esou wéi dat och an der besteeënder Konventioun festgehalen ass. Déi Käschte wäerten net méi héich si wéi dat, wann d'Stad Esch selwer den Employeur wier.

Duerch dësen Avenant gëtt den Artikel E vun der Konventioun entspriechend ugepasst. Den Office social stellt d'Personal fir den Accueil selwer an, an d'Stad iwwerhëlt d'Käschten no den übleche Konditiounen; sou wéi et schonn de Fall war.

Ech bieden Iech, wéi gesot, dësem Avenant zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro.

Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **André Zwally**

### 4.5. Contrat de licence logicielle avec transfert de droits conclu avec le SIGI; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Zwally huet d'Wuert fir den nächste Punkt.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Éier mer ufänken, wéilt ech awer gär, dass Der eng Presentatioun kritt. An den Här Steffen wäert dëst maachen.

Ech mengen, et ass ëmmer wichteg, dass mer an deene Beräicher do weiderkomme wëllen an och weiderkommen. Datt deen een oder anere vun eis awer mol eng Presentatioun kritt, wat fir eng Aarbecht dohannert stécht, wéi den Historique dovunner ass an och war, a wouhin dass mer eigentlech steieren, wat déi technesch Elementer ubelaangt, wat dat vun Aarbecht bedeit.

An dofir géif ech dann och dem Här Steffen d'Wuert ginn, fir déi Presentatioun hei eng Kéier ze maachen.

**Claude Steffen**

Merci, Här Zwally. Moien alleguerten.

Ech géif Iech dann eng Presentatioun maache vum Workflow, fir Iech ze weisen den Historique vun deene leschte Joren. Wéi dat Ganzt ugaangen ass mat den Ufäng; dat ass schonn zwee Joerzéngten, wou mer do amgaange si mat deem System. A wat u sech de SIGI dann elo wäert vun eis kréien.

Dat Ganzt ass ugaangen 2003 mat engem System, deen huet sech ARCO Routing genannt. Dat war e System, wou ee konnt de Courier physesch scannen an et konnt een en da weiderginn an déi eenzel Departementer; automatiséiert. Dee System huet bei eis véier Joer laang funktionéiert.

Ech ginn herno och an d'Detailer vun deenen eenzele Punkten, wat do genau geschitt ass an deenen eenzelen Etappen.

Duerno si mer 2007 op de Sharepoint gaangen. Dat war en neien Ekosystem, dee vu Microsoft komm ass a wou och Workflowen dra waren. Ënner anerem och de System, fir Routagen ze maache vu Courieren. A mir sinn u sech do mat deem ganze System an de Sharepoint Portal Server 2007 gaangen.

2013 huet Sharepoint eng nei Versioun erausbruecht, dat war den 2013 Standard Server. A mir sinn dann och dorop gaangen, mat neien Evolutiounen.

2015 hu mer ugefaangen, dat Ganzt no bausse fräizeschalte mat mobillen Devicen. Ech mengen, dat war de Punkt, wou ëmmer méi Apparater performant gi sinn, och Tablete si komm. Mir wollten ufänken, dat Ganzt och méi mobill ze maachen.

Dofir hate mer och e Server bäikritt, en interne Server, wou fréier alles drop war, an en neie Webserver. Mir hunn ugefaangen, mat jQuery Mobile Funktionalitéiten ze garantéiere fir e mobillen Device. Mat Webservicen, wou mer och un Esch.lu ugebonnen hunn, fir Saachen dobaussen ze weisen.

Dat waren awer ëmmer nëmme Funktionalitéiten, déi waren net honnertprozenteg dat selwecht wéi an der Vollversioun.

2018 hu mer de Choix geholl, fir dann op déi nächst Versioun ze goe vum Sharepoint. Dat war eng Enterprise-Versioun vun 2016. Mir hunn och jQuery Mobile bäibehalen. Dat Ganzt ass awer, doduerch dass et ëmmer méi performant ginn ass, hu mer missen op zwee Serveren eropgoen an och op zwee Webservere goen.

Dat Ganzt ass doubléiert ginn. An der Version mobile hu mer méi Saache bäigesat, an och d'Webservicë sinn erweidert ginn, fir och nach de Streaming mat eranzekréien, déi Donnéeën.

2019 koum e Moment, wou mer eis gesot hunn, wéi geet et viru mam System. Bleiwe mer weider am Sharepoint oder gi mer elo op e ganz neien Design?

Do hu mer Analyse gemaach mam Service Secretariat an och mam Service Structure & Organisation, fir ze kucken, wéi d'Gemeng funktionéiert, a wéi kënne mer dat Ganzt besser entwéckelen an erëm esou kréien, wéi mer dat genau brauchen. Well de Sharepoint ëmmer méi grouss ginn ass a mir hunn och Saachen net gebraucht vum Sharepoint.

Dunn hu mer eis entscheet, fir en Developpement ze maache vun enger Applikatioun, wou mer mat enger Rest API an Dot-NET Framework dat Ganzt no bausse fräigeschalt hunn. Am Design hu mer eis entscheet, fir e Model Vue Controller, MVC. Dat heescht, de Modell sinn d'Daten, d'Vue ass dat, wat d'Leit dobausse gesinn oder de Bierger oder d'Beamten, an de Controller ass u sech dat, wat en erëmgëtt. Daten opgewäert a presentéiert.

Dat huet eis erméiglecht, dass mer konnten de Userinterface responsive maachen, a mer konnten do een Design fir alleguerten d'Apparater notzen. Dat heescht, souwuel um mobillen Device wéi och op den Apparater, op de Computeren hate mer déi selwecht Versioun a mir haten all d'Funktionalitéiten dran.

Déi Versioun ass dunn 2022 och all in gesat ginn, a mir hunn dovu profitéiert, fir dann 2023 och d'Extensioun ze maachen an dann d'Kommissiounen eranzehuelen an d'Syndikater.

2024 koum e Moment, wou mer hu missen eng Maintenance maache vum System vum Framework a mir hunn deen upgedate op déi lescht Versioun. Entre-temps hat sech ronderëmgeschwat, dass dee System performant wier, an op der Gemeng Schengen hate se gefrot, fir de System kënne presentéiert ze kréien.

Doropshin hunn och aner Gemenge sech gemellt. An et ass esou gewiescht, dass dat anere Gemenge presentéiert ginn ass, an och an enger Kommissioun am SIGI.

An 2025 ass elo de Moment, wou de SIGI déi Analys mécht a kuckt, ob dee System fir aner Gemengen ëmgeschriwwe ka ginn an ob aner Gemengen dann och dovunner profitéiere kënnen, an dat och da multimodal fir aner Gemengen ze notzen.

Ech ginn elo eng Kéier an den Detail vun deenen eenzele Prozesser, wou mer haten, a wéi dat Ganzt evoluéiert ass.

Wéi gesot, war dat am ARCO Routing, dat war dann 2003 bis 2007, just eng Gestion Courier entrant. Et war e Suivi vum Courier entrant an och d'Notifikatioune sinn erausgaangen un d'Servicer. Dat waren dee Moment 20 Departementer, wou domat geschafft hunn an et waren eng 50 Notzer, déi et genotzt haten. An enger Datebank vun Oracle.

2007 ass dat Ganzt erweidert ginn och mat internem Courier, de Workflow ass agebonne ginn, wou ee gesinn huet, wat fir e Suivi vu Courier geet a wat fir e Service, wann et wat fir en Typp vun Dokument ass. Et sinn och Notifikatiounen erausgaangen an Invitatiounen un d'Membere vum Schäfferot a vum Gemengerot. Et ass ugefaange ginn, Séance-publiquen ze erstelle fir de Gemengerot.

Dat Ganzt ass eropgeschrauft ginn op 34 Servicer a ronn 80 Benotzer hunn domat geschafft. An d'Datebank ass och iwwerholl ginn an eng SQL-Datebank vun 2008 R2 mat dem ganzen Historique vum ARCO-Routing-System, fir dass mer näischt verluer hunn.

2013 ass et erëm weidergaange mat Evolutiounen. Déi ganz Saachen, wou mer hate vun deem anere Sharepoint, plus sinn do Saache bäikomm wéi d'Vue mobile. Notifikatioune sinn och erausgaangen un de Schäfferot, Gemengerot an un d'Vue-mobillen.

Servicer konnten ufänken, Dossieren ze erstellen a Kollaboratioun ze maachen ënnert deenen aneren, fir Dossieren auszetauschen. Et konnten Dossieren erstallt ginn, déi an d'Decisioun gaange si vum Schäfferot an duerno an de Gemengerot. Et si Suivie gemaach gi vun Dossieren am Workflow an och intern Vuë konnte gemaach gi vu verschiddenen Dossiere mat verschiddene Rechter, wie wat konnt gesinn. An och op de Vue mobile.

D'Seancë si geréiert ginn intern an och publizéiert ginn no baussen um Internetsite an och an der Vue mobile. Dunn ass dat alles bäigesat ginn an de Livestream, wou een am Livestream direkt d'Ordre-du-joure mat de Votte kucke konnt, déi bäikomm sinn. Dat Ganzt ass eropgaangen op 68 Departementer, 270 Useren, an dovunner waren 19 Conseilleren dee Moment mat betraff, well den E-Conseil bäikomm ass.

D'Datebank ass eropgesat ginn op eng 2012 R2 an et ass alles iwwerholl gi vun ale Serveren eriwwer vum Historique.

2016, wéi gesot, ass dat an eng Enterprise-Versioun ëmgesat ginn. Do ass d'Topologie vun de Servere geännert ginn. Et si Servere bäikomm. Mir hunn ugefaangen, Notifikatiounen automatesch erauszeschécken, Rapeller, an och Archivagë sinn automatesch gemaach ginn, oder hallefautomatesch.

Et ass ugepasst ginn um Site erëm, fir d'Seancen eranzekréien. Mir hu probéiert, d'Performancen eropzekréien. An och d'Indexatioun ass besser gemaach ginn, fir eng Recherche a Saachen ze fannen. Well entre-temps ware relativ vill Dossieren am System schonn dran.

Dunn ass och erëm eng Reprise gemaach gi vun den Donnéeën, an alles ass eriwwergeholl gi vum ale Sharepoint 2013.

De Moment, wou mer alles nei migréiert hunn an nei erstallt hunn an den neien MBC-Modull, hu mer erëm kënnen zeréckgoen op ee Server an eng Datebank, well dat vill méi ofgeschlankt ginn ass a wou mer do d'Mesure programméiert hunn. Mir konnten dunn och erëm d'Performancen drastesch an d'Luucht kréien.

Mir hunn ugefaangen, de Modull ze entwéckelen, fir d'Reprise vun de Kommissiounen dranzekréien, a mir hu Korrektioune gemaach, déi entre-temps gewaart hu fir Funktionalitéiten, wou d'Servicer gefrot hunn, fir nei Saachen ze kréien. Dunn ass och erëm alles iwwerholl gi vum alen SQL-Server an eng 2017-Standardserver.

Duerno hu mer dann 2023, wou dann d'Wale laanscht waren, hu mer ugefaangen, d'Kommissiounen eranzehuelen an aktiv a Produktioun ze goen. Do hu mer dann alleguer d'Kommissiounen erstallt. Mir hunn d'Memberen an d'Rôlen erstallt. Dat heescht, d'Sekretären, d'Presidenten, d'Membre-suppléanten. Alleguer déi eenzel Rôlë vun de Leit.

Mir hunn ugefaangen, de Leit Formatiounen ze ginn, wéi se kënne Reunioune vun de Kommissiounssëtzunge maachen. Mir hu se dunn en place gesat no de Gemengewalen. Dat Ganzt ass an d'Luucht gaangen op 73 Servicer, 25 Kommissiounen an op 21 Syndikater, wou dee Moment dra waren. An am Ganze si mer op 520 Notzer eropgaangen. An dës nei Saache vun de Kommissioune sinn dann och op Esch.lu all gewise ginn.

Hei ass nach eng Kéier eng Iwwersiicht vun deem Ganzen, wat de Workflow kann a wat de SIGI herno dann och alles wäert iwwerhuelen.

Dat heescht, de Workflow ass u sech an zwee Moduller opgebaut. Eng Kéier den Dossiersmodul, alles wat ëm en Dossier geschitt. Dat heescht, do kënne Couriere verschéckt ginn, Mailen, Formulairë kënnen erakommen iwwer Internet oder Report-itten. Déi kënnen dann traitéiert ginn.

Dossiere kënnen erstallt gi vun de Servicer. Invitatioune kënnen erausgeschéckt gi fir Evenementer, Notifikatiounen oder fir soss iergendwellch Saachen. Eng Kollaboratioun, wou een ënnert Servicer matenee schaffe kann a sech austauschen.

Tâchë kënnen dra verwalt ginn, Demandë vu Bierger, déi erakommen, kënne suivéiert gi mat engem Retour. An och de Courier ass drënner mam Scanning, wat am Fong den ARCO Routing fréier gemaach huet.

Dann ass nach den Deel Workflow Seances. Do ass u sech alles, wat ee kann erstelle vun Ordre du jour fir de Gemengerot, de Schäfferot, Deliberatiounen an Decisiounen, déi geholl ginn, am Gemengerot oder am Schäfferot. Dokumenter vum Gemengen- a Schäfferot sinn dran.

D'Reuniounen an d'Ordre-du-joure vun de Kommissioune sinn elo neierdéngs dran. D'Seancë ginn affichéiert no baussen an no bannen. Den E-Conseil, wou Der elo hei gesitt, alles ass do mat dran integréiert. An och Decisiounen, wou geholl ginn an herno weiderginn an d'Servicer an zeréck.

Alleguerten déi hei Saachen, déi ech elo presentéiert hunn, kritt dann de SIGI deementspriechend, wann dat dann hei gestëmmt gëtt, déi Konventioun. An do ass wichteg ze soen, datt de SIGI probéiert, déi Versioun dann do ze huelen, deen Dot-NET-Framework vun der Versioun 2024 an deen ëmzeschreiwen, fir dass e ka multikommunal ginn a méi Gemengen domat schaffe kënnen.

Ënner anerem wëlle si och domadder probéieren, dass d'Syndikater mat erakommen. Dat heescht, dass souwuel d'Gemenge wéi d'Syndikater kënne Memberen erstellen an dann alleguerten d'Dossieren doranner verwalten.

Eng zweet Saach, wou wichteg ass, ass, dass de SIGI mam Centre informatique enk

zesummeschafft an dass si och wëlle probéieren, déi ganz Prozeduren no Deliberatiounen, wou u sech den e-MINT, de Ministère de l'Intérieur, déi Kommunikatioun tëschent de Gemengen, fir dat elektronesch eranzekréien, wëll no vir pushen. An do wier am Fong dann och gutt, dass de SIGI déi Schnëttstell zur Verfügung stelle kann, fir dann de Workflow nach weider auszebauen a fir dann déi ganz Donnéeën elektronesch eriwwerzekréien. Bei de Staat an zeréck.

Voilà, dat war u sech meng Presentatioun. Wann nach Froe sinn, kënnt Dir se gär stellen. Ech soen Iech Merci.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Ech soen dem Claude Merci fir déi explizitt Ausféierungen, déi hie gemaach huet.

Mir sinn elo an enger technescher Diskussioun, an ech wier frou, wann Der technesch Froen hätt fir de Claude, da kënnt Der se elo roueg stellen.

Jo, den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Wat ass d'Timeline vum SIGI fir d'Implementéierung dovunner? Hu si do Virgaben? Wéi gesäit dat aus?

**Claude Steffen**

Et ass esou, dass de SIGI elo ufänke wëll mat der Gemeng Schengen. Dat ass elo déi éischt Pilotgemeng, wou se wëlle probéieren, ze maachen.

Am bestoende System muss ee kucken, wat sinn d'Retoure vun der Gemeng. An dann ass geplangt, fir sechs Pilotgemengen Enn des Joers mat eranzehuelen, bis Mëtt, oder soe mer mol Mäerz nächst Joer, wou se kënnen de System testen.

Dat sinn och da mëttelgrouss Gemengen, grouss Gemengen an och kleng Gemengen, well do si jo ëmmer d'Besoinen aneschters. An doropshi wëlle si da gär e System fir 2026 nei schreiwen, mat engem Budget, wou se musse virgesinn, fir dann de System duerno kënnen op Demande hi fir aner Gemengen auszeweiten intern op hire Serveren.

Déi genee Timeline weess ech do elo nach net, well elo natierlech nach vill Froe vu Gemenge musse kommen, wéi dat dann ëmgesat gëtt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Also mir maachen herno jo nach eng Diskussiounsronn.

Ech hu just eng technesch Fro: Hu mer eng Iddi, wéi d'Stad Lëtzebuerg dat do geréiert?

**Claude Steffen**

D'Stad Lëtzebuerg huet effektiv en eegene System. Déi schaffen do och mat anere Programmer wéi mir.

Ech hunn net weider Detailer, wat si genau notzen. Ech kéint dat awer gär eng Kéier nofroen. Awer et ass net de selwechte System, wou mir hunn. Et ass wierklech eppes Aneres.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Okee, wann da kee méi eng technesch Fro huet, da merci, Claude, fir d'Presentatioun. A mir géifen dann an de politesche Volet iwwergoen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Wuertmeldungen zu däsem Punkt?

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Ech wëll awer nach e puer Wuert soen, Här Buergermeeschter.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Zwally huet déi éischt Wuertmeldung dann.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Well ech de politesche Volet jo awer mat begleeden.

Ech mengen, et ass jo esou, dass virun 20 Joer ugefaange ginn ass vun der aler Majoritéit, fir op de Wee ze goe vun der Digitalisatioun an och ganz einfach de Gemengeprozess ze erweideren an och méi einfach ze maachen.

Ech mengen, dat ass emol op där Basis, wou mir konnten och 2017, wéi mir heihinner komm sinn, weiderfueren.

Ech mengen, dës Majoritéit huet dat och konsequent weidergedriwwen. An déi technesch Modernisatioun an och déi politesch Dimensioun ass nach eng Kéier erweidert ginn, well mer 2023, wéi virdru schonn expliziéiert gouf, d'Kommissioune mat erageholl hunn, an dann deelweis och d'Syndikater.

Ech mengen, dat eng wichteg Komponent, well mer do och de participative Prozess vun eise Kommissiounen an der Kommunalpolitik weiderdreiwen.

Doriwwer eraus ass dat heite jo och eppes, wat eis finanziell awer eppes gëtt. Ech mengen, an Zukunft wäerte mer duerch déi Ekonomien, déi gemaach ginn, well do eng Mutualisatioun ass mam SIGI, och vereenzelt Saache spueren.

A mir freeën eis dann och drop, wa mer géifen an eng Verlängerung goen, wou d'Plattform vum Ministère géif mat dropsprangen, fir ze soen, hei dat doten hëlleft eis, vereenzelt Bausteng mat anzesetzen, wat d'Digitaliséierung an d'Moderniséierung vum Land betrëfft. An ech mengen, dat ass en Investissement, dee vun Esch ausgaangen ass an deen dann investéiert gëtt.

Ech mengen, déi modern Zäit verlaangt no modernen Instrumenter, fir all Gemeng an och fir de Kader vun de Syndikater kënne méi effizient an transparent an och nohalteg schaffen ze kënnen. Et ass wichteg, dass mir eis an der informatescher Infrastruktur déi néideg Fortschrëtter maachen an och bäibehalen.

Wat bréngt eis eigentlech dëse Logiciel? Well mir schwätzen hei vun engem Logiciel, deen 20 Joer laang entwéckelt ginn ass.

Ma éischtens emol méi Effizienz. Mir sinn eis doranner eens, dass d'Effizienz do vill méi séier. Et ass eng automatiséiert Instrument, wat elo vill méi séier schafft an nach optimiséiert gëtt. D'Koordinatioun innerhalb vun enger Gemeng ass méi einfach ginn, well jiddwereen, deen impliziéiert ass an en Dokument oder en Dossier, huet déi selwecht Plattform, fir kënnen ze schaffen.

D'Benotzerfrëndlechkeet, déi mer permanent amgaange sinn, ze adaptéieren. Mir kréie jo heiansdo och Obligatiounen opgrond vu Formulairen, déi mer mussen adaptéieren opgrond vu verschiddene Gesetzestexter, déi mer octroyéiert kréien. Och dat maache mer.

D'Sécherheet. Ech mengen, do sinn natierlech och déi neist Normen, déi hei a verschlësselter Form ugewant ginn. An dofir si mer och frou, dass mer dat, wéi gesot, deementsprechend op d'Bee gesat hunn.

De SIGI. Do hu mer Iech elo erkläert, firwat dass mer eigentlech de SIGI huelen. Den Här Funck huet d'Fro gestallt – d'Stad Lëtzebuerg ass déi eenzeg, déi net am SIGI sinn. Si schaffe fir sech a si hunn natierlech all d'Moyenen, fir dat kënnen ze garantéieren. Si maachen dat och.

Well mir hunn net eng Milliard Reserven. Dat ass e bëssen och e finanziellen Aspekt. A mir sinn nach wie vor solidaresch mat anere Gemengen. Déi aner 100 Gemengen, och Esch, déi am SIGI sinn, ginn natierlech och vun eis wierklech mat ënnerstëtzt an deem dote Programm.

Ech mengen, deen Tool wäert geschätzt ginn. En ass scho geschätzt ginn. An dofir si mer dann och frou, dass mer op de Wee gaange sinn, fir dëse Kontrakt mam SIGI ze maachen. An ech géif Iech ann och bieden, dësem Kontrakt zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et elo Wuertmeldungen? Den Här Funck huet d'Wuert, duerno den Här Baum.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci fir d'Wuert. Merci, Här Zwally, fir Är Explikatiounen. E grousse Merci un eise Service. D'Welt ass op der Kopp. Och am Gemengesecteur an der Informatik, wann ech dat hei gesinn. Well ech ginn Iech e puer Zuelen; Dir wësst, wou se hierkommen.

694.532,52. 525.820,80. 541.735,40.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Maache mer e Quiz?

**M. Ben Funck (LSAP)**

Gelift? Jo.

Se kommen aus dem Budget 2025, mat de Participatiounen um SIGI.

An elo verkafe mir als Stad Esch eng Léisung, déi mir entwéckelt hunn, iwwer 20 Joer developpéiert hunn, fir dass déi aner Gemenge kënne vun der Genialitéit vun eisem Service profitéieren.

Dat Ganzt ass eng Transaktioun vun 80.000 €. Dat ass tipptopp. Mir wäerten dat hei och matstëmmen. Mee ech mengen, et bréngt eis awer och dozou, dass mer als Gemengerot eis déi eng oder aner Saach musse froen, oder wou mer musse feststellen.

Dat éischt, wat mer musse feststellen, ass, dass mer e ganz gudde Service informatique hunn, dass mer weiderhi sollen an de Service investéieren. Do schwätzen ech net nëmme vun der Manpower, mee och hinnen d'Moyene ginn, fir weider kënnen ze developpéieren an e Frontrunner doranner ze sinn, fir déi ganz Informatik vun der Stad Esch weider esou gutt ze entwéckelen, Initiativen ze huelen an och Tester ze maachen.

Déi aner Saach, déi ech awer muss froen, ass: Wéi ass et méiglech, dass de SIGI dat heiten

net fäerdegbruecht huet, un d'Gemengen unzebidden?

Dir alleguerte schwätzt jo och mat Gemengepappen a Gemengemammen. Hir Servicer sinn net forcement ëmmer esou begeeschtert iwwer déi Servicer, déi ugebuede ginn. Mir wëssen, a mir hate schonn eng Kéier doriwwer rieds – do ware mer nach um Belval, wou mer hei am Chantier souzen. Wou de Sall hei frëschgemaach ginn ass.

Do hate mer schonn eng Kéier iwwer d'Mëssstänn beim SIGI diskutéiert. A mir si frou, dass déi Zäite fäerdeg sinn. Mir si frou, dass de SIGI op nei Weeër geet, a mir si frou, dass de SIGI och elo um richtege Wee ass.

Dass déi Mëssstänn, déi iwwer Joerzéngte vläicht stattfonnt hunn, eng länger Zäit brauchen, fir radéiert ze ginn, schéngt mer logesch ze sinn. Dass mer do dann aktiv als Stad Esch hëllefen, fir schonn eng wonnerbar Solutioun unzebidden, schéngt mer och ganz positiv.

Mee et wär awer vläicht positiv och fir de Gemengerot, wa mer vum politesche Vertrieder vun der Stad Esch mol gesot kréien, wat dann elo dem SIGI seng Visioune fir déi kommend Wochen, Méint a Jore sinn. Wat ass d'Marschroute, déi si sech selwer ginn?

Den neie President huet keng einfach Aufgab, dat doten erëm riichtzebéien. Et ass mer gesot ginn, dass eng nei Direktioun do ass, déi och ganz akribesch dru schafft, fir dat alles weiderzekréien.

Mee ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, SIGI steet fir „Syndicat intercommunal de la gestion informatique" vun deenen 100 Gemengen. Déi sollen am Sënn vun deenen 100 Gemenge schaffen. Si kréien déi finanziell Moyene vun der Gemeng – an ech hunn d'Zuele genannt – jo awer, fir déi Aarbecht ëmzesetzen, déi wierklech noutwendeg ass.

Ofschléissend kann een also soen, dass déi Zuelen, déi fir de SIGI am Budget stinn, wann een dat heiten alles gesäit, dann awer e bësse Bauchwéi maachen. An dass mer an Zukunft hoffen, wann déi Montanten esou bleiwen, dass dee Bauchwéi da verschwënnt.

An op der anerer Säit, an dat passt da sou schéin – a Wuertspiller hu mer heibanne jo awer gär. Mir gesinn, dass am Service informatique vun der Stad Esch e gudde Workflow ass, e positive Flow ass. An dass mer hoffen, dass deen an Zukunft och weiderhin esou wäert bleiwen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck. Elo huet den Här Baum d'Wuert.

De genialen Här Steffen géif ech froen, de Mirko auszemaachen.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Villmools merci och dem Claude Steffen fir déi ganz gutt Presentatioun.

Wësst Der, bei mir geet iergendwéi ëmmer alles zesummen, soubal et mat der Informatik ufänkt, iwwer d'Informatik ze goen. An am Géigesaz zum Här Funck sinn ech och keen Expert, wat déi Froen ugeet.

Ech stellen awer verschidde Saache fest, déi ee politesch festhale kann. Esch war eng vun deenen éischte Gemengen, déi en eegene Service informatique hat. An déi Zäit war dat wierklech extreem fortschrëttlech, datt Esch dee Wee gesicht huet, fir Kompetenzen in house ze hunn, an net, wéi aner Gemengen dat

gemaach hunn, probéieren, d'Kompetenzen outzesourcen.

An ech mengen, datt dat hei e Punkt ass, op deem mer ukomm sinn, wou mer, mengen ech, och kënnen houfreg sinn iwwer déi Choixen, déi iwwer déi lescht Joerzéngten hei am Gemengerot getraff gi sinn, wat den Opbau an den Ausbau vum Service informatique ugeet.

Sou datt mer elo um Punkt sinn, datt mer quasi Entwécklungshëllef leeschten. Entwécklungshëllef fir en interkommunaalt Syndikat, deem säi Funktionnement zumindest an der Vergaangenheet dacks an de Schlagzeile war. An deem säin Output op jidde Fall fir d'Gemenge manner héich war wéi den Output vum Service informatique vun der Stad Esch.

D'Stad Esch weist mat dëser Konventioun, déi mir och ënnerstëtzen, och e Stéck Solidaritéit mat anere Gemengen.

Et gëtt dacks gesot, datt Solidaritéit keng Einbanstrooss ass. An hei ass en Zeechen, datt och d'Stad Esch sech solidaresch weist mat sengen Noperen, mat deenen anere Gemengen hei am Land.

Ech kann dat hei just begréissen. An et ass eng Successstory fir de Service informatique.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Och vu menger Säit muss ech dann dës Kéier och an déi selwecht Richtung goen. Vue que datt et effektiv eng Succèsstory ass. An, jo, dem Här Steffen seng Presentatioun war och ganz opschlossräich.

Mir hoffen och, wéi gesot, dass mer eis nach weider do kënnen abréngen an datt am Fong geholl déi aner Acteure vun, solle mer soen, der gudder Aarbecht vun eisem Service informatique kënne matprofitéieren. Ass jo am Fong geholl fir de Süden a fir d'ganzt Land eng gutt Affär.

A mer hoffen also, datt dat nach laang weidergeet. A mir ënnerstëtzen natierlech a begleede mat eise Wënsch de Service informatique an den Här Steffen fir eng weider, solle mer soen, fruchtbar Zesummenaarbecht an deem Secteur. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci alleguer fir déi Remarken, déi Der gemaach hutt.

Zum Här Funck. Hien huet elo e bësse vum SIGI geschwat. Ech mengen, mir sinn elo net an enger Stonn, fir iwwer de Fonctionnement vum SIGI ze schwätzen. Mir wësse jo, wat alles virgefall war.. Mir wëssen, dass eng nei Ekipp amgaangen ass, dorunner ze schaffen.

Mir sollen deenen Zäit ginn, fir sech anzeschaffen. An ech mengen, ihr Ausdréchnung, déi si huelen, dat wäerte schonn déi richteg sinn.

Ech kann Iech just soen, dass den Taux de satisfaction an d'Luucht gaangen ass par rapport zu de Gemengen. Et muss een awer

och wëssen, dass et net einfach ass bei 100 Gemengen, déi net um selwechte Stand si wéi déi Escher. Ech wëll dat ganz kloer soen.

Et ass net einfach, wann een an esou eng Diskussioun erageet. Well do sinn der, déi hunn nëmmen 20 Leit bei sech schaffen an déi si frou, wa si e Computer bei sech hunn. Do sinn der méi, déi een hunn, mee déi mussen dann och wëssen, wéi se domadder kënnen ëmgoen. An du fënns net ëmmer déi richteg Interlocateuren.

An dat ass ëmmer de Problem gewiescht. Haut an de Gemengen ass et méi einfach, wann ee mat Esch schwätzt. Well do si Leit, déi vum Fach, déi wëssen direkt, vu wat dass mer diskutéieren. An dofir ass dee Wee hei fir eis eigentlech méi einfach, wéi dat elo mat enger anerer Gemeng hätt kënne gemaach ginn.

Ech begréissen awer och d'Wuert vun der Entwécklungshëllef. Här Baum, mir maachen net eleng an deem dote Beräich Entwécklungshëllef. Mir maachen och anerwäerts ganz vill Entwécklungshëllef.

Dat mierken ech ganz oft, wa mer mat de Ministèren zesummekommen. Déi kréien dann e bëssen eis Iddie virgestallt a si kréien och virgestallt, wéi mir Saachen upaken an a wat fir eng Richtung dass mer ginn. An op eemol mierke mer dann, dass si ganz grouss Deeler dovun iwwerhuelen. Insofern ass déi Affär vun der Entwécklungshëllef, déi steet eis gutt zu Gesiicht an dat ass och wierklech dat, wat mer maachen.

Solidaritéit. Ech weess, dass mer Diskussiounen haten, datt mer sollen aus dem SIGI erausgoen an eriwwer bei d'Stad Lëtzebuerg goen. Hu mer net gemaach, well mer dru gegleeft hunn, dass d'Solidaritéit vun den 100 Gemengen nach wie vor priméiert.

An an deem Sënn soen ech alle Riedner Merci fir Är Bäiträg, déi Dir geleescht hutt. An ech géif Iech dann och bieden, deem zouzestëmmen. Merci villmools.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally.

Ech weess elo schonn, dass bei deem dote Wuertgebrauch Telefonater vun anere Buergermeeschtere bei mir eraginn. An elo stëmme mer of. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 5. Pacte communal du vivre-ensemble interculturel; présentation du diagnostic réalisé

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir komme bei de Punkt Nummer 5. De Pacte communal du vivre-ensemble interculturel. De Schäffe Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

De 27. November 2024 huet d'Stad Esch de Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen ënnerschriwwen. Ech erënneren drun, datt déi éischt Etappen dora bestanen hunn, datt e Sondage un all d'Escher Haushalter geschéckt gouf an datt eng demografesch Analys vum CEFIS duerchgefouert ginn ass, fir den Etat de lieu ze maachen.

Elo leien eis d'Resultater vun däser Enquête an Anlays vir an et sinn eng ganz Rei interessant Donnéeën heibäi erauskomm. Dës Donnéeën hëllefen net nëmmen, d'Aktioune vun der Stad Esch am Kader vum Pakt ze orientéieren, mee och ze verstoen, wéi d'Escher Populatioun aus dem Bléckwénkel vun der kultureller Diversitéit evoluéiert.

Et fënnt een an dësem Diagnostic och e puer méi generell Donnéeën, déi och an aneren Etüden ze fanne sinn. An ech wäert mech an deem Kader op d'Informatioune konzentréieren, déi spezifesch fir d'Escher Diversitéitspolitik an d'Politik vum interkulturellen Zesummeliewe relevant sinn.

Loosst eis also mat de Chifferen ufänken. Um Stand vum 1. Januar 2025 huet Esch eng Populatioun vu 37.904 Leit, vun deene 56,2 % net déi lëtzebuergesch Nationalitéit hunn. Ënnert deene 16.620 Lëtzebuerger a Lëtzebuergerinne fanne mer awer och Leit, déi nach aner Originnen hunn, wouraus sech ergëtt, datt 83,3 % e sougenannte Migratiounshannergrond hunn. Zu Esch läit dëse Chiffer bal 10 % iwwer dem nationale Duerchschnëtt.

Mir zielen hei zu Esch ewell 143 Nationalitéiten. All 27 EU-Länner sinn op eisem Territoire vertruede souwéi 116 Drëttlänner.

Opgrond vun dësen Zuele kënne mir soen, datt mer an eiser Stad eng Hyperdiversitéit hunn. Dës Hyperdiversitéit ergëtt sech awer net just aus enger Nationalitéit an engem Pass, mee och duerch aner Facteuren, déi zur Diversitéit vun eiser Gesellschaft bäidroen, wéi zum Beispill Geschlecht an Gender, sexuell Orientéierung, awer och Sproochpraxis oder alldeeglech Praktiken a Gewunnechten.

Wat hei wichteg ass ze verstoen, ass, datt nach eng vill méi grouss Komplexitéit hannert dëse Statistike steet, déi awer mat quantitative Methoden net vollstänneg erfaasst ka ginn.

Wa mer elo zeréck op eis Zuele kommen, stelle mer fest, datt d'portugisesch, d'kapverdianesch an d'montenegrinesch Populatioun am nationale Verglach zu Esch iwwerrepresentéiert sinn, wärend d'franséisch Populatioun ënnerrepresentéiert ass.

De Bevëlkerungsundeel, deen aus Drëttlänner kënnt, ass tëschent 2016 an 2025 ëm 229 % gewuess a mécht also de gréissten Undeel vum Bevëlkerungszouwuess vun 12,2 % am selwechten Zäitraum aus.

D'Unzuel vun de Lëtzebuerger ass zu Esch ausserdeem réckleefeg. 30 Nationalitéite sinn an de vergaangenen zéng Joer bäikomm. De Wuesstum zu Esch kënnt deemno also virun allem duerch d'international Immigratioun zustanen.

Zënter 2021 ass duerch de Krich géint d'Ukrain logescherweis d'ukrainesch Populatioun zu Esch gewuess. An der interner Immigratioun, also bei Persounen, déi schonn anzwousch anescht zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, wiisst och déi syresch Bevëlkerung zu Esch.

Bei der internationaler Immigratioun fält op, dass mer hei zu Esch eng emergent indesch Communautéit hunn. Et gi weiderhi Mouvementer vu Communautéiten, déi sech

scho méi laang hei zu Esch etabléiert hunn; dozou gehéieren haaptsächlech Persounen aus Portugal, Italien a Frankräich.

Mir kënnen an dësem Sënn vun enger Diversifiéierung vun der Immigratioun schwätzen.

En interessant Bild ergëtt sech och, wann een d'Sproocherepertoiren an d'Sproochpraxisse vun den Escher an Escherinne kuckt. Par ordre décroissant sinn déi wichtegst Haaptsprooche vun den Escher an Escherinne Lëtzebuergesch, Portugisesch, Franséisch, aner Sproochen – heirënner falen zum Beispill Ukrainesch, Rumänesch, Arabesch, Serbo-Kroatesch oder Farsi, dann Englesch, Däitsch an Italieenesch.

Änlech verhält et sech mat de Sproochen, déi eis Populatioun doheem schwätzt. Allerdéngs mat der Nuance, datt déi italieenesch méi dacks genannt gouf wéi déi englesch.

Wann een d'Sproochepraktiken a verschiddene Kaderen elo cumuléiert, dat heescht, wat d'Leit doheem, an der Schoul oder op der Aarbecht schwätzen, da stelle mer fest, datt och hei d'Kombinatiounen aus Lëtzebuergesch, Portugisesch, Franséisch an Englesch dominéieren, wärend d'Kombinatioun Däitsch-Franséisch mat 39,5 % just hallef esou relevant ass wéi d'Kombinatioun Lëtzebuergesch-Portugisesch an/oder Franséisch.

An der Schoul schwätze just 15,6 % vun de Kanner Lëtzebuergesch als éischt Sprooch, wärend awer 43,9 % vun den Escher Schoulkanner d'lëtzebuergesch Nationalitéit hunn.

Wat bedeit dës sozio-linguistesch Situatioun fir Esch? Mir gesinn hei ganz kloer, datt d'Sproocherepertoirë vun de Leit sech diversifiéieren. Mir hunn en dräisproochege Modell zu Lëtzebuerg, deen awer net automatesch d'sociolingesch Situatioun reflektéiert an och an der Kommunikatioun net ëmmer all d'Communautéiten erreecht.

D'Fro stellt sech also, wéi eng nuancéiert lokal Sproochepolitik kéint ausgesinn, fir sou vill wéi méiglech Leit ze erreechen. Heirop gëtt et keng Solution unique. Et muss ee souwuel de linguistesche Besoin vun de méi jonken, hyperdiverse Generatioune gerecht gi souwéi och den eelere Generatiounen, déi vläicht net sou gutt Franséisch kënnen, wouvun dann éischter en Deel lëtzebuergeschsproocheg ass an en aneren Deel éischter lusofonn oder italofonn.

Dat ass keng einfach Tâche a fuerdert weider Reflexiounen.

D'Wichtegkeet vun der Fro, a wéi enger Form a Sprooch d'Stad Esch mat hirer Populatioun soll kommunizéieren, gëtt och kloer, wann ee gesäit, datt mer bei 11,5 % ënner dem nationalen Duerchschnëtt leien, wat d'Walbedeelegung vun den Net-Lëtzebuerger ugeet.

Am Abrëll 2024 waren zum Beispill 12.592 EU-Biergerinnen a -Bierger zu Esch walberechtegt, awer nëmme 1.452 Persounen an de Lëschte fir d'Europawalen ageschriwwen. Dëst ass awer net eleng eng Fro vun de Sproochen.

Bei enger rezenter Etüd vum CEFIS zur Walbedeelegung ass festgestallt ginn, datt déi entsprechend Campagnë méi laangfristeg virun de Wale musse lancéiert ginn, fir den Impakt ze erhéijen.

Ech géif dann elo zum zweeten Deel kommen, an zwar, wat ass bei der Befroung vun den Escher Menagen erauskomm.

D'Zil vun dëser Enquête war et, d'Populatioun no hirem Uleies am Bezuch op interkulturellt Liewen zu Esch ze befroen, erauszefannen, wéi héich d'Zefriddenheet mat der bestoender

kommunaler Offer an deem Beräich ass, a gläichzäiteg op de Wee zum Theema Interkulturalitéit ze sensibiliséieren.

775 Leit hunn eis en ausgefëllte Questionnaire eraginn, dovu 57 % Fraen an 43 % Männer. Am meeschte geäntwert hu Leit têschent 30 a 64 Joer. 40 vun de Rependantë sinn zu Lëtzebuerg gebuer, 71 % wunnen zanter méi wéi zéng Joer zu Lëtzebuerg, wärend 50 % manner wéi zéng Joer zu Esch wunnen.

55 % vun de Repandanten hunn en Héichschouldiplom. Wichteg Sproochen ënnert de Repandantë si Franséisch, Lëtzebuergesch an Englesch, duerno Däitsch a Portugisesch.

Aus dem Sondage goung kloer ervir, datt d'Offer um Niveau vum Accueil an der Orientatioun vun neie Matbiergerinnen a Matbierger am mannsten op Zefriddenheet stéisst. Eise lokale Comité de pilotage vum Gemengepakt huet sech dofir och entscheet, dëst Theema fir déi éischt Emsëtzungsperiod auszewielen.

Ech erënneren drun, datt fir all Joer vun der Lafzäit vum Pakt e Sujet ausgewielt gëtt. Dëse Choix bedeit also net, datt un deenen anere Sujeten net wäert geschafft ginn.

D'Leit sinn och gefrot ginn, wéi eng Moossname si sech an hirer Gemeng wënschen. An et fält op, datt bestoend Offeren am Beräich Accueil an Orientatioun och net sou bekannt sinn, wéi se dat vläicht sollte sinn.

Eng vun deenen am meeschte gewënschte Mesuren ass doriwwer eraus e Budget participatif. Mir hunn de Moie schonn iwwer de Projet fir e Budget participatif debattéiert. An et ergëtt sech natierlech aus dësem Sondage, datt hei muss zesummegeschafft ginn; och wann dës Aktioun net direkt am Kader vum Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen ëmgesat gëtt.

De Pakt ass nämlech esou ausgeluecht, datt all Joer e Sujet traitéiert gëtt. Dee schléisst aner Moossnamen am Beräich Zesummeliewen awer och net aus. An anere Wierder limitéiert sech d'Stad Esch duerch hir Efforten am Beräich Zesummeliewen net op de Pakt, dee schlussendlech een Outil ënnert aneren ass.

Bemierkenswäert ass och, datt sech reegelméisseg Rencontere mat de Gemengeresponsabele gewënscht gi souwéi Formatioun iwwer Interkulturalitéit an Netdiskriminéierung fir d'Gemengepersonal. Esou e Formatiounsprogramm gëtt zanter dem leschte Joer op der Escher Gemeng proposéiert. Dës Formatioun gëtt vum INAP unerkannt, d'Participatioun ass allerdéngs fräiwëlleg.

Eng Rei vun deenen Offeren, déi gewënscht sinn, ginn et och schonn zu Esch, mee et mussen eventuell nei Weeër fonnt ginn, fir dës ënnert der Populatioun méi bekannt ze maachen.

Déi nächst Etapp wäert elo d'Organisatioun vun engem Biergeratelier sinn, fir deen eise Comité de pilotage de Moie vum 11. Oktober envisagéiert. Dëst ass och den Datum vun der nächster Fête culinaire interculturelle, wou d'Participantë vum Atelier dann och wäerte kënne profitéieren.

Voilà, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Knaff.

Ginn et Wuertmeldungen? Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Knaff, fir d'Presentatioun. Merci och fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Ech mengen, wat interessant un där Etüd ass, datt se wierklech op déi Chantieren hiweist an der Escher Gemeng, déi mer, mengen ech, wierklech ugoe mussen.

Mir sinn an enger Situatioun vun enger ganz komplexer Sproochesituatioun, an d'Gemeng muss sech ëmmer erëm d'Fro stellen, wéi kann ech mat deem, wat ech kommunizéieren, méiglechst vill Bierger erreechen.

An ech mengen, datt eng vun de Konklusiounen déi ass, datt do wierklech awer nach verstäerkt Iwwerleeunge musse getraff ginn. Besonnesch well d'Leit, déi dann op Esch kommen, soit hir Offeren, déi do sinn, net genuch doriwwer forméiert sinn, respektiv se net genuch wouerhuelen op der enger Säit.

An op der anerer Säit awer och de Wonsch vun de Leit do ass, datt et méi sou Offere ginn, datt et méi Point-d'attachë ginn. An dofir fannen ech et och nëmme richteg, datt eng vun de Prioritéite vun deene Reflexiounen, déi elo gemaach ginn, an deem dote Beräich stattfannen.

Ech mengen, datt et wichteg ass, datt mer dat hei net aus den Ae verléieren an och kucken, datt mer an deem Prozess, an deem mer elo dra sinn, och reegelméisseg iwwer déi eenzel Schrëtt weider forméiert ginn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Jo, déi Etüd ass effektiv interessant. Et ass och emol éischtens gutt, datt se do ass, datt mer also déi Daten hunn. Dofir soen ech dann also mol trotzdeem Merci fir déi Aarbecht, déi wou dohannert stécht. Wat sécher net einfach ass.

Wann een elo natierlech d'Evolutioun an och, solle mer soen, d'Zukunftsperspektive kuckt, gesäit een, datt d'Diversitéit jo ëmmer méi zouhëlt. Wat net onbedéngt schlecht ass.

Anersäits muss een dozou awer gesinn, datt d'Lëtzebuergescht an d'Lëtzebuerger, solle mer soen, zueleméisseg, prozentual ënner Drock geroden. Wann Esch och souguer, solle mer soen, ëmmer vertraut war mat der Immigratioun, ass dat trotzdeem eng Saach, wou e bëssen, solle mer soen, awer traureg ass an engem gewësse Sënn.

An do huet een natierlech och net direkt Zauberléisunge parat, wéi een dat kéint, solle mer soen, wa souguer d'Volontéit do wier, fir dat e bëssen aneschters ze gestalten. Mee et ass op jiddefalls e Bedaueren do.

Trotzdeem ass Esch eng urlëtzebuerger Stad, an dat ass eppes, wat trotzdeem Suerge mécht. An och ville Bierger. Alsässege sougutt wéi och neie Lëtzebuerger. Trotzdeem dobaussen héiert een och vu Leit, déi wou, solle mer soen, net onbedéngt gänzlech mat där Situatioun zefridde sinn.

Jo, dat ass op jiddefalls, déi Bemierkung wollt ech op jiddefalls gemaach hunn.

Et ass net alles negativ, dat wëll ech heimat net soen, gell. Mee ech wëll soen, datt et do awer och Leit sinn, vill Lëtzebuerger sinn, déi wou mat der aktueller Situatioun sech géifen, solle mer soen, méi op Lëtzebuergesch zeréckbaséiere géife wënschen. An datt mer déi Leit och net solle vergiessen an och, solle mer soen, deenen nolauschteren, wéi hir Suergen a wéi Wënsch fir d'Zukunft sinn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Den Här Schmit seet, hie géif et bedaueren, d'Evolutioun. Ech mengen, als LSAP Esch fannen ech nach ëmmer, dass mer deen Challenge, dee mer hei zu Esch hunn … ech sinn e bëssen houfreg, wéi mer deen elo schonn honnerten – nee, iwwer honnerten nach net – iwwer honnert Joer hikréien, dass Leit bäikommen an erëm ewechzéien a bleiwen an hir Famill nokënnt an abestuet ginn a wat och ëmmer.

An ech fannen, dofir ass den Escher am Fong wéi gesot d'Paradebeispill, wéi Lëtzebuerg funktionéiert. Oder wéi Lëtzebuerg als Land funkionéiert. An dat scho ganz laang; a wéi gutt dass et funktionéiert.

An dofir begréisse mer et ausdrécklech, dass de Schäfferot de richtege Wee geet. Nämlech wéi kënne mer am beschten integréieren. Dat ass, wa jiddwereen héieren, respektiv wa jiddwereen och versteet, wéi wäit eng Gemeng ka fir hien oder hatt do sinn. An ech mengen, et ass e wichtege Schrëtt en vue vun enger Stad, déi awer zesummenhält.

An dofir: Ech bedaueren dat net.

Ech soen ëmmer, dat eenzegt, wat ech bedaueren, dass ech ee vun deene wéinege sinn, dee fréier lëtzebuergesch Grousselteren hat. Ech hu weeder geléiert, anstänneg Pasta kachen nach anstänneg Fësch vu menge Grousselteren. Wat ech e bësse schued fannen. An dofir fannen ech, dass Esch dat ganz gutt mécht an dass dat heiten e ganz, ganz wichtege Schrëtt ass an déi richteg Richtung. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

Här Knaff, wëllt Der äntweren?

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci wéi gesot fir d'Interventiounen.

Mir hunn alt emol mat deem Outil elo eng Bestandsopnam, déi eis, mengen ech, interpelléiert an un där mer musse schaffen.

Wéi gesot, d'Sproochebarriär schéngt déi Barriär ze sinn, déi am héchsten elo ass fir d'Integratioun. A mir mussen eis do wierklech Gedanken driwwer maachen, à la fois d'Stad Esch, mee mengen ech och all d'Vertrieder vun de Parteien, wéi mer kommunizéieren. Op wéi enger Sprooch, wa Wale sinn, wa Walkampf ass,

Wéi mer do effektiv probéieren, un d'Leit erunzekommen. Ech mengen, dat ass eng Erausfuerderung fir jiddwereen. An ech mengen, dofir ass dat Instrument, dat mer elo hei kritt hunn, awer scho ganz wichteg.

Wéi gesot, merci fir Är Interventiounen. An ech mengen, dann ass elo alles zu deem Punkt hei gesot.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Knaff.

## 6. Rapport Violence 2024 ; discussion

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei den nächste Punkt, de Rapport Violence. Dat ass e Punkt, wou den Här Baum gefrot huet, fir op den Ordre du jour setzen ze loossen.

De Fall ass dann an däser Situatioun, dass den Här Baum als éischt d'Wuert huet, de Schäfferot reagéiert, dann de Conseil, eventuell duerno nach eng Kéier de Schäfferot an ofschléissend den Här Baum.

Mee als éischt fänkt den Här Baum un. Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci och, datt dee Punkt um Ordre du jour ass. An net nëmmen um Ordre du jour ass, mee datt de Generalsekretär och dat entspriechend Dokument, nämlech de Rapport, och op den E-Conseil gesat huet, soudatt mer alleguer kënne wëssen, iwwer wat mer schwätzen.

Virun engem Mount ass de Rapport Violence 2024 vun der Chancëgläichheetsministesch Yuriko Backes presentéiert ginn, ëffentlech, a kuerz drop och an der Chamberkommissioun. A wann ee sech dee Rapport ukuckt, da stellt ee fest, datt et eng generell Tendenz gëtt an de leschten zéng Joer vu méi Policeinterventiounen, an och Expulsiounen, déi méiglech sinn zënter dem Gesetz vun 2003 a Fäll vun haislecher Gewalt.

An déi lescht Kéier, wou dee Rapport virgestallt ginn ass, hat ech d'Ministesch gefrot, ob et méiglech wier, eng Opschlësselung ze kréien, wéi et sech um Gemengenniveau deklinéiert. An dat ass och dës Kéier de Fall gewiescht.

A mir hu misse feststellen, datt d'Stad Esch mat insgesamt 146 Policeinterventioune souguer nach virun der Stad Lëtzebuerg mat 140 Interventiounen ass, obwuel d'Stad Lëtzebuerg bal véiermol méi Awunner huet.

An ech hu mer geduecht, datt dat awer e Sujet ass, deen eis alleguerte misst preoccupéieren a wou mer missten driwwer schwätzen a gemeinsam driwwer nodenken, wéi eng Moyene mer eis ginn, fir dogéint virzegoen, respektiv och ze kucken, och mol iwwerhaapt e Statement ze maachen, datt mer dee Problem als Problem wierklech och seriö huelen.

Déi 146 Interventiounen, déi hunn natierlech net alleguer zu enger Expulsioun gefouert. Se sinn awer en Indicateur, datt mer och zu Esch e reelle Problem um Niveau vun der haislecher Gewalt hunn.

An ech wëll och net bausse vir loossen, datt mer och an der Zeitung, an Zeitungsberichter och nach an der Vergaangenheet hu musse liese vun engem Femizid, dee begaange ginn ass. Femizid, deen elo zënter Januar och vum Ministère recenséiert gëtt als en eegene Phenomeen. An deen doranner besteet, datt eng Fra ëmbruecht gëtt einfach duerch d'Tatsaach, datt se eng Fra ass.

Et ass esou, datt och virun zwou Wochen ongeféier eng Petitioun an der Chamber debattéiert gouf, wou d'Associatioun „La voix des survivantes" am Fong hir Temoinagen ofginn hunn a gläichzäiteg och esou eng Zort Fuerderungskatalog presentéiert hu vu gesetzlechen Ännerungen, déi si revendiquéieren. Awer virun allem um Niveau vun der Preventioun an um Niveau vum Afferschutz, wou nach vill méi staark misst intervenéiert ginn.

An et stëmmt, datt an de leschte Joren zu Lëtzebuerg relativ vill geschitt ass op deem doten Domän, mee datt mer awer och esou

éierlech musse sinn a soen, datt mer vun eigentlech vu ganz wäit hierkommen.

Lëtzebuerg huet 2018 déi sougenannt Istanbul-Konventioun als Land ratifizéiert. Dat ass eng Konventioun, déi eigentlech sou d'Reegelwierk an d'Zilsetzungen definéiert, wou sech da virun allem europäesch Länner dorop fixéiert hunn.

An déi Istanbul-Konventioun, d'Applikatioun dovunner gëtt vun engem Expertegrupp all puer Joer evaluéiert. A Lëtzebuerg huet d'lescht Joer do eng Evaluatioun kritt vum Groupe d'experts, deen heescht GREVIO, an deen huet eng ganz Rëtsch Mängel awer zu Lëtzebuerg och festgestallt.

An an der Chambersdebatt, déi mer am Januar haten, hat ee wierklech awer den Androck, datt et e parteiiwwergräifend Bewosstsinn gëtt, datt wierklech do nach zu Lëtzebuerg Sputt no uewen ass.

Bei de Policeinterventiounen, an dat gëllt generell fir d'ganzt Land, ginn et zwou Hypotheesen, wouranner et läit, datt d'Policeinterventiounen an d'Luucht ginn.

Déi eng Hypothees ass, de Phenomeen vun haislecher Gewalt gëtt méi seriö geholl, gëtt och vun Nopere méi seriö geholl. Et gëtt eng Sensibilitéit dofir. An datt et dofir och mat manner Tabue verbonnen ass, souwuel fir Affer awer och fir Zeien, fir d'Police ze kontaktéieren, wat dann zu enger Policeinterventioun kënnt.

Et kann awer och sinn, an dat wësse mer eeben net, datt effektiv déi tatsächlech Gewalt an d'Luucht geet.

D'Chancëgläichstellungsministesch huet eigentlech eng oder zwou Wochen no der Presentatioun vun deem Rapport Violence och en nationalen Aktiounsplang géint haislech Gewalt oder géint genderbaséiert Gewalt presentéiert. Et ass den éischten nationalen Aktiounsplang, deen esou entwéckelt ginn ass.

An och an der Chamberkommissioun ass dee virgestallt ginn, mat, mengen ech, 63 Mesuren, déi doranner proposéiert ginn. An ech hunn d'Ministesch gefrot, och grad well mer d'Zuelen op Gemengenniveau deklinéiert haten, datt menger Meenung no an deem Aktiounsplang awer een Acteur géif feelen. Dat wieren d'Gemengen. Virun allem d'Statistik iwwer grouss Gemengen.

Si hunn och Servicer, déi sech deelweis mat deene Froe kéinte beschäftegen. An d'Ministesch war ganz oppen an huet dat och e ganz wichtege Partner fonnt, fir an Zukunft verstäerkt och d'Gemenge matanzebannen an d'Preventiounspläng an d'Mesuren, déi ee kann huelen, fir géint d'Lutte vun haislecher Gewalt virzegoen.

Mir hu virdrun iwwer de Service informatique geschwat, wou Esch Virreider war, wéi a villen anere Beräicher och. An Esch war och Virreider am Service Egalité. Deen ass 2002 hei zu Esch entstanen. Ech mengen, mir waren eng vun deenen alleréischte Gemengen; ech mengen, just Beetebuerg hat virdrun een.

E Service Egalité, deen och änlech wéi de Service informatique sech weiderentwéckelt huet, deem seng Missiounen och méi divers gi sinn. Mir hunn entre-temps och eng Maison de la diversité. Dat heescht, och d'Stad Esch huet an deem Beräich ëmmer erëm seng Verantwortung iwwerholl.

Gläichzäiteg ass et awer och esou, wa mer iwwer haislech Gewalt schwätzen, dann ass dat e Phenomeen, deen och mat Sécherheet ze dinn huet. Sou wéi all Mënsch d'Recht huet op physesch Integritéit. Datt dat e Mënscherecht ass, ass dat och eppes, wat zur allgemenger Sécherheetssituatioun zu Esch gehéiert.

Fir zumindest déi Propositioun, déi ech géif dem Schäfferot oder dem Gemenge-rot ënnerbreeden – ech kucken de Gemengesekretär, ob hien d'Motioun kéint ausdeelen.

Fir eeben déi Offer, déi vum Ministère komm ass, fir eeben och verstäerkt mat de Gemengen um kommunalen Niveau zesummenzeschaffen, fir déi Offer wouerzehuelen. Dat heescht, déi Aarbecht am Kader vum Plan d'action national violence fondée sur le genre och um kommunale Plang mat eise Servicer, déi Zesummenaarbecht mam Ministère ze intensivéieren. Dat wier den éischte Punkt.

An den zweete Punkt ass, an de Reflektiounen iwwer de Plan local de sécurité déi Dimensioun vun der Lutte géint Violence domestique och mat opzehuelen, och matzedenken.

An ech mengen, datt dat e wichtegt Zeeche kéint sinn, wat mir als Stad Esch hei setze kéinten, fir ze soen, mir huelen de Problem seriö a mir versichen, an eng Richtung ze goen, fir eis déi Outilen ze ginn, fir och deem Problem entgéintzegoen an op Aenhéicht deem ze begéinen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Da ginn ech dem Här Knaff d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Baum, fir dee Punkt op den Ordre du jour gesat ze hunn.

Et ass schonn interessant, wann een déi Statistike kuckt, wou am Fong dee Problem méi grouss ass a wou net. Obscho mer net direkt eppes mat deenen Zuelen en tant que tel a mat deene Baren do ufänke kënnen.

Firwat genau d'Zuel vun de Policeinterventiounen bei haislecher Gewalt zu Esch esou héich ass, kann een net genau soen. Do hu mer net genuch Donnéeën. Dat ka vill Grënn hunn. Vläicht existenziell Problemer kënnen, mee mussen net zwéngend zu engem erhéichte Gewaltrisiko bäidroen. Well et ass wichteg ze erwänen, datt haislech Gewalt an alle gesellschaftleche Schichten an an all Kulture virkënnt.

Eng weider méiglech Erklärung vun der Hausse vun den Zuele befënnt sech am Rapport Violence 2024 selwer. Hei gëtt geschriwwen „le nombre d'interventions est le plus haut enregistré depuis 2014. Un développement peut s'expliquer par différents facteurs, notamment un accroissement de la vigilance de la police et de l'impact de différentes campagnes et activités d'informations donnent davantage de sensibiliser le grand public et à agir et à appeler la police."

Fir genau ze erklären, firwat d'Zuelen zu Esch esou héich sinn, bräichte mir awer als Stad Esch nach weider Informatiounen. Eventuell kéint den Genderbericht vum nächste Joer méi Erklärungen heizou liwweren.

Zudeem kënne Statistiken a méi dicht besiddelte Gebidder méi héich sinn, vu dass d'Leit hei och op méi enkem Raum zesumme wunnen. An trotzdeem kann een dat och net esou richteg soen, well am rurale Raum de Risiko vu Gewalt och méi héich ass, well d'Leit do méi isoléiert sinn.

Dëst kann also net forcement eng Explikatioun ginn, firwat datt d'Zuelen esou héich sinn. An d'Isolatioun vun de Leit ass, mengen ech, zu Lëtzebuerg och vill méi komplizéiert, well mer e klengen, gedrongenen Territoire hunn,

wou awer d'Leit relativ no beienee sinn.
Ech wollt haaptsächlech drop agoen – dat ass awer op déi Aktiounen an d'Efforten, déi d'Stad Esch scho mécht géint haislech Gewalt. An do ass ee vun eise wichtege Punkten natierlech d'Orange Week.

D'Stad Esch huet och schonns verschidden Aktiounen an Eventer, fir d'Sensibiliséierung an d'Preventioun vun haislecher Gewalt ze färderen, ëmgesat.

Zënter 2017 organiséiert d'Stad Esch Aktiounen an Evenementer, déi am Zeeche vun der Orange Week stinn. D'Orange Week ass 2008 am Kader vum UNO-Projet „Unite" entstanen an ass bis haut eng Woch, ëmmer vum 25. November bis den 10. Dezember, fir d'Sensibiliséierung vum Public par rapport op Gewalt géint Fraen a Meedercher.

Säit 2017 gëtt all Joer wärend der Orange Week d'Stadhaus symbolesch orange beliicht. Eebenfalls säit 2017 gëtt all Joer am Stadhaus eng Expositioun vum Foyer Sud „Fraen an Nout" a vum Service „LOG-IN" a „Liewen ouni Gewalt" vum Conseil national des Femmes du Luxembourg ausgestallt, wou de Public fir d'Theema vun haislecher Gewalt sensibiliséiert an informéiert gëtt. Zousätzlech offréieren déi genannt Servicer och Infomaterial zum Theema am Stadhaus un.

2024 gouf d'Expositioun „Brisons la silence" vun der Associatioun „La voix des survivantes" op der Brill-Plaz ausgestallt. Dës Expositioun sollt den Tabu ronderëm d'Theema vun der haislecher Gewalt briechen an de betreffende Persounen eng Stëmm an eiser Gesellschaft ginn.

Och dëst Joer wäerte souwuel d'Ausstellung vum Foyer Sud am Stadhaus wéi och d'Beliichtung vum Stadhaus an der oranger Faarf nees organiséiert ginn.

2023 ass de Relais Orange vun der Associatioun „La voix des survivantes" zu Esch lassgaangen. Hei goufen 10,5 km vun de Participanten zeréckgeluecht, fir ënnerwee d'Temoinagë vu sexueller, sexistescher, physescher a psychologescher Gewalt ze sammelen, an awer och fir op d'Problemer vun haislecher Gewalt hinzeweisen.

2023 huet d'Stad Esch dann och fir d'éischt Kéier eng Social-Media-Campagne op Facebook lancéiert, mat där Problematik vun haislecher Gewalt higewise gouf, an de betraffene Persoune goufe verschidden Ulafstellen uginn, wou si sech melle kënnen.

Nach haut ass d'Sensibiliséierung vum Public fir Social Media eng wichteg Aufgab vum Service Egalité des genres, diversité et vivre-ensemble interculturel.

Hei ass notamment den Instagram-Account vum Service, wou reegelméisseg pedagogesche Contenu zu deem Theema gepost gëtt. Sou gëtt et ënner anerem eng Sektioun um Account, déi „No to violence" heescht a wou dëse pedagogesche Contenu erëmzefannen ass.

Och d'Organisatioune vun Evenementer wärend der Orange Week gehéiert zum feste Bestanddeel vum Escher Kalenner. Dës Evenementer sollen zur Sensibiliséierung vum Public bäidroen.

Sou gouf 2023 beispillsweis eng Soirée de lecture an eng Table ronde mat ënner anerem der wëssenschaftlecher Chercheuse a Schrëftstellerin, der Mary Faltz, organiséiert. An och e Ciné-débat iwwer de Film „Je vous salue, salope", gouf dat Joer organiséiert.

2024 goufen zwee Ciné-débaten organiséiert. Eng Kéier am Kader vum Film „Brainwash" mat der Regisseurin Nina Menkes an eng Kéier mam Film „Hors d'haleine" vum Regisseur Eric Lamhène.

Och dëst Joer sinn nees Eventer am Kader vun der Orange Week geplangt; an dëst a

Kollaboratioun mam Musée national de la Résistance et des Droits humains, mat Lëtz'Art ASBL a mat der Kulturfabrik.

Generell sinn dës Evenementer och gutt besicht, wat weist, datt vill Escherinnen an Escher sech fir dëse wichtege Sujet interesséieren.

Och feste Bestanddeel vun der Orange Week sinn d'Infostänn vum Service Login a vum CNFL zu Esch. Och dës droen zu enger Sensibiliséierung vun der Escher Populatioun zu deem Theema bäi.

Laut dem Service Login, deen e Berodungsservice fir Fraen, déi vu Gewalt betraff sinn, ass hire Stand, dee bis elo ëmmer un zwee Deeg an der Uelzechtstrooss ze fanne war, ëmmer gutt besicht. Dëst Joer ass de Stand nees op engem Dag an der Uelzechtstrooss ze fannen, an den aneren Dag am Belval Plaza.

Säit dem leschte Joer bidde mer am Kader vun der Orange Week eng Zesummenaarbecht och mam Cercle du Judo Esch-sur-Alzette, dee Selfdefense-Coursë fir Fraen a Meedercher un, wou si déi verschidde Sessiounen elementar Technicken an awer och praktesch Tipps fir de Selbstschutz gewise kréien.

D'lescht Joer war dës Offer ganz gutt besicht a vu Participanten immens positiv opgeholl ginn. Och dëst Joer wäert d'Stad Esch dës Coursen nees ubidden.

Dann eis Living Libraries an d'Journées internationales de l'homme. Nieft der Orange Week gëtt d'Theema vun der genderbaséierter Gewalt och an anere Kontexter ëmmer erëm opgegraff. Sou beispillsweis an der Living Libraries, déi ëmmer nees zu verschiddenen Thematiken organiséiert ginn.

2023 gouf eng Living Library zum Theema Diversité, égalité et santé mentale organiséiert. Ee vun den Invitéen, oder ee vun eise Bicher huet iwwer d'Santé mentale des hommes face aux représentations stéréotypes de la masculinité geschwat.

Déi Konstruktioun vun enger toxescher Männlechkeet a vun de männleche Stereotyppen, déi op patriarchalesche Strukture baséieren, ass eng wichteg Aarbecht, déi vun der Stad Esch wouergeholl gëtt.

Zemools am Zäitalter, wou eng Eenzellkultur an aner maskulinistesch Tendenze sech op Social Media verstäerken, ass et wichteg, och an dësem Beräich ze sensibiliséieren. Sou organiséiert d'Stad Esch säit 2022 op Initiativ vun der Commission consultative d'égalité des chances all Joer en Event fir den internationale Männerdag, den 19. November.

Och hei geet et drëm, fir géint misogyn an toxesch Tendenze beim Männerbild ze sensibiliséieren. Dëst ziilt drop, och de Mann an d'Responsabilitéit an der Thematik vun der haislecher Gewalt ze huelen. Zemools well mer am Rapport Violence 2024 gesinn, bei Erwuessenen tëscht 16 a 65 Joer de presuméierten Auteur zu 65,5 % maskulin ass.

Och an der Editioun 2024 vun der Living Library ass et ënner anerem ëm d'Männlechkeet am ëffentleche Raum gaangen. Och wann dëse Sujet sech net am haisleche Kontext ofspillt, ass et dach pertinent, och an dësem Beräich ze sensibiliséieren, well d'Feelverhalen an der Ëffentlechkeet hanner zouen Dieren oft verstäerkt gëtt.

D'Preventioun an der Schoul. A Saache Preventioun si Projeten an Escher Schoulen nennenswäert. Hei gëtt säit 2023 mat der Madamm Fabienne Mischo zesummegeschafft, fir d'Theeme vun der Santé affective et sexuelle ze beschwätzen.

Och hei ass et d'Zil, de Kanner e positiivt Bild vun de Geschlechter ze ginn, Respekt an Tolerenz ze vermëttelen a géint déi toxesch a misogynn Stereotyppe virzegoen. Dat selwecht gëllt fir de Projet „Gender for Kids" vun der ASBL 4Motion.

Hei ass et awer och wichteg, ze soen, datt lokal Mesuren eleng de Problem vun der haislecher Gewalt net léise kënnen, an op deem Punkt lokal an national Mesuren zesummeschaffe mussen. Hei kann ee beispillsweis d'Petitioun vu „La voix des survivantes" nennen, déi den 2. Juli an der Chamber diskutéiert gouf.

Natierlech spillt d'Sécherheet an d'Gewalt baséierend op dem Geschlecht och eng wichteg Roll am Plan d'action communal pour l'égallité des genres, notamment an hiren Artikelen 21 an 22. Hei sinn och verschidden Aktioune géint haislech Gewalt opgeléist. En Deel vun dësen Aktioune goufe schonn ëmgesat a sinn an der Phas, wou se elo ëmgesat solle ginn.

Wéi soll et virugoe mat där Problematik? Fir an Zukunft nach méi Sensibiliséierung ze bedreiwen, huet de Service Egalité des genres, diversité a vivre-ensemble interculturel scho verschidde Visioune fir d'Zukunft.

Esou soll verstäerkt mam Service Jeunesse, mam Jugendhaus an dem Jugendinfopunkt an och den Escher Lycéeën zesummegeschafft ginn, fir preventiv bei de Jugendlechen op eng nei Form vu Gewalt ze reagéieren, beispillsweis am digitalen Espace.

Generatiounsiwwergräifend muss awer och iwwer de Cycle vun der Gewalt opgekläert ginn. Besonnesch iwwer subtill Forme vu Gewalt an Aggressiounen oder psychologescher Gewalt muss méi opgekläert ginn, well dës Formen och oft verharmloost ginn, an awer als Virleefer vun der physescher an/oder sexueller Gewalt virausginn.

De Service Egalité des genres, diversité et vivre-ensemble interculturel an den Departement des Affaires économiques sinn amgaangen, e Reseau vu sécherе Plazen zu Esch auszeschaffen. Safe Spaces.

D'Zil heivunner ass et, Persounen, déi vun Aggressiounen oder Diskriminatiounen am ëffentleche Raum getraff sinn, eng Plaz ze ginn, wou si sech zeréckzéien an do duerch eng forméiert Persoun empfaange ginn an u professionell Hëllef weidergeleet ginn.

Och wann dës Mesure sech op den ëffentleche Raum bezitt, soll dëse Projet alle betraffene Persoune et méi einfach maachen, un en Encadrement duerch dediéiert a professionell Strukturen ze kommen.

Zudeem ginn duerch d'Permanence vu professionellen Associatiounen an Organisatiounen an der zukünfteger Maison de la Diversité déi Persounen, déi vun haislecher Gewalt betraff sinn, eng konkreet Hëllef um Escher Terrain ugebueden.

Och bei der Sensibilisatioun an Informatioun vum Public zum Theema haislech a genderbaséiert Gewalt wäert d'Maison de la Diversité eng zentral Roll spillen. Hei wäert Infomaterial zur Verfügung stoen, an awer och Evenementer zu där Thematik stattfannen.

Sou dass mer mat der zukünfteger Maison de la Diversité e weideren Outil hunn, fir effektiv Moossname géint haislech an genderbaséiert Gewalt huelen ze kënnen a soumadder op der lokaler Basis mat all den Acteure vum Terrain zesummeschaffe kënnen, an esou als Stad Esch nach méi konsequent un der Problematik schaffen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Knaff.

Erlaabt mer, dass ech nach e puer zousätzlech Informatioune ginn, wat d'Police betrëfft a wat de Plan local de sécurité betrëfft.

Ech hunn, nodeems Der de Punkt op den Ordre du jour setze gelooss hutt, Kontakt mat eisem Escher Policedirekter, dem Sam Ney, opgeholl. Et ass esou, dass d'Escher Police sech der Situatioun bewosst ass. Net nëmmen hei zu Esch, mee och an der Regioun.

Well wann een d'Statistik kuckt vun den Asätz, da gesäit een, dass et grad Gemengen, déi och ronderëm eis sinn, erschreckend vill Asätz sinn. An dowéinst ass et dann och keen Zoufall, dass och eise Regionaldirekter Member ass vum Comité de coopération, wou ganz aktiv op nationalem Plang um Sujet schafft.

Dat wat gemaach gëtt par rapport zu der Police, dat wësst Der, dass ass eeben, dass d'Agentinnen an d'Agenten zum Sujet forméiert ginn, reegelméisseg sensibiliséiert ginn. Dass si och Formatioune kréien, wéi si de Sujet mat Affer vun haislecher Gewalt, genau wéi awer och mat Täter thematiséiere sollen. Dass et awer ëmmer weider dorun ze schaffen an ze verbesseren ass, ech mengen, dat sinn d'Konklusiounen, déi national gezu ginn.

Ech hu gebieden, fir nach eng Kéier d'Escher Statistike méi spezifesch ze kréien. De Plan local de sécurité bei eis, dee mer gestëmmt hunn, deen ass op Quartieren an op Zonen definéiert. Wou et schonn eng Ënnerscheedung gëtt a wou ee scho kann erausliesen, wat waren dann d'Violences contre personnes.

Mee Violences contre personnes, dat sinn och nach aner Aspekter. An do huet d'Police proposéiert, dass mer an engem nächst Comité de prévention, wou mer souwisou eis Escher Statistike presentéiert kréien, dass mer do nach eng Kéier méi spezifesch och kéinten op d'Statistike vun haislecher Gewalt an Esch agoen.

De Plan local de sécurité gesäit aktuell scho Punkte vir. Dat sinn der véier Stéck, déi op der Säit 21 stinn. Dat eent ass „sensibiliser les mineurs et jeunes adultes aux conséquences des actes de violences". Dann och „faire un point d'accueil pour les auteurs de violences domestiques". Dat ass d'Zesummenaarbecht, déi mer mat RiichtEraus maachen elo schonn zënter e puer Joer.

Dann „continuer de manière renforcée à l'Orange Week". An dann „organiser des organisations de sensibilisations et d'informations sur les violences domestiques".

De Plan local de sécurité gesäit vir, dass et op der enger Säit de Comité de mise en œuvre gëtt, wou déi verschidden Acteuren – d'Police, d'Gemeng, deelweis CGDIS, et sinn der eng ganz Rëtsch – eeben déi Punkten, déi am Plang stinn, ëmsetzen.

An e gesäit vir, dass de Comité d'évaluation och zweemol eng Evaluatioun mécht. De Comité d'évaluation, dat ass nach eng Kéier en anere Kommitee, deen zesummegeruff gëtt. Do si Vertrieder vun der Gemeng dran, do sinn awer och Vertrieder vum Parquet dran, do si Vertrieder vun der Police dran. Déi net selwer an der Mise en oeuvre dobäi sinn, mee déi just d'Aufgab hunn, fir duerno d'Evaluatioun ze maachen.

An do ass virgesinn, dass notamment eng Evaluatioun elo an der Hallschent vum Mandat gemaach gëtt. Enn 2025 soll dee sech versammelen, an da soll Ufank 2026 eeben d'Evaluatioun presentéiert an diskutéiert gi vun den éischte Joren da vun der Ëmsetzung.

Dat bedeit awer och, dass dee Moment nach verschidde Punkte kënne bäigesat ginn, wou

erkannt gëtt, do musse mer nach eng Kéier nohaken. Dat wat drasteet, dat geet net duer. An deem da Rechnung droe kann.

An ech mengen och, dass een an deem Sënn d'Motioun nach eng Kéier kéint preziséieren, wann dat eng Iwwerleeung ass, wou Dir och kéint matdroen.

Ech géing dann d'Ronn opmaache fir d'Membere vum Gemengerot, wann et hei Wuertmeldunge gëtt. Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Baum, fir de Punkt op den Ordre du jour gestallt ze hunn.

Ech mengen, wéi mer dee Constat vun deem Rapport Violence kritt hunn, dat war erschreckend fir eis all an et huet mech op jidde Fall ganz traureg gemaach. Well et war alt erëm Esch.

Déi Zuelen, déi mer do presentéiert kruten, mir hu se all gelies, mee et soll een dat och emol an en anere Kontext setzen. Bei 146 Gewaltdoten am Joer, dat heescht all zweeten Dag gëtt eng Gewalt am familiäre Kader gemellt. An ech soe wuel "gemellt", well ech sinn dovunner bal iwwerzeegt, dat si just déi Fäll, déi offiziell enregistréiert ginn. D'Donkelziffer läit sécherlech däitlech driwwer. Vläicht souguer villfach méi héich.

Mee awer soll een déi Zuelen – an ech mengen, wann een d'Interventioun vum Här Knaff elo nogelauschtert hunn – vläicht awer anescht liesen. Well Dir sot zwar, mir wëssen net, firwat se sou héich sinn, mee et kéint jo awer och sinn, dass de Fait, dass déi Sensibiliséierungscampagnen entretemps gräifen, dass méi Affer opstinn an hire Courage an de Grapp huelen an et mellen.

Dat mécht natierlech fir Esch eng schrecklech Zuel, mee ass am Fong den éischte Schratt um richtege Wee. An dofir mengen ech, dass d'Sensibiliséierung oder an Zukunft all déi Weeër – an dat sinn déi schwéier. Et sinn net d'Affer, déi mer musse sensibiliséieren, mee dat sinn d'Täter. Well déi si vill méi schwéier, dat sinn Tête de mulen. Déi kritt een net op déi Workshoppen drop. Do si mer sécher.

Dat heescht, dat ass de schwéiere Wee.

Well vergiesse mer net – an den Här Baum huet et gesot –, a verschiddene Fäll ass souguer den Doud vun enger Fra, duerch de Fait, dass se eng Fra war, gefouert. Also Femizid ass och bei eng Realitéit. Et ass elo, mengen ech, ee Fall vun 2022. A mir haten och een 2019. An dat ass en tragescht Beispill. An och dee Fall gëtt just all eent gefouert. Jo?

An ech mengen, dofir däerf dee Fall och elo net als Eenzelfall, oder als eenzel gefouert ginn. An déi sollen erausgehuewe ginn. Well et ass wierklech déi extreemst Form vu Muechtmëssbrauch a patriarchalescher Gewalt. Dat ass ugeklongen.

Well virun allem bei den Täter – déi Gewalt fänkt jo net direkt physesch un. Dat ass e Wee. Déi fänkt – den Här Knaff huet et gesot – mat toxescher Männlechkeet un, mat Rollebiller, déi Männer enorm staark, dominant an aggressiv musse sinn. An d'Fraen hu sech deem einfach ze ënnerwerfen.

An dofir denken ech schonn, dass mer als gewielt Vertrieder vun der Stad hei d'Verantwortung hunn, dës Realitéit net einfach ze ignoréieren. An dofir begréisse mer et och ausdrécklech, dass den Här Baum dëse Sujet op den Ordre du jour gesat huet.

An nawell et och der Gemeng d'Méiglechkeet gëtt, wat se schonn alles en place gesat huet, fir deem entgéintzewierken.

Wéi gesot, esou Zuelen däerfen net nëmme Statistike bleiwen, well awer hanner all Fall ass e perséinlecht Drama, eng Realitéit, déi am ëftste Fall Fraen a Kanner an Angscht, Schimmt an, wat dat Schlëmmst ass, an Isolement bréngt. An dat ass eeben do, wou den éischte Schratt kann ugesat ginn, dass déi Leit sech net isoléieren.

An ech mengen, do huet d'Gemeng einfach d'Flicht, ze hëllefen deenen, déi betraff sinn.

Ech mengen och, dass de Regierungsplang jo e gewësse Wee virweist, wéi et kéint sinn. An Esch kann dat jo och lokal ëmsetzen, well, an et ass jo elo ugeklongen, mir hu jo schonn eng staark Infrastruktur en place, wou een elo, mengen ech, opgrond vu vläicht verschiddenen anere Méiglechkeeten – oder och virdrun hate mer jo och gesot Daten.

Ech mengen, Daten ze sammelen, fir dass mer genau wëssen, op wat dass mer mussen agoen an agräifen. An ech mengen, dass d'Stad Esch opgestallt genuch ass, fir deem, op jidde Fall deem Challenge entgéintzewierken an eeben och do weiderzegoen.

Wéi gesot, de Schutz vun den Affer duerch déi psychosozial Strukturen hu mer. Mer mussen do vläicht d'Personal nach méi geschoult ginn, fir dass do eng zouverlässeg a kompetent Betreiung kann ëmmer assuréiert ginn. Musse se etofféiert ginn; dat weess ech net. Ech kennen déi Zuelen elo net. Déi kennt Dir besser. Mee ech denken, dass de Relevé vun Donnéeën den A und O ass, wéi mer elo kéinte geziilt weidergoen an deem Projet, wéi et ass.

Dofir, also mir als LSAP Esch op jidde Fall, bei Besoin wäerte mir dëse Sujet mam Schäfferot, mat der Majoritéit gär aktiv begleeden, mat Engagement dofir suergen, dass Esch och elo e Virbild gëtt am Kampf géint Gewalt.

Mir si jo vläicht schonn e Virbild fir Affer, fir opzestoen a sech ze mellen. An ech mengen, dass et elo einfach och wichteg ass, dass och jiddwereen an deem Moment, wou en opsteet, sech och gebuerge fillt. An ech mengen, et ass e ganz kloert Zil: Hei däerf keen eleng gelooss ginn. Ech mengen, dat ass den Haaptmessage.

Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

D'Madamm Scholl an duerno den Här Schmit.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguerten, léif Kolleegen a Kolleeginnen, et gouf elo just e Sujet ugeschwat, dee ville vun eis um Mo läit an dee mir ënner verschiddene Formen och schonn hei an dëser Ronn diskutéiert hunn.

An et ass richteg a wichteg, dass mir iwwer dëse Sujet schwätzen, well en eis alleguer ugeet. Mir si gefuerdert als Elteren, als Kanner, als Noperen, als Aarbechtskolleegen, als Betreier, als Erzéiungsberechtegter an als Matbierger.

Mir vun der Demokratescher Partei stinn honnertprozenteg dofir, dass Gewalt, besonnesch géint Fraen, Kanner a Jugendlecher, an de Muechtmëssbrauch muss verhënnert ginn. An datt all Form vu Mëssbrauch, speziell sexualiséiert Gewalt, muss drastesch bestrooft ginn.

An och déijéineg, déi ewechkucken, maache sech eigentlech och strofbar. Déi, déi d'Gewalt an de Muechtmëssbrauch verharmlosen, maache sech strofbar. An et gëtt endlech Zäit, sech nach méi seriö ëm d'Affer ze këmmeren an den Affer professionell a kompetent Hëllef ze bidden a si net an hirem Misär eleng ze loossen.

Dofir maachen ech mech als Presidentin vun der Kommissioun vun der Egalité des chances, awer och als besuergt Mamm, als Enseignante, als Matbiergerin an als politesch Gewielt staark.

Ech proposéieren dofir haut, an der Iwwerzeegung, datt all Parteien ouni Aschränkung mat mir d'accord sinn, datt mir als Gemeng Esch an der Chancë-gläichheetskommissioun och e konkreeten Aktiounsplang ausschaffe kéinten an dass dësen dann hei och gestëmmt gëtt a mateneen ënnerstëtzt gëtt. An ëmgesat gëtt.

Well hei zu Esch toleréiere mir keng Situatioun vu Muechtmëssbrauch a Gewalt. Mir wieren eis géint Abus an all senge Formen a mir wäerten déi verantwortlech fir Mëssbrauch zur Rechenschaft zéien.

Effektiv hate mer schonn e bësselchen iwwer dëse Projet an der leschter Kommissiounssëtzung geschwat. Dir Léif alleguerten, Esch kuckt net ewech. Loosst eis gemeinsam e Konzept ëmsetzen, wat Esch nach weider zu engem Virreider a vum richtegen an ugemoossenen Ëmgang mat Muechtmëssbrauch, sexualiséierter Gewalt an Abus vu Fraen, Kanner a Jugendlecher mécht.

Eis Natioun, wéi et och scho virdrun ugedeit gouf, hat mat der Ënnerschrëft ënner d'Konventioun vun Istanbul e kloert Bekenntnis fir de Kampf géint all Form vu Gewalt géigeniwwer vu Fraen ofginn. Wéi och schonn ugedeit, huet kierzlech d'Yuriko Backes, eis Ministesch fir Gläichstellung, den éischten Aktiounsplang géint geschlechtsspezifesch Ugrëff a Gewalt virgestallt, an och de Rapport Violence 2024.

An eis Ministesch fir Gläichstellung Yuriko Backes hält net op, ze betounen, datt et null Toleranz fir Gewalt gëtt. An et ass jo scho laang wëssenschaftlech bewisen, datt Gewalt géint Fraen e strukturelle Phenomeen ass, dee sech vun anere Forme vu Gewalt ënnerscheet.

Et geet hei ëmmer ëm Dominanz, e System, an deem Frae sech ënneruerdne sollen a vu Männer ongestrooft ernidderegt kënne ginn.

Léif Kolleeginnen am Gemengerot a léif Kolleegen, mir all si gewielt ginn, fir Esch zu enger sécherer Plaz ze maachen, wou Mammen a Kanner roueg kënne schlofen, ouni ze fäerten, Gewalt ze erliewen. Net doheem, net an der Schoul an net an de Fräizäitaktivitéiten.

Dofir fuerderen ech, datt mer endlech nach weider an Aktioune kënnen ëmsetzen, wat eis Virgänger schonn äerdeg an d'Weeër geluecht hu mat der Charte Européenne pour l'Egalité des Femmes et des Hommes dans la vie locale. Hei zu Esch mat eisem super Service.

Dee Plan d'action soll sech eigentlech konzentréieren op d'Preventioun an de Schutz vun den Affer. Déi si bis elo komplett vun der Gesellschaft eigentlech vernoléissegt ginn. Am eenzel Gesell géif ech virschloen, e Plang mat follgenden Elementer, deen ech dann och der Kommissioun esou géif virdroen. Well eng Preventioun fänkt u mat Formatioun an Informatioun.

Dofir schloen ech vir, an alle Schoulen, an alle Veräiner, an alle Jugendfräizäite

reegelméisseg Schoulunge vum Personal iwwer Mëssbrauch a Gewalt duerchzeféieren. Firwat net? Mir hunn et schonn, mee awer nach weidergefouert gëtt.

Mir kënne jo zum Beispill och festleeën, datt Veräiner, déi gefuerdert Formatiounen net matmaachen, vun der Gemeng net onbedéngt déi néideg finanziell Ënnerstëtzung kritt. Et sinn esou Proposen, wou mer kënnen diskutéieren och an enger Kommissioun.

All ëffentlech Ariichtunge musse weider mat enger Charte géint Mëssbrauch a Gewalt ausgestatt ginn, déi ëffentlech ausgehaange gëtt a fir all Mënsch zougänglech ass.

D'Gemeng kéint vläicht och nach weider de Service fir d'Betreiung vun den Affer vu Mëssbrauch a Gewalt ariichten. An ass et net vläicht och esou, dass een nach vläicht weider mat geschoultem Personal, speziell geschoultem Personal ka mat besat ginn.

Et muss eng zentral Plaz ageriicht ginn, wou d'Affer an eventuell Zeie kënnen an anonymmer Form Strofdoten denoncéieren, ouni mat Repressalie mussen ze rechnen. Nëmmen dann traue sech d'Affer, och auszesoen, an nëmmen da kënnen d'Täter bestrooft ginn.

All Denonciatioun muss seriö geholl ginn an et muss eng kloer, novollzéibar Prozedur agefouert ginn, fir de Suivi ze maachen.

Ech weess, dat si ganz ambitionéiert Ziler, mee wa mir wierklech et eescht menge mat eisem Programm fir e bessert Mateneen zu Esch, dann ass dat e gudde Wee.

An hei ass keng Plaz fir parteipolitescht Geplänkels oder Polemik. Oppositioun a Koalitioun mussen hei matenee schaffen, och wann d'Egalité des chances net onbedéngt an d'Weltbild vun alle Parteie passt.

Ech schwätzen hei am Numm vun allen Escher Mammen a Pappen. Déi musse kënne sécher sinn, dass hire Kanner näischt geschitt, wa se an hir Fräizäitaktivitéite ginn oder an d'Schoul. Ech schwätzen am Numm vun allen Affer vu Mëssbrauch, vun deene vill fir d'Liewe gezeechent an traumatiséiert sinn.

Wa mir net endlech héieren, wat si soen, wa mir net gesinn, wat hinne geschitt, dann ass dat nach en zousätzlechen Trauma a si ginn eng zweet Kéier mëssbraucht.

Ech schwätzen an Numm vun deenen, déi soss kee Gehéier fannen. Loosst eis hinnen och eng Stëmm ginn.

Mir zu Esch kucken net ewech. Mir hunn dat och schonn am Virfeld esou gemaach a mir wäerten dat och weiderhin esou maachen. A paken dat zesummen a gemeinsam un. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Scholl.

Den Här Schmit huet d'Wuert, an duerno d'Madamm Agovic.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Wéi gesot, dat heiten ass wierklech e ganz komplizéiert Theema. Ech soen dem Här Baum och Merci, fir dat op den Ordre du jour gesat ze hunn.

Et ass wichteg, dass mer eemol doriwwer diskutéieren, obschonn datt et keng einfach Diskussioun wäert sinn a warscheinlech och net einfach fir mech, fir déi kleng Punkten, wou ech hei trotzdeeem wëll, solle mer soen, mat an d'Diskussioun era bréngen. Fir déi opzegräifen.

Vu vireraus wëll ech emol domat soen, datt ech déi heite Motioun wäert matdroen. Awer net ouni – an ech hoffen, dat loosst Dir mer awer gëllen – meng, solle mer soen, Remarken iwwer de Sujet wéilten ze maachen.

Et ass esou, mir hate virdrun och rieds vun Explikatiounen an och vu Wourechten oder vun Ursaachefuerschung. Mer haten och eng, et ass och gesot ginn, datt am Fong geholl – et ass jo och de Constat gemaach gi vun der Immigratioun an och vun der Lag socio-économique, wou Esch huet. Datt déi e bësse speziell am Verglach zu anere Gemengen ass. Ass wuel bewosst an hu mer haut nach eng Kéier kënnen un den Donnéeë gesinn.

Et ass gesot ginn, datt dat keng Verbindung hätt mat der Lag, also mat der, solle mer soen, Gewalt géint Fraen an der Gewalt domestique. Ech mengen dach, datt schonn eng Verbindung besteet.

Ech soen net, datt et déi eenzeg Explikatioun ass, mee et ass eng vun deene Pisten, déi wou menger Meenung no zu där héijer Violence domestique féiert. An ech fannen, et ass nëmmen éierlech, wann een dat och seet.

Op jiddefalls sinn ech der Iwwerzeegung, datt dat eng vun deene Pisten ass. Dat ass nëmmen e Constat, dee wou ech am Fong geholl trotzdeem wollt hei an d'Ronn soen. Ech fannen, et ass net gutt, wann ee Saachen einfach verkennt, nëmme well se engem ideologesch net an de Krom passen.

Jo, dat gesot, haaptsächlech géif ech och soen, datt et net onbedéngt elo … ech maachen dat un den Données socio-économiques fest, déi wou och mat deene Populatiounen oft a Verbindung stoen. Et ass net, well een eng aner Nationalitéit huet, dowéinst muss onbedéngt, solle mer soen, méi Gewalt géint Fraen ausüben. Dat wëll ech net soen.

Ech wëll awer soen, datt de ganze globale Kontext schonn e Rôle spillt. Well et muss ee soen, datt déi Immigratioun, déi wou mir oft hei hunn, net méi eng europäesch Immigratioun ass, mee ganz oft eng Immigratioun aus ganz anere kulturelle Weltanschauungen a Standarde besteet. A wouduerch dann esou Problemer warscheinlech och doraus entstinn, oder entstoe kënnen op jiddefalls.

Gewalt géint Fraen ass natierlech eppes, wat mer mussen dogéint virgoen. Do si mir natierlech och kloer där Meenung. Just awer am Hannerkapp géif ech awer gär, datt op d'mannst och ernimmt ass, datt an där Situatioun vun hautesdaags – et ass bestëmmt nëmmen eng infimm Minoritéit, mee se existéiert. Datt do Abusen am anere Sënn gemaach ginn. Dat heescht, wa mir dat héichhalen, wa mir déi Projeten héichhalen a wa mer och dogéint kämpfen, géint Gewalt géint Fraen, musse mer awer oppassen, datt domat och Abus ka gedriwwe ginn.

Dat heescht, do kënne Leit ugeklot ginn oder d'Police ka geruff ginn, wann zum Beispill och emol guer näischt geschitt ass. Just nëmmen am Fong geholl fir, wann eng Separatioun entsteet oder just virdrun, fir datt ee vun deenen zwee Partner sech besser Kaarte fir d'Zukunft am Fong geholl wëll bereetleeën.
Ech wëll net soen, et ass doutsécher net eng Majoritéit. Mee ech wëll soen, wann een ausschliisslech mat Scheiklappen un dësen Dossier erugeet, dann huet een, am Endeffekt kommen da Leit ënner d'Rieder, déi wou am Fong geholl onschëlleg sinn. An dat, och verschidde Männer. Do sinn net all Männer, déi wou, solle mer soen, ugeklot ginn oder wou um Pranger stinn, sinn net all vun hinne schëlleg.

A wann een ... also ech mengen, dat ass op d'mannst eppes, dat muss een um Radar hunn. Ech soen elo net, datt et d'Majoritéit ass. Et ass bestëmmt net d'Majoritéit, mee quand même. Dat ass derwäert, datt een dat awer ernimmt.

An dann hate mer och nach iwwer d'pyschologesch Gewalt rieds. Psychologesch Gewalt, surtout déi physesch Gewalt, dat ass jo oft eng Saach, déi wou vun de Männer par rapport zu de Fraen ausgeüübt gëtt. Mee psychologesch Gewalt, surtout déi, déi kann an zwou Richtunge goen.

Also ee wou, solle mer soen, mat e bësse Liewenserfarung a wann een am ... wann ee genuch héieren huet, solle mer soen, dobaussen, da weess een, datt dat net ëmmer eng Saach ass, déi wou esou kloer ass. A wou psychologesch Gewalt ugeet a wou se ophält, doriwwer si scho Bicher geschriwwe ginn. Also dat ass net esou einfach an net esou evident.

Dat heescht, dat och nëmme fir dee Fall, trotzdeem datt et emol ernimmt ass. Datt et net ëmmer esou einfach ass, fir bei psychologesch Gewalt ënner Partneren e Responsabelen auszemaachen. Op jiddefalls net einfach esou per Dekreet oder per Policebericht, datt een dat innerhalb vun zwou Stonne ka feststellen.

Wéi gesot, dat alles am Fong geholl, fir drop opmierksam ze maachen, datt mir alleguer schonn an eisem Liewen – wann ee jonk ass vläicht manner, well een dann nach manner gelieft huet – duerch schwéier Epreuvë gaange sinn. A warscheinlech wéi eis Kolleegen, wéi eis Famillje Separatioune materlieft hunn, an datt déi och net ëmmer schéi sinn.

An datt do heiansdo vu verschiddenen an, wéi ee seet, d'Trickkiste gegraff gëtt, fir sech zum Beispill en Droit ze sécheren, am Domicile conjugale ze bleiwen oder wat och ëmmer.

Ech mengen, esou Saachen hu mer alleguer op d'mannst emol schonn héieren. An dat sinn trotzdeem Saachen, déi wou ee muss mat um Radar hunn.

Jo, wéi gesot, dat si meng Remarken zu deem Sujet. Wéi gesot, mir droen dat am Ganze mat. A mir hoffe just, datt net ze vill trotz allem mat Scheiklappen do gehandelt gëtt.

Natierlech muss een de Fraen hëllefen, déi Gewalt ausgesat sinn. Awer et muss een och oppassen, datt een net mam Bulldozer einfach driwwerfiert an dann Onschëlleger, och wann et Männer sinn, also onschëlleg sinn, da solle se net ënner d'Rieder kommen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

D'Madamm Agovic huet d'Wuert, an duerno d'Madamm Ragni.

**Mme Enesa Agovic (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech wéilt am Fong eppes ganz Aneres uschwätzen, mee, Här Schmit, mir sinn net hei, fir ze jugéieren, ob iergendee schëlleg ass oder net. Dofir gëtt et eng Police, dofir gëtt et Gesetzer. Ech mengen, dat ass absolutt déi falsch Plaz, fir esou Wierder hei auszeschwätzen.

Pardon, ech hunn elo wierklech Bols, wéi verschiddener hei géife soen. Bon, ech kommen dann awer zu mengem Punkt.

Mir schwätzen hei zu Esch ëmmer iwwer eng modern, gerecht a sécher Stad, déi mer gär hätte fir jiddwereen. Et ass awer, wéi vill Leit et schonn hei gesot hunn, d'Realitéit fir vill Fraen ass eng aner.

D'Zuel vu Gewaltfäll géint Frae geet dramatesch an d'Luucht, och wa verschiddener dat net wëllen agesinn. Ech wéilt awer elo och net alles widderhuelen, wat scho gesot gouf. Well et awer nach e Punkt gëtt, dee mer e bëssen ze kuerz kënnt hei, deen hautesdaags awer ëmmer méi present ass an deen eis awer och wierklech Suerge maache misst.

Et geet drëms, dass Gewalt sech net nëmmen an de véier Wänn ofspillt, mee sech an den digitale Raum verlagert huet. Gewalt ass haut net nëmme physesch, se spillt sech ëmmer méi online of. Iwwer WhatsApp, Instagram, TikTok, Snapchat, wat et nach alles gëtt.

Cybermobbing, Haasskommentarer, Stalking, sexualiséiert Gewalt, Droungen, Deepfakes a wou weider. Fraen a Meedercher gi belästegt, beleidegt a souguer bedrot. Oft anonymm, mee mat reelle Konsequenzen.

Déi digital Gewalt ass nämlech net manner geféierlech wéi déi physesch Gewalt. Se isoléiert, se ass mat vill Angscht verbonnen a se kann och zerstéieren.

E Phenomeen, wat virun allem bei de Jonken an de leschte Joren dobäikoum, sinn eeben, an et ass schonn ugeschwat ginn, déi toxesch Geschlechtsvirbiller, wat de jonke Männer a Meedercher verstäerkt presentéiert gëtt. Virun allem wat déi typesch Rollebiller ubelaangt. De Mann, dee staark an dominant muss sinn, an d'Fra, déi dem Mann net gläichwäerteg ass an ëmmer méi zu engem Objet doheem gëtt.

Leider gesinn ech dës Tendenz och bei mengen, virun allem jonke Schüler ëmmer méi. Hinne gëtt online gewisen, wéi si sech behuele sollen, wat si als Männer maache sollen a wéi si och mat de Fraen ëmgoe sollen.

Zéng Millioune Follower op TikTok huet zum Beispill den Andrew Tate, dee behaapt, eng Fra géif dem Mann gehéieren, hir Plaz wier an der Kichen a si dierft och keen Auto fueren. An dat sinn nach déi harmlos Behaaptungen, déi och ganz vill Kanner hei zu Esch online héieren, kucken a liesen.

Ech soen hei näischt Neies, wann ech widderhuelen, dass esou Gedankegutt geféierlech a reaktionär ass, an oft eeben och dann zu Gewalt féiert. Net nëmme kierperlech Gewalt, mee och psychologesch a verbal.

Mir missten hei wierklech iwwerleeën, wat eng Gemeng maache kann, fir och dësem Problem entgéintzewierken. Den Här Knaff huet jo scho ganz vill Saachen, Moossname genannt, déi och wierklech gutt sinn, mee et misst een awer och méi geziilt un dee Problem, déi Onlinegewalt erugoen. Preventiounscampagnen zum Beispill, fir dës Onlinegewalt och ze erkennen an där och entgéintzesteieren.

An ech mengen, dass mer hei och virun allem missten d'Elteren an d'Viséier huelen, si opklären. Vill Eltere wësse mol net, wat Snapchat ass a sou weider. Dat heescht, do hu mer schonn dee Problem.

Dann, et ass schonn ugeschwat ginn, méi Sensibilisatioun an de Schoulen an och an de Jugendstrukturen. D'Ënnerstëtzung och fir Betraffener ausbauen, och online, fir dass si sech kënne mellen, falls si wierklech Angscht hunn.

An dann och eis Partnerschaft mat Associatioune wéi zum Beispill Femmes en détresse oder CID Fraen an Gender stäerken. Oder och BEESECURE zum Beispill. Voilà, dat sinn e puer Pisten, déi ee kéint envisagéieren.

Natierlech, Madamm Scholl, den Aktiounsplang, deen ee kéint oder misst hei ausschaffen, do ënnerstëtze mir dat absolutt. Mir schaffen do ganz gär mat.

Den Här Knaff huet och Escher Lycéeë genannt. Ech sinn zwar och der Meenung, dass mer scho misste an de Primärschoulen, am Fondamental ufänken. De Lycée, do ass et schonn ze spéit. Et geet vill, vill méi fréi lass.

Mäi Meedche vu fënnef Joer kennt dat russescht Lidd « Sigmaboy" wouhier och ëmmer. Dat weess ech net. Huelt Iech d'Iwwersetzung, da verstitt Der meng Entsetzung. Wéi gesot, dat geet ganz, ganz fréi lass.

An do ass et natierlech och vu Virdeel, dass eise Buergermeeschter och Generalsekretär vun der stäerkster Regierungspartei ass an hoffentlech och an där Funktioun och op méi héijem Niveau kann Drock maachen. Well eleng, an dat ass och hei scho gesot ginn, iwwer Efforte vun der Escher Gemeng kréie mir dës geféierlech Entwécklung net an de Grëff.

Mee Esch muss sech den neien Erausfuerderungen awer upassen an och passend Moossnamen huelen an och Verantwortung iwwerhuelen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Agovic.

D'Madamm Ragni huet d'Wuert.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci virun allem fir dëst sensibelt Theema, wat, mengen ech, eis alleguerten – d'Madamm Scholl huet et scho gesot – um Mo läit.

Ech géif gär dat Theema hei awer nach e bësselche méi ausweiden. Well et wichteg ass, dass d'Affer u sech am Ganzen opgefaange ginn.

Et ass oft eng familiär Tragedie, wou d'Affer, mee virun allem och d'Kanner immens drënner leiden. An et ass en Traum, och wou d'Kanner eeben hiert Liewe laang mat sech droen.

Ganz oft si fir d'Kanner déi éischt Uspriecherpartner numol d'Schoulen oder d'Maisonrelaisen, well se awer do vill Zäit verbréngen. An et hinnen awer eng gewëss Sécherheet gëtt, e séchere Kader, eng Vertrauenspersoun. Vill Stonnen, mat deene si sech u sech mat deene Persounen ofginn.

Aus Erfarung kann ech soen, dass dëst och fir d'Personal net ëmmer eng ganz einfach Situatioun ass. Et ass eng pyschologesch Situatioun, déi een net esou séier vergësst, wann op eemol e Kand engem seet, Joffer, ech wëll net méi heemgoen.

Et ass wichteg, dass mir weiderhin um lokale Sécherheetsplang schaffen, mee ech denken awer och, dass et ganz dréngend ass, dass och e Ministère et weiderhin an d'Schoulen, a wéi d'Madamm Agovic et och scho gesot huet, net nëmmen am Lycée, mee och an der Primärschoul.

U sech méi Formatiounen éischtens emol fir d'Personal. Wéi verhalen ech mech, wat maachen ech an esou enger Situatioun? Wéi fannen ech déi richteg Wierder? Wéi fänken ech déi Kanner op? A wat maachen ech, wann e Kand mir seet, ech wëll elo net méi heemgoen?

Fir d'éischt emol mécht ee grouss Aen, well een einfach net weess, wat soll een deem Kand soen. Du bass d'Vertrauenspersoun fir dat Kand. A wann s du et dann awer mat heemschécks, wat awer trotzdeem Gesetz och virgesäit, dass eng Mamm oder Papp se dierfen ofhuelen, ausser et wier en Urteel do, majo, da steet een emol do.

An ech denken, dass et wierklech do ganz wichteg ass, dass ee Formatioune fir d'Leit um Terrain, fir wierklech do och kënnen déi Kanner do ofzehuelen an hinne weiderhin dat Vertrauen och ginn.

Ech fannen awer och, elo ass vun TikTok, Instagram geschwat ginn. Ech muss soen – wéi vill Leit heibanne wëssen, ech schaffen an engem Precoce. A säit Wochen, mir kennen dat Spill alleguer, well mir hunn et alleguer an de Pause gespillt. Dat Eent, Zwee, Dräi, Glace-Glace. An da bleift jiddweree stoen. An da kënnt deen een a mécht Dommheeten. A wann een da laacht, dann huet ee verluer an da geet d'Spill weider.

Säit Woche gëtt et eng Serie, déi ech nach selwer net gesinn hunn a wou ech am Ufank emol ganz erstaunt war, wéi ech op eemol dräijäreg Precoce-Kanner gesinn hunn, dat Eent, Zwee, Dräi, Glace-Glace spillen op eng ganz aner Aart a Weis. An zwar op déi Aart a Weis vun där berüümter Serie Squid Game.

An do sange se dann e japanescht Lidd, wat dann och e bësselchen d'Melodie vun Eent, Zwee, Dräi, Glace-Glace huet. An do stoungen do, an am Ufank hunn ech alt emol guer näischt gesot. Okee, et ass vläicht en neit Lidd, wat s du eigentlech méi kenns.

An do ass dat eent Kand higaangen an huet da mat senger Hand eng Pistoul oder mat Lego eng Pistoul gebaut an ass dohinnergaangen an huet d'Kanner dann erschoss. An da sinn déi ëmgefall. An da war d'Spill fäerdeg. Dat heescht, dann hunn déi net méi dierfe matspillen.

An du war ech emol ganz schockéiert, bis ech erausfonnt hunn, dass dat eng Serie ass. An op TikTok een dann duerch deen Algorithmus permanent esou déi Videoe gewise kritt. An dat spillen d'Kanner vun dräi Joer.

Och dat ass eng Sécherheet, och dat ass e Bild, wou d'Kanner kréie vun där Gewalt, wat alles eigentlech fir si ganz normal ass. Well et ass e Spill.

Et ass wichteg, dass mir weiderhi sensibiliséieren an driwwer schwätzen. Datt och deene Familljen, och deene Kanner, déi u sech Affer sinn, dass déi Kanner och eng Kéier kënne soen, ma stopp. Well ech si geléiert ginn, dass dat do keng normal familiär Situatioun ass.

Oft héiere mer, dass Generatiounen iwwer Generatioune Kanner dat do weidermaachen. Weider hir Frae schloen, weider sech doheem zerstreiden, well si näischt Aneres gesinn hunn. Well si keen haten, deen hinne gesot huet, majo, sou funktionéiert eng Famill net. Dat do ass net normal, dass eng Fra geschloe gëtt, dass d'Mamma geschloe gëtt. Dat mécht een net. Dat ass net esou.

Wéi gesot, ech denken, dass et wierklech ganz wichteg ass, dass dat en Theema ass, wou ëmmer erëm hei opdaucht, wou mer ëmmer erëm driwwer diskutéiere kënnen, wou ëmmer erëm parteiiwwergräifend mer eis eens sinn, dass mir dat net wëllen. Dass mir eis hei asetze fir d'Affer, fir d'Familljen a virun allem och fir d'Kanner. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni.

Ech froen den Här Knaff, ob hien eppes ergänze wëll. An duerno huet den Här Baum d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Ech wollt just allen Intervenantë Merci soe fir ...

Wéi gesot, den Zesummenhalt, dee mir hunn hei an der Escher Gemeng, fir géint Gewalt en général, mee d'Gewalt géint Frae surtout, fir déi och um kommunalen Niveau ze bekämpfen. Mir hunn, wéi gesot, an eisem Service schonn eng Rei Mesuren, déi um lafe sinn. Ech menge schonn, datt mer do eise Rôle wouerhuelen an datt mer eis Aufgab och wouerhuelen.

Mee wéi gesot, all déi Pisten, déi elo nach opgedeckt gi sinn, déi hu mer enregistréiert, a mir kucken, aus deenen dann och Mesuren ze maachen, déi kënnen dann direkt appliziéiert ginn.

Ech mengen, et sinn en Rei Saachen, déi nach komme mussen. Wéi gesot, eng Ulafstell, Safe Spaces, d'Maison de la Diversité. Do ass scho vill ze maachen. An do musse mer natierlech och kucken um Niveau vun der Sécherheet a vun der Polizeigewalt, datt mer eng gutt Kollaboratioun mat eisen Agenten hunn a mat eiser Policedirektioun, fir, wéi gesot, och konkreet den Affer Hëllef ze bidden.

Merci vu menger Säit aus fir déi interessant Diskussioun.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och Här Knaff, Här Faltz, Madamm Scholl, Madamm Agovic, Madamm Ragni, fir Är Interventiounen.

Ech wéilt mat eppes ufänken, wou ech net esou frou driwwer sinn, datt dat esou an de Raum geheit ginn ass, ouni datt et och nëmmen iergend eng Preuve gëtt. Am Géigendeel, d'Zuelen deiten éischter op de Contraire hin, wéi wann et en direkt Verhältnis tëschent Migratioun an haislecher Gewalt géif ginn.

Wann dat esou wier, da misst d'Stad Lëtzebuerg den allerhéchsten Undeel un haislecher Gewalt hunn. Well an der Stad Lëtzebuerg weesentlech méi Net-Lëtzebuerger wunnen, proportional, wéi zu Esch.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

An de socio-économique nach mat ...

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Dofir ass et net richteg a brandgeféierlech, dee Lien tëschent Migratioun an haislecher Gewalt ze maachen. An ech mengen, datt een dat och soll soen.

Ech si wierklech frou iwwer vill Interventiounen, déi hei gemaach ginn. Ech wëll op e puer Saache reagéieren.

Et stëmmt, Esch steet net eleng do mat deem Phenomeen. Mer gesinn, eis Nopeschgemengen ass et net weesentlech besser. Schëffleng ass ongeféier op deem Level wéi Esch, Déifferdeng ass ongeféier op deem Level wéi Esch. Dat heescht, et ass elo kee spezifesch Escher Problem.

Bon, mer waren dës Kéier an absolutten Zuelen déi meescht. Mee dofir mengen ech awer, datt mer et sollten hei zu Esch seriö huelen. An och déi Interventiounen, déi ech héieren hunn, hu mech wierklech doriwwer gefreet.

Mer verstinn de Phenomeen nach ëmmer net ganz. An dofir mengen ech, an dat ass och eng vun de Konklusiounen aus dem GREVIO-

Rapport, brauche mer iwwerhaapt zu Lëtzebuerg méi Donnéeën. Eis Datesammlung muss verbessert ginn.

An ech wëll awer och do drop opmierksam maachen, datt mer virdrun eng Konventioun mam LISER gestëmmt hunn, mat engem Fokus op notamment Gender. An ech mengen, datt dat och een Element ass an der Aart a Weis, wéi mer hei zu Esch de Problem probéieren, ze verstoen. Probéieren, seriö ze huelen. An zumindest déi Donnéeën ze kréien, déi mer brauchen.

Villes muss um nationalen Niveau geschéien. Et ass nach ëmmer esou, datt Kanner vun Affer kréien net de Status als Affer am Moment, juristesch gesinn. Dat ass e ganz grousse Problem.

Mir hu versprach kritt, et géif och um nationalen Niveau dorunner geschafft ginn. Den Afferschutz muss, mengen ech, generell verstäerkt ginn. Do hu mir als Gemeng keen Afloss.

Mee ech sinn awer och ganz, ganz frou iwwer d'Aussoe vun der Madamm Scholl. D'Iddi, quasi an Analogie zu engem nationalen Aktiounsplang e lokalen Aktiounsplang zumindest unzedenken, mam Fokus Sensibiliséierung. Well dat kënne mer als Escher Gemeng maachen. Do hu mer och direkt Moyenen.

An do sinn ech ganz frou driwwer, wat souwuel d'Madamm Ragni wéi d'Madamm Agovic gesot hunn, datt och do eis Schoulen eng Roll spillen. Ugefaange schonn, och wéi d'Madamm Ragni beschriwwen huet, wéi ginn eis Enseignanten, eis Educateure mat Fréierkennung ëm. Wann s du op eemol feststells, mat deem Kand do ass awer iergendeppes net richteg. Dat Kand ass vläicht Affer oder Zeie gi vun haislecher Gewalt. Wat maache mer domadder?

Dat sinn alles Dimensiounen, wou mir schonn als Escher Gemeng e Fokus drop setze kéinten. A wat, mengen ech, eng konkreet Hëllef och fir déi betraffe Kanner ka sinn.

D'Madamm Agovic huet och d'Dimensioun vum Cybermobbing ugeschwat. Ech mengen, do hunn ech och elo keng Zuel an ech wëll mech elo net unhéiere wéi den Här Schmit.

Mee aus deem wat een awer vill liest, kritt een d'Gefill, datt d'Gewalt a Schoulen e Sujet ass. An datt déi Gewalt net nëmmen eng kierperlech Gewalt ass, mee eng ganz staark psychologesch Dimensioun huet. Stéchwuert Cybermobbing.

An effektiv, och dat fänkt deemno wéi schonn an de Grondschoulen un. An domadder verbonnen iwwerhaapt d'Bild vun der Fra an der Gesellschaft. Geschlechterrollen, déi attribuéiert ginn.

An den Andrew Tate, deen Dir genannt hutt, dat ass kee Kand aus der Immigratioun. Dee kënnt net aus enger friemer Kultur. Dee kënnt aus der déifstbrittescher Kultur, déi ee sech virstelle kann. Wou toxesch Maskulinitéit pronéiert gëtt.

An et kann ee vläicht jiddwerengem recommandéieren, de Film „Adolescence" sech unzekucken, wou ee gesäit, wéi Gewalt a Gewaltscheemen, déi reproduzéiert ginn, sech op Kanner kënnen auswierken a wéi Kanner a Jugendlecher selwer kënne gewalttäteg ginn. Wat och heiansdo fir Elteren, wéi an deem dote Film, quasi net verständlech ass.

Wichteg ass och dofir d'Féierkennung. Et gëtt bei haislecher Gewalt nach ëmmer en héijen Taux vu Rezidiv. An déi meescht Täter, déi verurteelt ginn – an do huet d'Madamm Agovic Recht –, mer liewen an engem Rechtstaat. Mir jugéieren net driwwer, ob

déi 1.200 Interventiounen hei am Land berechtegt sinn oder net. Dat maache Geriichter.

Vun deenen 1.200 Interventiounen ass et zu 250 Explusioune komm, opgrond vun objektive Faiten, déi de Parquet festgestallt huet. Net mir hei, dat kënne mir net. Dat ass iwwerhaapt net eis Capacitéit.

Mee vun deene Leit, vun deenen Täter ass en extreem héijen Deel, déi selwer och an hirer eegener Kandheet Affer vu Gewalt waren. Dat heescht, et ass esou wichteg, dee Cercle vicieux, vun deem och d'Madamm Ragni geschwat huet, dat Verierwe quasi vun deene Mechanismen, esou fréi wéi méiglech ze ënnerbreeden.

E leschte Gedanken, e virleschte Gedanken. Do sinn ech ganz bei der Madamm Scholl. Ech mengen, datt dat hei eng Fro ass, déi mer als Stad gemeinsam mussen ugoen an déi beyond Koalitioun an Oppositioun ass.

Mir mussen eis just eens ginn, datt et eppes ass, wat mer wierklech wëllen ugoen a wat mer wëllen als Problem bekämpfen.

Ech gesinn heizou, onofhängeg vun der Konstellatioun vun der Majoritéit, wierklech eng ganz grouss Bereetschaft. An dat ass, mengen ech, och wichteg. An och dat Signal, wat dëse Gemengerot a ganz villen Interventiounen haut gemaach huet.

Ech sinn och frou, an ech hoffen, datt de Schäfferot dat och net esou verstanen huet, ech hat awer och net d'Gefill, wéi wann dat hei eng Kritik wier un der Tatenlosegkeet vun der Gemeng.

Also ech hunn och grad gesot, datt d'Escher Gemeng ëmmer Virreider war. An och dat weider ass. An et ass net eng accusatoresch, wou d'Oppositioun der Majoritéit virgeheit, se géif näischt maachen. Mee ech mengen, et ass e Problem, oprond vun neien Zuelen, déi mer och nach eng Kéier mussen ënnersträichen.

Den Här Buergermeeschter huet zu Recht drop higewisen, datt et Elementer am Plan local de sécurité gëtt, déi spezifesch mat haislecher Gewalt ze dinn hunn. Hien huet och drop opmierksam gemaach, datt en mi-mandat soll eng Evaluatioun gemaach ginn.

An ech si ganz mat him averstanen, datt dat eigentlech de Moment wier, wou ee souwuel Konklusiounen aus deem Rapport Violence wéi awer och awer Elementer aus dem nationalen Aktiounsplang kann domadder afléisse loossen. Dat och dann iwwerpréiwen.

Sou datt ech géif proposéieren, den zweeten Tiret vun der Motioun ëmzeänneren an „à intégrer les conclusions du rapport Violence 2024 ainsi que les mesures envisagées par le plan d'action national violences fondées sur le genre dans le processus d'évaluation mi-mandat du plan local de sécurité".

An ech hunn dat och mam Här Buergermeeschter ofgeschwat, datt dat eppes ass, wat einfach eng méiglechst breet Zoustëmmung soll kréien. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci fir Är Wierder, Här Baum.

Da géinge mer zum Vott komme vun der Motioun, mat der Propos vun der Verännerung. Au vote.

**[Vott; 19 Jo]**

## 7. Conservatoire municipal; organisation scolaire provisoire 2025/26; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt 6. D'Schoulorganisatioun vum Conservatoire. Den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Wéi all Joer virum 1. September muss d'provisoresch Schoulorganisatioun vum Conservatoire gestëmmt ginn. Dir hutt d'Dokument an Ärem Dossier gehat.

Déi éischt Partie geet et ëm d'Coursen am Iwwerbléck. Wéi vill Cours-collectiffen hu mer, wéi vill Cours individuels, wéi vill Cours collectifs libres, wéi vill Cours individuels libres.

Zweete Punkt vun der Organisatioun ass den Tablo vun den Dechargen, wann Enseignanten nach aner pedagogesch oder technesch Tâchen erfëllen. Den drëtte Punkt ass de Recapitulatif vun de ganze Minutte Coursen, déi mer dispenséieren. Dat sinn der dës Kéier 61.785. Dat heescht, 1.029,75 Stonnen.

Dann d'Tâchë vun den Enseignanten. D'Fächer, déi se ginn. D'Tâchen a Minutten an eventuell Dechargen. D'Lokalitéiten, wou d'Coursen ofgehale ginn. Dat ass an der Gemeng Suessem an an der Gemeng Schëffleng. An dann, wéi gesot, am Haaptgebai. An am Gebai vun der Ecole Internationale, am Victor Hugo.

D'Aschreiwungsmodalitéite si ganz online gesat gi vum 2. bis de 14. Juni. Mir hunn aktuell 1.272 Schülerinnen a Schüler, déi am Conservatoire ageschriwwe sinn.

Voilà, wa keng aner Wuertmeldunge wären, da géif ech Iech bieden, der Schoulorganisatioun zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen? Dat ass net de Fall.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 8. Questions de personnel

### 8.A.1. Création d'un poste de Juriste, dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité A1, sous-groupe administratif, auprès du Secrétariat général; décision

### 8.A.2. Création d'un poste de Chargé technique, dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité B1, sous-groupe technique, auprès du service Canalisation; décision

**8.A.3. Création d'un poste de fonctionnaire dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, auprès du Département des Affaires Economiques; décision**

**8.A.4. Création d'un poste de chauffeur-livreur dans la carrière de l'agent polyvalent auprès du service Repas sur Roues; décision**

**8.B.1. Décision de classement de Madame L.J., agent engagé dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du service Circulation; décision**

**8.B.2. Décision de classement de Monsieur D. M. R., agent engagé dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès de la Bibliothèque; décision**

**8.C. Prolongation de stage Madame J. S. , fonctionnaire B1 administratif, Personnel; décision**

**8.D.1. Réduction du stage de N.F., employé communal dans le groupe d'indemnité A2, auprès du Département des Affaires économiques; décision**

**8.D.2. Réduction du stage de C.T, employée communale dans le groupe d'indemnité A2, auprès du Département des Affaires économiques; décision**

**8.E. Primes d'astreinte variables des agents pour l'exercice 2024; décision**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Personalfroen. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir maachen dat, wéi mer et allkéiers maachen. Ech presentéieren Iech dann d'Création- an d'Suppression-de-posten.

Am Secrétariat général maache mer eng Creation de poste am Statutt vum Employé communal vun engem Jurist.

An den Travaux municipaux vun der Kanalisatioun maache mer eng Kreatioun vun engem Posten als Chargé de gestion, och am Statutt vum Employé communal. Gläichzäiteg maache mer dann och eng Suppressioun vun engem Fonctionnaire B1.

Dann hu mer an dem Departement vun den Affaires économiques eng Creation de poste vun engem Fonctionnaire am Grupp B1, a gläichzäiteg dann och eng Suppressioun vun engem Posten als Employé communal am selwechte Grupp.

Duerno an der Coordination sociale, am BiBBS, Repas sur roues, do brauche mer nach Leit bäi an do hu mer dann eng Creation de poste vun engem Chauffer-livreur, deen da mat 20 Stonnen d'Woch bei eis da wäert kënnen ugestallt ginn.

Dann hu mer Décisions de classement, déi mer mussen applizéiere bei zwee CDDen, déi Der do stoen hutt. Dat eent ass an den Travaux municipaux am Service vun der Circulatioun an dat anert ass an der Bibliothéik.

Dann hu mer Prolongation-de-stagen a Reduction-de-stagen, wou och déi zwee Leit, déi proposéiert ginn, hir Konditiounen erfëllt hunn.

An zum Schluss hu mer dann nach déi alljärlech Primes d'astreintes. Déi wëlle mer

kuerz virun der Vakanz stëmme fir déi Leit, déi Astreintë gemaach hunn.

Wann da Froe wieren oder net, da wier ech frou.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally.

Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech si frou, dass mer haut erëm kënne Creation-de-postë stëmmen.

Wat kënnt no der Creation de poste? Do kandidéieren d'Leit an nom Kandidéiere gëtt eng Analys gemaach, wien dann invitéiert gëtt, fir sech virstellen ze kommen.

Leider, an dat soen ech elo als genannte Member vum Conseil de recrutement, stellen ech fest, dass et net ëmmer ganz kloer ass, wéini een als Oppositiounsconseiller gefrot gëtt, fir do deelzehuelen. Fir net ze soen, wéini een do erwënscht ass.

Ech hat Iech d'lescht Woch e puer E-Maile geschriwwen un de Schäfferot, wouvun déi vu mengem Freedefeier direkt geäntwert ginn ass. An op meng E-Mail am Kader vun der Zesummesetzung a vun de Missioune vum Conseil de recrutement nach keng Äntwert komm ass.

Dofir hunn ech mer haut d'Fräiheet geholl, haut eng kuerz Motioun ze presentéieren, déi u sech drëm geet, dass mer eis e Règlement d'ordre intérieur vum Conseil de recrutement sollte ginn

Den 12. Juli 2000 ass de Conseil de recrutement an d'Liewe geruff ginn. An d'Nopeschgemengen a vill aner Gemenge sinn, ech well net soe jalous drop, mee fannen dat richteg gutt, dass mer dat hunn. A mir sollen dat Organ dann och kloer definéieren a richteg notzen.

2008, den 22. Februar, ass per Deliberatioun vum Gemengerot gestëmmt ginn, wéi en zesummegesat gëtt a wat d'Missioune vum Conseil de recrutement sinn. Den 10. Februar 2012 sinn et dunn Adaptatioune gi bei der Kompositioun vum Conseil de recrutement. An och e grousse Merci dorops un eist Sekretariat an un eise Service Structures et Organisation, dass se mer déi Deliberatiounen zoukomme gelooss hunn.

Ech zitéiere just ganz kuerz aus der Deliberatioun vun 2000, well ech weess net, ob jidderee se forcement am Kapp huet mat all deenen Deliberatiounen, déi hei gestëmmt ginn. "Depuis sa creation en 2000, le conseil de recrutement a globalement fait ses preuves pour assister le conseil communal et le collège échevinal dans la politique du personnel et d'engagement de la ville. Et qu'il a été plusieurs reprises qualifies exemplaires pour les autres villes et communes."

An en anere Considerant ass: "Que le conseil de recrutement est chargé de l'expédition des affaires courantes qui se présenteront jusqu'à que le Conseil communal a tire ses conclusions dans la matière."

Dofir géif ech a mir als LSAP invitéieren de Schäfferot, e Règlement d'ordre intérieur auszeschaffe bis d'Rentrée, dat heescht, bis September.

Mir hu jo eng Basis. An dat Reglement soll déi wichtegkeet an déi Necessitéit vum Conseil de recrutement duerleeën, mat der Ambitioun, d'Fonctionnement esou effizient

wéi méiglech ze maachen, d'Kompositioun esou representativ wéi méiglech ze maachen. An och d'Missiounen alignéieren zu deem, firwat en u sech do ass.

An et geet hei notamment ëm Saache vun Transparenz a riguréiser Matière vum Rekrutement.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Funck.

Gëtt och nach eng Wuertmeldung zum tatsächleche Sujet, nämlech d'Creation-de-posten an déi verschidde Personalännerungen am Organigramm, Primmen a sou weider?

Well da géing dat awer elo ofstëmmen, der Seriösitéit halwer, fir dann dat ze trenne vun deem dote Punkt.

Dat ass net de Fall. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**8bis. Motion déposée par la sensibilité politique LSAP Esch**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Elo reagéiert dann den Här Zwally op de Punkt, deen Dir hei ageschlach hutt, Här Funck.

Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Funck, fir Är Interventioun.

Ech mengen, op e Freedefeier ze äntweren, ass vill méi einfach wéi Personalpolitik, wann et ëm den Deel vun de Kommissioune geet.

Mee Dir maacht hei eng grondsätzlech Demande, fir de Fonctionnement vun enger Kommissioun anescht ze reegelen. Jo, dat ass jo awer eng aner Ausriichtung.

Mir mussen och wëssen, dass et an all Kommissioun iergend e Reglement gëtt an ëm wat fir eng Funktioun dass et geet. Wéi se zesummegesat ass, wéi eigentlech de Fonctionnement dovunner ass.

Hei gëtt et eng speziell Reegel an dëser Kommissioun. An déi huet sech am Laf vun de Jore verännert. An eng vun deene war, dass mer hei am Personal dach awer anescht ausgeriicht sinn. A mir mussen do ënnerscheeden tëschent den interne Rekrutementer an den externe Rekrutementer.

A well d'Oppositioun ëmmer gefrot huet, an zu menger Zäit och, fir ze froen, dass ee kann an den externe Rekrutementer dobäi sinn, hu mer dann och senger Zäit gesot, okee, da gëtt een nominéiert vun der Oppositiounspartei.

An do hu mer de Choix gelooss den Oppositiounsparteien, fir een ze nennen. Dat hu mer

och deemools gemaach. An dann een Nominatif gesot ginn, hei, mir proposéieren elo den Här Ben Funck am Numm vun der Oppositioun, fir kënnen an dem externen dobäi ze sinn.

Dat huet deelweis och funktionéiert, och zu menger Zäit funktionéiert. Et muss een awer wëssen, dass dat enorm vill Aarbecht ass. An dass domadder verbonnen och den Asaz muss garantéiert bleiwen.

A wa mer elo op de Wee goe géifen a mir géifen do Changementer maachen a mir géife soen, haut ass et den Här Funck an iwwermuer ass et iergend e Remplaçant, deen dann dohinner komme kann. Da geet och gär de Fuedem verluer.

Well dee Rekrutement an och domadder verbonnen déi fënnef Statutten, déi domadder verbonne sinn, ass keen einfache Rekrutement. Dat si jo awer Kenntnisser, Grondkenntnisser, déi een eigentlech muss hunn an all deenen Iwwerleeungen, déi ee wëll maachen.

Wat awer net ausschléisst, dass eigentlech de Conseil d'selwecht funktionéiert. Ob dat elo de Statutt ass vun engem Salarié, ob dat de Statutt ass vun engem Fonctionnaire oder vun engem Employé. Et gëtt ënnerschiddlech Approchen, déi musse gewielt ginn, wa mer e Conseil de recrutement maachen. An domadder verbonne muss dann och de Savoir, dat Wëssen do sinn, fir dat eigentlech kënnen esou ze maachen.

Dir hutt schonn eng Kéier an deem Kontext hei eng Fro gestallt. Ech gesinn et schwiereg, ech gesinn et wierklech schwiereg, wann Dir Iech ofwiesselt an der Oppositioun. Well dat ass zäitopwendeg. An dat ass natierlech Äre Choix dann duerno.

Sou wéi Dir dat hei elo formuléiert hutt, sot Dir, Dir géift gär e Règlement d'ordre intérieur maachen. Bon, ech muss elo mol nokucken opgrond vun deenen anere Kommissiounen, ob dat och erwënscht ass. Well wa mer et bei enger Kommissioun ufänken, da misste mer dat och grondsätzlech bei deenen anere maachen.

Dat ass elo e bëssen déi Spléckung, déi ech hei gesinn. Entweeder ass et fir jiddwereen d'selwecht, fir all Kommissioun d'selwecht, oder mir mussen op de Wee goen, deen Dir hei proposéiert.

Ech géif Iech dofir ganz einfach proposéieren, dass mer dat hei an d'Kommissioun eraginn. An d'Kommissioun vum Personal. Well déi spezifesch ass an där ganzer Diskussioun. An dann, jo, géife mir nach eng Kéier op Iech zoukommen, fir eng Propos an deenen zwou Äntwerten do ze maachen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech war och net preparéiert op dee Punkt, fannen en awer op jidde Fall interessant, well den Här Zwally an ech eppes gemeinsam hunn. Mir waren nämlech allen zwee schonn emol Oppositiounsvertrieder am Conseil de recrutement.

An den Här Zwally huet sécherlech mat enger Ausso Recht, dat ass, wann een dat konsequent mécht, ass dat en enormen Zäitopwand. Et muss een awer och soen, dat Argument mam File rouge, et sinn och jeeweils ëmmer aner Schäffen an deene Conseil-de-recrutementen. Nämlech déi jeeweileg Ressortschäffen.

Ech mengen generell, dass et net vu Muttwëll ass, sech Gedanken ze maachen, ob een net generell eng Zort ROI sollt hu fir Kommissiounen. Déi Fro hunn ech elo opgeworf. Ech fannen dat eng Reflexioun, déi net einfach esou ze verwerfen ass.

Ech fannen Är Propositioun, fir dat an d'Personalkommissioun ze ginn, och interessant, well – ech stéiere mech net, mee ech fannen, datt den Invitt vläicht och beräichert kéint ginn. Well am Moment gesinn ech am Invitt kee Widdersproch zu deem, wat Dir selwer gesot hutt.

Also dat heescht, mir brauchen en ROI, e Cadre clair et cohérent, Fonctionnement efficient, Mission alignée sur les enjeux de transparence. Sou, dat si jo alles wäertvoll Prinzippien. Mee wat heescht dat da konkreet? An da kéint een dann awer vläicht an där Kommissioun, sou wéi den Här Zwally et proposéiert huet, wou Dir dat och vläicht nach eng Kéier méi ausdäitschen. An da kann ee sech, wann dat dann aus der Kommissioun zeréckkënnt, am Hierscht nach eng Kéier ukucken.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Jo, wéi gesot, fir méi eng, solle mer soen, Participatioun vu jiddwerengem um Rekrutement hei ze garantéieren, ass dat op jiddefalls fir déi Kommissioun, fannen ech, eng gutt Iddi a mir ënnerstëtzen dat dann och.

An déi Bemierkung, datt een et da generell fir d'Kommissioune misst maachen, e Règlement d'ordre intérieur, déi loossen ech net onbedéngt gëllen. Wann dat fir déi heite Kommissioun géif agefouert ginn, misst dat net onbedéngt heeschen, datt dat fir all Kommissioun esou ass.

Dat ass fir mech keng Exklusioun an deem Sënn, wann s du et bei enger méchs, datt et muss bei deenen alleguerte gemaach ginn.

A wann et géif da schlussendlech bei deene meeschten oder alle gemaach ginn, géif ech dat och eng Beräicherung am Fong geholl fannen, fir sech méi breet opzestellen, fir datt een eng Vue huet vun deem, wat geschitt.

Übrigens ass de Rekrutement jo awer wierklech ee vun deene strateegesch wichtegste Kommissiounen an Angeleegenheeten, déi wou eng Gemeng traitéiert.

Also mir ënnerstëtzen dat.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Éier ech lech elo d'Wuert ginn, Här Funck, wëll ech lech eng Propos och maachen dann am Numm vum Schäfferot. Éier dann de leschte schwätzt, deen de Punkt eraginn huet.

Also de Conseil de recrutement baséiert jo eigentlech um Prinzipp vum Dialogue social, well och Vertrieder vun der Gewerkschaft dobäi sinn. E baséiert um Prinzipp, dass Aspekter mat an de Conseil de recrutement erabruecht ginn, déi soss net an dëser Form konsequent op anere Plazen an engem Conseil de recrutement consideréiert ginn, wéi d'Egalité des chances, wou e Vertrieder dobäi ass.

An amplaz dass mer elo géingen higoen a soen, de Schäfferot soll eppes ausschaffen an dohinner geheien, géing ech da proposéieren, dass alleguerten déi Leit, déi am Conseil de recrutement sinn, déi selwer en Deel dovunner

sinn, dat heescht, d'Gewerkschaften, déi spezifesch Servicer, déi mat un den Dësch geruff ginn, dass déi sollen e Règlement d'ordre intérieur definéieren. Deen dann an d'Kommissioun ka goen an da bei eis op den Dësch kënnt.

Respektiv ech mengen, dass mir selwer guer keen ofstëmme mussen, wann de Conseil de recrutement sech selwer ee gëtt, dass dat kee Sujet ass, wou de Gemengerot muss e Reglement stëmmen iwwer d'Fonctionnement just vum Conseil de recrutement.

Mee ech mengen, d'Propos wier, dass ee seet, dass net de Schäfferot invitéiert gëtt, fir elo eppes auszeschaffen, mee dass einfach d'Ausaarbechtung soll initiéiert ginn, an dat vum Conseil de recrutement selwer. Fir dann duerno de Projet vum Règlement d'ordre intérieur an d'Kommissioun ze ginn.

Ech wäert dat awer elo net schéi franséisch ausschreiwen. Dat maache mer duerno zesummen, wann dat eppes ass, wat Dir kënnt akzeptéieren.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Zwally, fir Är Explikatiounen. Här Buergermeeschter, merci fir Är Propos.

Mir kënnen dat dann als Conseil de recrutement élargi an deem Fall dann ausschaffen. Ganz gär. Ech hat Iech jo a menger E-Mail och d'Propos gemaach, dass ech als Oppositioun och do ganz gär dobäi wär.

Ech wëll awer soen, dass déi Iddi, fir et an d'Kommissioun ze bréngen, gutt ass am Sënn dovunner, dass d'Kommissioun a Kenntnis gesat gëtt, wat de Rôle vum Conseil de recrutement ass a wéi en zesummegesat ass, wat seng Missioune sinn.

Mee alleguerten déi Decisiounen, déi de Conseil de recrutement hëlt, ginn net an der Personalkommissioun diskutéiert. Dat musse mer eis bewosst sinn.

Well d'Huis-clos-Froe ginn a priori do net – et gëtt net gesot, wie soll gestëmmt ginn. Wat och ganz richteg ass. Also et ass net déi Fro, mee da muss ee sech stellen, mat wéi enger Legitimitéit herno d'Kommissioun soll iwwer de Fonctionnement vum Conseil de recrutement statuéieren oder aviséieren. Dat musse mer e bësse kucken, dass mer do net an en Däiwelskrees kommen.

Déi aner Saach ass, Här Zwally, an do sinn ech absolutt bei Iech, komm, mir ginn eise Kommissiounen allgemeng e Règlement d'ordre intérieur. Do sinn ech absolutt derfir. Ech mengen, do si mer alleguerten hei derfir. Dat géif de Kader nach vill méi genau a prezis definéieren.

Dofir, Här Buergermeeschter, ech liewen domat. Ech wär awer trotzdeem frou, an net dass et herno geet wéi bei anere Punkten, wou gesot gëtt, mir ginn de Punkt an d'Kommissioun a wou dann iergendwann eng Kéier, ech well net soen ënnerbueden, mee da vläicht an engem Tirang verschwannen.

Komm, mir ginn eis awer en Zäitplang a mir soen, mir hätten dat do gär – an den Här Sehovic huet mer scho gesot, dass de Schäfferot awer Recht op eng Vakanz huet. Do si mir eis net eens.

Mee ech mengen awer, dass mer sollten eis eng Zäitschinn gi bis Januar beispillsweis. Dann hu mer alleguer Zäit, fir dat auszeschaffen, fir zesummenzekommen. An da kréie mer dat hin an dann hu mer eng propper Reegelung, souwuel fir d'Kommissioune wéi fir de Conseil de recrutement.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Well ech ausdrécklech ernimmt gi sinn. Här Funck, wann Der mech zitéiert, zitéiert mech wannechgelift richteg.

Ech hu gemengt, dass et e bëssen abenteuerlech wier, iwwer de Summer esou eppes auszeschaffen …

*(Interventioun Här Ben Funck)*

Ma nee.

Also et ass jo net de Schäfferot, deen dat do eleng ausschafft, mee do ass e ganze Service Ressources humaines hannendrun. Dat wollt ech awer richtegstellen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Also, Här Funck, kënne mer einfach domadder verbleiwen, dass mer soen – dat trennen ech dann awer. Well dat war elo wierklech net de Punkt, fir elo iwwer e Reglement fir alleguer d'Kommissiounen ze diskutéieren. Elo si mer awer ganz wäit ewech vum Personalpunkt vun hei.

Dass mer soen, okee, am September, wann dann och d'Membere vum Conseil de recrutement alleguer erëm do sinn, da kréien déi d'Aufgab, fir eeben un engem Règlement d'ordre intérieur ze schaffen.

An deem Sënn loosse mer elo einfach dat hei do leien a mir ginn et dem Conseil selwer, fir drun ze schaffen.

## 9. Sudstroum; augmentation de capital; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt Nummer néng. Dat ass d'Sudstroum.

Do geet et ëm eng Augmentation de capital. Déi hate mer den 20. Dezember 2024 hei unanime am Gemengerot gestëmmt. An hei geet et dann elo drëms, fir dat, wat mer deemools gestëmmt haten, och nach eng Kéier an engem Akt ze offizialiséieren.

Ech wäert elo net nach eng Kéier dat maachen, wat den Torsten Schockmel deemools gemaach hat an eis dat alles en long et en large presentéiert hat.

Gëtt et Wuertmeldungen zu dësem Akt? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Enesa Agovic)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 10.1. État des restants pour l'exercice 2024; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei den Etat des restants.

Dat ass eng Etapp, déi mer eemol am Joer mussen hei stëmmen. Dat ass eng comptabilitéitstechnesch Demarche, wou mer no der Clôture vun de Konten alleguer déi Scholden, déi mer d'lescht Joer zegutt haten, 2024, do dann neutraliséieren a se dann eeben an d'Bicher fir d'Joer 2025 iwwerhuelen.

Et handelt sech heibäi am ordinäre Budget ëm Scholden, déi nach opstinn, vun 2,3 Milliounen Euro. An am extraordinäre Budget ëm ronn 1.000 € just.

Dat ass méi wéi nach an de leschte Joren. Dat läit awer notamment domadder zesummen, dass mer nach eng Transaktioun mussen ausféieren, eng grouss vun iwwer enger Millioun, tëschent notamment der Sudstroum an eis.

An dann ass erëm dee Chiffer vun de Suen, dee mir nach zegutt hunn, op eis Bicher ze kréien, dann ass dee schonn erëm relativiséiert an entsprécht deem vun de leschte Joren.

Wien eis alles wat schëlt, do gëtt en Dossier. Dee kënnen d'Conseilleren ëmmer am Sekretariat aliesen.

Gëtt et soss Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Enesa Agovic)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 10.2. Parc Nonnewisen (Ehlerange – Pavillon); aménagement; devis complémentaire; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Bei den Devisen hu mer een Zousazdevis ze stëmmen. Dat ass fir d'Amenagement am Park Nonnewisen. Dee chiffréiert sech iwwer 500.000 €.

Et ass esou, dass hei eng schlecht Buedembeschafenheet constatéiert gouf an dass eebe méi Buedem huet missen erausterrasséiert ginn an huet missen deementspriechend evakuéiert ginn a sur place eeben da missen hin an hier beweegt ginn.

Dat huet Effeten. Dat huet Effeten, dass eeben dann och plazeweis Buedem feelt a mir mussen zousätzleche Buedem ugeliwwert kréien an dee muss an de Projet agebaut

ginn. Dat huet erëm als Effet, dass dat mat engem zousätzleche Buedemaushub verbonnen ass an dass och en Debarassage muss gemaach ginn an eeben nach nei Plantatioune musse gesat ginn. Op döser Plaz an op anere Plazen.

An notamment duerch alleguer déi Aarbecht, déi dann do ufalen, duerch d'Buedem-beschafenheet, gëtt dat dann eeben dee Chiffer, dee méi hei genannt gëtt. Déi definitiv Aarbechte wäerte mat de Plantatiounen am Hierscht 2025 ofgeschloss ginn.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir stëmmen elo erëm 500.000 €. Dir hutt zwar elo eng kleng Explikatioun ginn, mee mir haten, elo eréischt viru Kuerzem hate mer eng Situatioun, wou, fir d'Kanalstrooss elo net ze nennen, dann iergend e Bildche gewise kréien.

Ech mengen, am Interêt vun der Transparenz a wa mer herno da matenee streiden, wou mer da soen, Dir hutt et awer gewise kritt oder Dir wosst, wat Der géift maachen do.

An awer, wa mer vun esou grousse Budgete wéi dat do schwätzen, huele mer deen do elo, well et eng Extensioun ass a well et jo elo eppes ass, wat souwisou amgaang ass a wat Wurscht ass, wat am Fong elo als Vott hei erauskënnt. Huele mer deen heiten elo als Zeechen a mir wäerten eis hei just enthalen.

An Zukunft hätte mer gär bei all deene Projeten e Plang, wann néideg eng Coupe an eng Zäitschinn.

Dat ass, mengen ech, am einfachste fir eis alleguer, duerno ze gesinn- well déi ginn et jo. Et ass jo net, dass déi Leit do schaffen einfach an d'Gréngs eran.

Ech denken, dass mer grouss an al genuch sinn an intelligent genuch sinn, fir dat mat engem Plang kënnen ze händelen. Da ginn d'Explikatioune méi kloer. A mir wëssen och wierklech, wat mer stëmmen. Well mir stëmmen hei 500.000 € fir den Déifbau, 170.000 € Planzen. Ech weess net, ob dat de richtege Service ass. Dat ass elo mol esou eng Fro, déi ech einfach esou an de Raum stellen.

Dofir géif ech mengen, an Zukunft wär dat am Sënn vun eis alleguer, dass mer all déi Dossieren do vill méi explizitt presentéiert kréien. Dës Kéier wäerte mer eis nach enthalen, an Zukunft stëmme mer dogéint.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz, fir déi Bemierkung.

Ech weess net, ob mer se hei op dëser Plaz vill méi explizitt musse presentéieren. Ech mengen, dofir gëtt et jo dann och Kommissiounen, wou esou Projete kënnen expliziéiert ginn. Well soss mer nach e puer Gemengeréit drun, wa Projeten, déi mer eigentlech scho kennen, ëmmer an ëmmer erëm hei expliziéieren.

Mee, voilà, d'Kommissioune kënnen och hir Aarbechte maachen. Mir kucken, Är Fuerderung ze integréieren an de Prozess.

Au vote.

- ≡ **Enesa Agovic**
- ≡ **Aldin Avdic**
- ≡ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ≡ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ≡ **Steve Faltz**
- ≡ **Ben Funck** ↻ (Enesa Agovic)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ≡ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ≡ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dir hutt Är Abstentioun scho begrënnt. Wëllt Der se nach eng Kéier begrënnen?

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Ganz kuerz.

Wat Der elo just gesot hutt, Här Buergermeeschter, ass jo, wa se an de Kommissioune sinn, da gëtt et jo e Plang. Dann ass et jo okee. Da sinn d'Donnéeën do. Dat geet jo och déck duer.

Also mir mussen dat hei elo net 37 Mol weisen. Wa se an der Kommissioun do sinn, mat engem Plang, alles okee.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da froen ech den Här Baum, ob hie seng Abstentioun wëll begrënnen.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Nee.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An da froen ech den Här Schmit, ob hien dat selwecht och nach eng Kéier a senge Wierder wëll soen. Natierlech.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo. Merci, Här Buergermeeschter.

Wéi gesot, dat si gutt Argumenter, wou den Här Faltz do gesot huet. A wéi hien och bemierkt hat, wann et ëm grouss Zomme geet, fannen ech dat och eng gutt Iddi, datt dat esou gehandhaabt gëtt. Merci.

## 11.1 Associations sportives – Subsides Jeunes 2025; décision

## 11.2. Subsides ordinaires; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Subsiden.

Ech gi se elo net alleguer hei duerch. Dir wësst, wéi de Prozess do ass.

Do gëtt et jee no Veräin eng Opdeelung, déi an déi verschidde Kommissioune geet. Déi verschidde Kommissioune schaffen da Proposen aus an déi kommen dann hei an de Gemengerot, entweeder opgrond vun deene Reglementer, déi bestinn, entweeder op Virgoensweisen, déi aus deene Jore virdru stamen.

Ech wëll Iech och driwwer informéieren, dass et, sou wéi am Koalitiounsprogramm virgesinn, entre-temps e Grupp gëtt vu verschiddene

Presidente vu Kommissiounen, déi amgaange sinn, allgemeng iwwer déi Prozedur an déi Richtlinne fir d'Subsiden, fir sech déi unzekucken, fir eventuell Adaptatiounen heizou ze proposéieren.

Mee à ce stade sinn dat hei d'Subsiden, sou wéi se proposéiert ginn.

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, just zwee Wuert.

Also d'Subsides ordinaires – mir huele jo alles an engem.

Ech wëll vläicht déi Remark maachen zu de Subside vun de Kulturclibb, -ASBLen. Déi kréien alleguerte 600 €. Ech mengen, 2019 war ech fir d'éischt an enger Kulturkommissioun. Do ass gesot ginn, mir passen eis un de Sport un.

An effektiv de Sport huet do schonn eng Méiglechkeet, fir déi Clibb, jo, komm, mir soen, et ze quantifizéieren, wéi wäit si an déi Ausgaben an d'Engagementer fir d'Stad an an an. Quitt datt se net héich genuch sinn, Här Zwally, mee dat steet op engem aneren Ziedel.

Ënner dem Stréch, ech mengen, do kënnt eng gutt Basis. An do mengen ech, wär et eng gutt Iddi, fir de Kulturservice, sech dee selwechte Kostüm unzedoen, fir an Zukunft do virunzemaachen.

Wéi gesot, 2019 war déi éischt Kéier, wou gesot gouf, mir passen eis un de Sport un. Da maacht et och esou, wannechgelift. Wien och ëmmer ech dann heimat muss opfuerderen.

Dat, mengen ech, wär och am Interêt vun de Clibb. Well ech ka mer virstellen, dass vläicht e méi grousse Club do e bësse jalous op e méi klenge Club, wann en dat selwecht kritt.

Voilà, dat war et am Fong schonn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et soss Wuertmeldungen?

Jo, dass een dat mat an d'Diskussioun kann huelen, déi Remark, wou Dir formuléiert hutt.

Ech kéint och elo aner Veräiner opzielen. Dir wësst, ech kommen aus dem Scoutism. Ech fannen, dass déi och eng ganz wichteg Aarbecht maachen an déi nach ënnendrënner stinn, ënner deem Montant, wou Dir elo genannt hutt. An ech wëll dat net maachen, well ech net gär wëll ee Club par rapport zu deem aneren hei nennen.

Wat d'Kultur betrëfft, wëll ech awer drop hiweisen, dass et esou ass, dass et do jo nach Subside gëtt, déi op Projete bedéngt sinn. Déi zousätzlech kommen.

Dat ass awer eppes, wat am Sport éischter net de Fall ass, oder do déi grouss Exceptioun ass. Dat heescht, déi Rechnung einfach ze maachen, dass dat do de Subsid ass, wou d'Kultur kritt a soss näischt géing dropkréien en fonction vun deem, wat se grad am Joer als Aktivitéite maachen, dat ass net de Fall.

Dat do ass de Basismontant. A bei der Kultur kënnt eigentlech an enger Form nach eppes drop.

Au vote fir alleguer d'Subsiden zesummen.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Enesa Agovic)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 12.1. Règlement général de la circulation; modifications; décision

### 12.2. Confirmation des règlements temporaires de circulation; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Verkéiersreglementer. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech géing gär ufänke mat der Propos, fir d'Punkten 11.1 an 11.2 zesummen ze traitéieren. Ass dat an der Rei? Also déi permanent Ännerungen an déi temporär. Okee? Merci.

Mir hunn zwou permanent Ännerungen um Verkéiersreglement. Déi éischt betrëfft de sougenannte Stationnement minute, wou mer elo eigentlech dem Gemengerot d'Ëmsetzung vun enger Mesure proposéieren, déi mer esou mam Escher Geschäftsverband diskutéiert hunn.

Et geet ëm d'Prolongation vum Stationnement minute am Escher Stadkär, dee bis elo op 20 Minutte gratis Parke reglementéiert war. An do gi mer erop op 30 Minutten op all deene Stationnementer. Dat ass an der Zénon Bernard, an der Xavier Brasseur, am Gruef an an der Rue de la Libération. Dat ass déi éischt Ännerung.

Déi zweet Ännerung betrëfft zwou Mesuren an der Rue Jean l'Aveugle. Déi eng ass d'Mise en sens unique vun der Strooss, déi direkt e puer Ziler huet.

Éischtens geet et drëms, den Duerchgangstrafic an der Strooss ze limitéieren. A mat der gewonnener Plaz, déi mer do hunn, kënne mer zwielef nei Parkplazen amenagéieren, déi mer och géingen en alternance op béide Säite vun der Strooss maachen. Dëst mat der Iwwerleeung, dass mer doduerch dann och nach d'Vitess aus der Strooss e bësse kënne reduzéieren. Doduerch dass een net riicht fuere kann, mee manövréiere misst.

Dat sinn déi zwou permanent Ännerungen. An dann hu mer fënnef Chantieren: um Boulevard Hubert Clément, op der Leier, an der Rue d'Audun, op der Porte de France an an der Rue du Moulin, wou jeeweils fir d'Durée vum Chantier verschidden temporär Mesurë musse geholl ginn.

Ech bieden ëm Zoustëmmung vum Gemengerot.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Och hei eng ganz kuerz. Natierlech iwwer d'Rue Jean l'Aveugle.

Mir sinn eis jo kloer, dass dat, sou wéi Dir gesot hat, déi Parkplaze sinn, déi kënnen opgefaange ginn doduerch, dass an der Kanalstrooss Parkplaze verluer gaange sinn. Vu dass déi awer elo nogeschoss gi sinn, géif ech mengen, dat wär awer eng Iddi gewiescht, déi net am Ufank an der Planung mat dra war an déi elo nogeschoss gëtt. Ass am Fong awer och egal.

Ech wëll awer hoffen, dass an Zukunft, wa mer aus Double-sensë Sens-uniquë maachen, mat deem gewonnene Raum net Parkraum entsteet, mee alternativ Mobilitéit. Ech mengen, do si mer op enger Linn.

An dësem Fall mengen ech, dass de Besoin do ass an dass et eng gutt Léisung ass. Mee an Zukunft wär ech méi frou iwwer alternativ Mobilitéit. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, ech wëll dat hei no deene Problemer an och deenen Ëmsetzungsproblemer, wat a Verbindung mat der Kanalstrooss rezent geschitt ass, fannen ech dat hei eng ganz gutt Iddi awer. Datt et op jiddefalls an dësem Fall a Parkplazen ëmgewandelt gëtt. An dat begréisse mer.

A wann et och nach e puer Parkplaze méi ze fanne wären, dann hätte mer och näischt dogéint.

Also, wéi gesot, an deem Sënn merci villmools.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Sehovic, wëllt Der äntweren?

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Jo, merci.

Zu de Parkplazen an der Rue Jean l'Aveugle. Déi waren annoncéiert, wéi mer d'Mesuren an der Kanalstrooss annoncéiert hunn. Do muss ee just de Gemengerot nach eng Kéier nokucken. Dat ass net nogeschoss ginn. Dat ass dès le départ eigentlech an der Planung mat dra gewiescht.

Genau esou wéi iwwregens d'Couppen, 3D-Renderingen an all méiglech Erklärungen zu där provisorescher Popup-Mesure an der Kanalstrooss. Ech mengen, do hu verschidde Leit eng bësse selektiv Memoire vun deem, wat se am Endeffekt awer ofgestëmmt hunn.

Mee ech soe Merci fir d'Zoustëmmung.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Et geet an déi richteg Richtung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Enesa Agovic)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 13. Contrats de bail et avenants; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Contrat-de-bailen. Do hu mer der zwee ofzestëmmen. Detailer waren am Dossier.

Ginn et Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Enesa Agovic)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 14. Commissions consultatives; modifications; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir hunn Ännerungen an de Kommissioune virleie vun de Lénken an vun de Gréngen. Ech wäert se net all opzielen. Dir hat se ausgedeelt kritt.

Et gëtt keng Wuertmeldung dozou. Au vote.

**[Vott, 15 Jo]**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Et fält op, wa verschidde Leit schonn heem sinn, da ginn déi Ziedelen och net esou kleng gefaalt.

Mir hu 15 Mol Jo.

Da soen ech Iech Merci fir dëse Gemengerot. Mir hunn nächst Woch nach eng Kéier en Ofschlossiessen. Fréier war dat ëmmer direkt nom Gemengerot, awer da si mer eréischt um 13.30 Auer dohinner komm an dann huet dat nach gedauert. Dowéinst hu mer dat dann op nächst Woch verluecht.

Dëse Weekend ass d'Pride. Profitéiert dovunner, sidd Member, gitt mat a weist, wéi d'Faarwe vun der Stad Esch sinn op dësem Weekend.

Iech alleguer e ganz schéine Weekend an e gudde Summer.

# CONSEIL COMMUNAL



**Christian Weis**
CSV



**Pierre-Marc Knaff**
DP



**André Zwally**
CSV



**Meris Sehovic**
déi gréng



**Bruno Cavaleiro**
CSV



**Mandy Ragni**
déi gréng



**Daliah Scholl**
DP



**Ben Funck**
LSAP



**Steve Faltz**
LSAP



**Liz Braz**
LSAP



**Enesa Agovic**
LSAP



**Sacha Pulli**
LSAP



**Pascal Bermes**
CSV



**Joy Weyrich**
CSV



**Marc Baum**
déi Lénk



**Bernard Schmit**
ADR



**Tammy Anna Broers**
déi gréng



**Dejvid Ramdedovic**
CSV



**Aldin Avdic**
LSAP